n°6A+6B/2024








# GEMENGENINFO

RAPPORTS DES CONSEILS COMMUNAUX
DU 12.7. ET DU 25.7.2024

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit & Christiane Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°6 A+B / 2024 - Parution: septembre 2024 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

## SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 12.7.2024


Rapport sommaire en français 05

**1. CORRESPONDANCE** 09

**2. CIRCULATION** 10
Approbation de la modification à apporter au règlement général de la circulation – rue de l'Indépendance

**3. FINANCES** 11
3.1. Approbation d'un contrat de bail commercial de sous-location avec Monsieur Miroto Rui Da Cunha pour le magasin « Wild Shops S.à r.l. » dans le local commercial, sis 65, avenue G.-D. Charlotte
3.2. Approbation d'un contrat de bail commercial de sous-location avec Madame Loredana Di Cino et Monsieur Ambrogio Gino Marinelli pour le magasin « Loredana Candles & Co S.àr.l. » dans le local commercial, sis 65, avenue G.-D. Charlotte
3.3. Approbation d'un contrat de bail commercial de sous-location avec la société Kasadalux S.à r.l. – SIS pour l'installation d'un pop-up store dans le local commercial, sis 38, avenue G.-D. Charlotte
3.4. Approbation de la convention relative à la réalisation du projet « Observatoire social de la Ville de Dudelange » avec le Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER), établissement public de droit luxembourgeois
3.5. Approbation de la convention relative aux aides à la pierre avec le Ministère du Logement et de l'Aménagement du territoire relative à la construction de logements destinés à la location abordable sis rue Nic Bodry
3.6. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de raclage et de réfection de diverses rues pour les années 2025 à 2027

**4. URBANISME** 23
4.1. Approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) – parties écrite et graphique concernant le lieu-dit « an den Kuebestrachen » [Dossier 1] et du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – plan de repérage, concernant le lieu-dit « an den Kuebestrachen » [Dossier 1] comportant : PAG – décision relative aux parties écrite et graphique; PAPQE – décision relative au plan de repérage.
4.2. Approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE), concernant la partie écrite (plusieurs articles) et le plan de repérage (légende) [Dossier 2]
4.3. Approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) – parties écrite et graphique, concernant 8 modifications ponctuelles de la partie graphique et plusieurs articles de la partie écrite [DOSSIER 3] et du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – partie écrite et plan de repérage, concernant 5 modifications ponctuelles du plan de repérage et de la partie écrite [DOSSIER 3] comportant : PAG – décision relative aux parties écrite et graphique; PAPQE – décision relative au plan de repérage et à la partie écrite
4.4. Approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) – parties écrite et graphique, concernant 5 modifications ponctuelles de la partie graphique en zone verte et de l'article 4 de la partie écrite [DOSSIER 4] et du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – partie écrite et plan de repérage, concernant 5 modifications ponctuelles du plan de repérage et de la partie écrite [DOSSIER 4] comportant : PAG – décision relative aux parties écrite et graphique; PAPQE – décision relative au plan de repérage et à la partie écrite
4.5. Approbation d'un projet de lotissement/morcellement d'une parcelle de terrain dans la rue Pierre Krier à Burange autorisation d'ester en justice à conférer en matière de réglementation urbanistique communale

**5. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL** – Approbation des plans de développement de l'établissement scolaire 2024-2027 des écoles Boudersberg, Brill, Deich, Gaffelt, Lenkeschléi, Ribeschpont et Strutzbierg 30

**6. SUBSIDES POUR ÉTUDES SECONDAIRES ET POST-SECONDAIRES** – Approbation des modifications à apporter au règlement communal relatif aux subsides pour études secondaires et post-secondaires 40

**7. COMMISSIONS COMMUNALES** - Approbation des modifications à apporter à la composition des commissions communales 43

**8. PERSONNEL** 43
8.1. Création de deux postes de salarié, agent de nettoyage, carrière A3 (agent polyvalent) avec une tâche hebdomadaire de 36 heures suivant dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud (service des sports)
8.2. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, administratif (service culturel)
8.3. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement B1, technique (travaux publics)

**9. MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION DP** 45
Sensibilisatioun géint de Konsum vun Alkohol während der Schwangerschaft

**10. MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION DP** 48
Participatioun vun der Gemeng Diddeleng um Projet « Mol nach emol »

**11. MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION CSV** 50
Resiliatioun vun engem Contrat de bail commercial mat der Associatioun SOURRIRE a.s.b.l. an Annulatioun vun engem Changement de destination vun engem Gemengenhaus op 43, rue Ribeschpont

**12. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 57

## SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 25.7.2024

Rapport sommaire en français 08

**1. URBANISME** 58

Approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) – parties écrite et graphique, concernant 5 modifications ponctuelles de la partie graphique en zone verte et de l'article 4 de la partie écrite [DOSSIER 4] et du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – partie écrite et plan de repérage, concernant 5 modifications ponctuelles du plan de repérage et de la partie écrite [DOSSIER 4] comportant :

- PAG – décision relative aux parties écrite et graphique;
- PAP QE – décision relative au plan de repérage et à la partie écrite

Le projet concerne uniquement les modifications suivantes :

- au lieu-dit 23, rue Dr Orphée Bernard – modification sollicitée en vue d'aligner la situation de droit à la situation de fait ; la parcelle en question est un jardin privatif qui n'est pas accessible au public ;

- au lieu-dit « Waldschoul » – modification sollicitée en vue de faciliter le réaménagement du site pour des besoins d'utilité public ;

- au lieu-dit « NeiSchmelz » – modification sollicitée en vue de garantir la réalisation des mesures d'atténuation anticipées dans le cadre de la mise en oeuvre du projet NeiSchmelz ;

- au lieu-dit rue du Nord – modification sollicitée en vue de permettre l'agrandissement du bassin d'orages ans la rue du Nord, mesure exigée par l'Administration de la Gestion de l'Eau.

# RAPPORT SOMMAIRE

## SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 12.7.2024

**Présents :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries (à l'exception du point numéro 7 de l'ordre du jour) ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova (à l'exception des points numéros 1, 2, 3.1, 3.2, 8.2 et 8.3 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Alain Clement (à l'exception du point numéro 8.2 de l'ordre du jour) ; Madame Fabienne Dimmer ; Monsieur Jean-Paul Gangler (à l'exception du point numéro 4.4.2 de l'ordre du jour) ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler (à l'exception des points numéros 8.2 et 8.3 de l'ordre du jour), Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen (à l'exception des points numéro 11 et 12 de l'ordre du jour) ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. • **Absents :** Monsieur Roby Goergen, conseiller communal, excusé. • **Délégations :** Monsieur Roby Goergen, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Madame Fabienne Dimmer, conseillère communale, pour voter en son nom et pour son compte pour l'ensemble des points à l'ordre du jour. Madame Semiray Ahmedova, conseillère communale, a conféré une délégation de vote à Monsieur Yves Steffen, conseiller communal, pour voter en son nom et pour son compte pour les points numéros 1, 2, 3.1 et 3.2 de l'ordre du jour. Monsieur Jean-Paul Gangler, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale, pour voter en son nom et pour son compte pour le point numéro 4.4.2 de l'ordre du jour. Monsieur Yves Steffen, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Madame Semiray Ahmedova, conseillère communale, pour voter en son nom et pour son compte pour les points numéros 11 et 12 de l'ordre du jour.

### 1 – CORRESPONDANCE

La parole est adressée à Monsieur Alain Clement, conseiller communal, qui informe le conseil communal qu'il remettra la démission de ses fonctions de conseiller communal pour des raisons personnelles à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures et pour information à Monsieur le bourgmestre. Il quittera sa fonction avec effet au 15 septembre 2024.
Les membres du conseil communal remercient par la suite Monsieur Clement pour la bonne collaboration pendant l'exercice de son mandat.

### 2 – CIRCULATION

Le conseil communal approuve unanimement le règlement de la circulation dans la rue de l'Indépendance portant réglementation d'un arrêt autobus pour le ramassage scolaire, d'une zone de rencontre entre les maisons numéros 5 à 13A et d'une zone de circulation avec vitesse limitée à 30 km/h entre la route de Zoufftgen et la maison numéro 3 de la rue de l'Indépendance et entre la rue Schiller et la maison numéro 15 de la rue de l'Indépendance.

### 3 – FINANCES

Le conseil communal approuve à l'unanimité les dossiers suivants :

3.1. le contrat de bail commercial de sous-location avec Monsieur Miroto Rui Da Cunha de Luxembourg pour la durée du 1er juillet 2024 au 30 septembre 2024, au sujet de la sous-location du local à usage commercial, 65, avenue G.-D. Charlotte dans le cadre d'un projet de type « pop-up stores » pour l'exploitation de son magasin « Wild Shops S.à r.l. » ;

3.2. le contrat de bail commercial de sous-location avec Madame Loredana Di Cino et Monsieur Ambrogio Gino Marinelli de Dudelange pour la durée du 1er octobre 2024 au 31 décembre 2024, au sujet de la sous-location du local à usage commercial, 65, avenue G.-D. Charlotte dans le cadre d'un projet de type « pop-up stores » pour l'exploitation de son magasin « Loredana Candles & Co S.àr.l. » ;

3.3. le contrat de bail commercial de sous-location avec Monsieur Daniel Kasindi Naimana de Mersch pour la durée du 16 mai 2024 au 31 décembre 2024, au sujet de la sous-location du local à usage commercial, 38, avenue G.-D. Charlotte dans le cadre d'un projet de type « pop-up stores » pour l'exploitation de son magasin « Kasadalux S.à r.l. – SIS » ;

3.4. la convention relative à la réalisation du projet « Observatoire social de la Ville de Dudelange » avec le Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER), établissement public de droit luxembourgeois. Cette convention s'inscrit dans la déclaration de notre collège des bourgmestre et échevins pour les années 2023 à 2029 qui prévoit dans son chapitre 7 – Affaires sociales, emploi et égalité des chances, qu'« un « plan de cohésion sociale », englobant une stratégie transversale en matière d'emploi, de formation, de santé, de logement et de culture, sera mis en place » et que « ce plan sera élaboré à la suite d'analyses à mener par un observatoire social qui sera créé en collaboration avec l'Institut luxembourgeois de recherches socio-économiques (LISER) ». Le but du projet de l'observatoire social est de mesurer régulièrement l'évolution de la situation sociale dans la commune et, en tant qu'outil d'aide à la décision politique pour alimenter un « plan de cohésion sociale ». L'observatoire social permettra en outre de faciliter les échanges d'information entre les différents services, afin de créer un cadre régulier de dialogue permettant de renforcer la cohérence des différentes actions menées en matière de politique sociale ;

3.5. la convention avec le Ministère du Logement et de l'Aménagement du territoire accordant

à l'administration communale de la Ville de Dudelange des aides à la pierre relatives à la construction de logements destinés à location abordable, soit six maisons sises à Dudelange, 25, 25A, 25B, 27, 27A et 27B, rue Nic Bodry ;

3.6. le devis estimatif d'un montant de 600'000,- € relatif au raclage et à la réfection de diverses rues pour les années 2025 à 2027.

**4 – URBANISME**

Les décisions qui suivent concernent plusieurs modifications ponctuelles à apporter au Plan d'Aménagement Général (PAG) et du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) de la Ville de Dudelange. Les dossiers complets peuvent être consultés sur le site internet de la Ville de Dudelange – www.dudelange.lu. Les dossiers ont été mis en procédure par des décisions du conseil communal du 8 novembre 2023.

4.1. Le conseil communal approuve à l'unanimité le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Ville de Dudelange – parties écrite et graphique concernant le lieu-dit « an den Kuebestrachen », présentée par le collège des bourgmestre et échevins et élaborée par le bureau d'études Zeyen & Baumann et ce sans qu'une modification n'ait dû être apportée audit projet et le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – plan de repérage, concernant le lieu-dit « an den Kuebestrachen », dans le cadre de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – parties écrite et graphique, concernant le lieu-dit « an den Kuebestrachen » et ce sans qu'une modification n'ait dû être apportée audit projet. L'approbation du projet est nécessaire pour l'extension du site existent du Laboratoire National de Santé (LNS) au nord de la Ville dû à l'expansion de son activité.

4.2. Le conseil communal approuve à l'unanimité le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) concernant la partie écrite (plusieurs articles) et le plan de repérage (légende) en tenant compte de l'avis du Ministre des Affaires intérieures. La modification du plan de repérage vise à redresser quelques oublis survenus à l'occasion de son élaboration tandis que la modification de la partie écrite du PAP QE vise la modification de certains articles afin de mettre à jour et d'adapter certaines prescriptions dans le but de permettre la réalisation de certains projets.

4.3 A l'unanimité est approuvé le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Ville de Dudelange – parties écrite et graphique, concernant 8 modifications ponctuelles de la partie graphique et plusieurs articles de la partie écrite, présentée par le collège des bourgmestre et échevins et élaborée par le bureau d'études Zeyen & Baumann et ce sans qu'une modification n'ait dû être apportée audit projet et le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – partie écrite et plan de repérage, concernant 5 modifications ponctuelles du plan de repérage et de la partie écrite, dans le cadre de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange et ce sans qu'une modification n'ait dû être apportée audit projet.

La modification de la légende de la partie graphique est opérée en vue de réaliser une mise à jour des bâtiments bénéficiant des effets de classement comme patrimoine culturel national, reposant sur l'inventaire de l'Institut National pour le patrimoine Architectural (INPA).

Les modifications ponctuelles de la partie graphique concernent : le site scolaire Gaffelt en vue de permettre son extension ; l'ajout de la protection nationale « Immeubles et objets bénéficiant des effets de classement comme patrimoine culturel national » : aux anciennes fermes au lieu-dit « 24 et 26 rue de de la Chapelle » et à la chapelle Saint-Luc au lieu-dit « 30 rue de de la Chapelle » ; à une partie des bâtiments du site « Greisendall » ; à l'ancienne ferme au lieu-dit « 56, route de Burange » ; à l'immeuble « 82 rue du Parc » ; le lieu-dit « 36-38 rue de la Libération » – modification sollicitée en vue de redresser les limites de la « zone mixte urbaine », respectivement du domaine public, suite à des échanges fonciers entre l'administration communale et le propriétaire du terrain ;

le redressement de 2 erreurs matérielles – modification sollicitée en vue de redresser deux erreurs matérielles inscrites dans la partie graphique du PAG lors de la dernière refonte du PAG en 2022 ; la zone BEP au lieu-dit « op Kiirchheckercher » du quartier Budersberg – modification sollicitée en vue d'éviter toute insécurité juridique en matière de construction de logements locatifs sociaux abordables, suite à des échanges avec le Ministère de l'Intérieur ; au lieu-dit « terrains de tennis » au quartier « Brill » – modification sollicitée en vue d'éviter toute insécurité juridique en matière de construction de logements locatifs sociaux abordables, suite aux échanges avec le Ministère des Affaires intérieures ; au lieu-dit « Menkeswiss » du quartier Burange – modification sollicitée en vue d'éviter toute insécurité juridique en matière de construction de logements locatifs sociaux abordables, suite à des échanges avec le Ministère de l'Intérieur ; au lieu-dit 90, rue Grand-Duc Adolphe du quartier Schmelz – modification sollicitée en vue d'éviter toute insécurité juridique en matière de construction de logements locatifs sociaux abordables, suite à des échanges avec le Ministère de l'Intérieur ;

Des modifications ponctuelles de la partie écrite de divers articles du PAG et du PAP QE et le redressement d'une erreur matérielle dans le schéma directeur de la rue Jean Wolter sont également opérés.

4.4. Ce point est divisé en deux décisions. Ainsi, le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Ville de Dudelange – parties écrite et graphique, concernant 5 modifications ponctuelles de la partie graphique en zone verte et de l'article 4 de la partie écrite, présentée par le collège des bourgmestre et échevins et élaborée par le bureau d'études Zeyen & Baumann, sans qu'une modification n'ait dû être apportée audit projet et le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – partie écrite et plan de repérage, concernant 5 modifications ponctuelles du plan de repérage et de la partie écrite, dans le cadre de la modification

ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange, sans qu'une modification n'ait dû être apportée audit projet, est avalisé avec 15 voix et 4 abstentions en ce qui concerne la modification de la partie graphique du site Wolser H (zone d'activités économiques nationale), modification sollicitée en vue de réaliser des compensations environnementales dans le cadre de l'aménagement du nouveau site CGDIS ; est approuvé à l'unanimité en ce qui concerne les points suivants : au lieu-dit 23, rue Dr Orphée Bernard – modification sollicitée en vue d'aligner la situation de droit à la situation de fait ; la parcelle en question est un jardin privatif qui n'est pas accessible au public ; au lieu-dit « Waldschoul » – modification sollicitée en vue de faciliter le réaménagement du site pour des besoins d'utilité public ; au lieu-dit « NeiSchmelz » – modification sollicitée en vue de garantir la réalisation des mesures d'atténuation anticipées dans le cadre de la mise en œuvre du projet NeiSchmelz ; au lieu-dit rue du Nord – modification sollicitée en vue de permettre l'agrandissement du bassin d'orages ans la rue du Nord, mesure exigée par l'Administration de la Gestion de l'Eau.

4.5. Le conseil communal accorde unanimement l'autorisation de lotissement, morcellement d'une parcelle cadastrale sise 56, rue Pierre Krier en lot 1 et lot 2, suivant la demande de morcellement de la société TERRA G.O. pour le compte de Monsieur et Madame Rahim et Mirsada Skrijelj de Dudelange. Le morcellement de la parcelle a pour but le découpage de la maison existante en deux maisons unifamiliales après transformation.

4.6. L'autorisation pour agir en justice est accordée à l'unanimité par le conseil communal au collège des bourgmestre et échevins, ceci en vue de défendre les intérêts de la Ville de Dudelange en matière de réglementation urbanistique.

## 5 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

A l'unanimité, le conseil communal approuve les plans de développement de l'établissement scolaire 2024-2027 des écoles Boudersberg, Brill, Deich, Gaffelt, Lenkeschléi, Ribeschpont et Strutzbierg.

## 6 – RÈGLEMENT COMMUNAL RELATIF AUX SUBSIDES POUR ÉTUDES SECONDAIRES ET POST-SECONDAIRES

Les amendements au règlement communal relatif aux subsides pour études secondaires et post-secondaires sont acceptés d'un commun accord. Les montants des primes d'encouragement pour études universitaires ou supérieures sont adaptés. De plus, le régime de primes d'encouragement pour études secondaires du régime classique ou général et professionnel est étendu pour prévoir l'attribution de primes également aux élèves du régime professionnel.

## 7 – COMMISSIONS

Le conseil communal marque unanimement son accord aux modifications suivantes au pool des remplaçants : sont ajoutés au pool des remplaçants : Monsieur Georges Brandenburger, Monsieur Luka Campos, Madame Anne Leser, Madame Carmen Nilles et Monsieur Christopher Sirres ; sont retirés du pool des remplaçants : Madame Martine Deprez, Monsieur Nicolas Soares Da Costa, Madame Nicole Strock-Karrenbauer et Monsieur Pascal Virgili.

## 8 – PERSONNEL

8.1. le conseil marque unanimement son accord à la création de deux postes de salariés, agents de nettoyage, carrière A3 (agent polyvalent), avec une tâche hebdomadaire de 36 heures suivant dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud pour le service des sports. Ce personnel supplémentaire est nécessité dans le cadre de la mise en service du complexe sportif Strutzbierg ;

8.2. avec 15 voix et une abstention est approuvée la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, administratif, pour le service culturel ;

8.3. la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète relevant du groupe de traitement B1, technique, pour le service des travaux publics au département technique est avalisée avec les voix de tous les conseillers communaux.

## 9 – MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION DP

« Sensibilisatioun géint de Konsum vun Alkohol während der Schwangerschaft »

En résumé, l'auteur de la motion invite le collège des bourgmestre et échevins à adhérer à la Charte de l'association Quai57 – Suchtberodung pour émettre un signal fort que la Ville de Dudelange s'engage pour la protection des enfants. Après discussion et accord implicite, l'auteur de la motion est d'accord avec la proposition du collège des bourgmestre et échevins qui consiste à ne pas retenir la motion à ce stade mais à conférer la possibilité au collège des bourgmestre et échevins de prendre contact avec l'association Quai57 pour discuter sur les lignes directrices de la charte.
En surplus, le collège des bourgmestre et échevins s'engage à porter la motion une nouvelle fois à l'ordre du jour de la prochaine séance du conseil communal en date du 4 octobre 2024 pour soumettre une proposition concrète à l'assentiment du conseil communal.

## 10 – MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION DP

« Participatioun vun der Gemeng Diddeleng um Projet « Mol nach emol » »

Le but de la motion est d'inviter le collège des bourgmestre et échevins à participer au projet « Mol nach emol », initié notamment par le Syndicat Intercommunal à Vocation Ecologique SIVEC, en collaboration avec SDK Akademie, Fondation Kräizbierg et Emweltberodung Lëtzebuerg Asbl – EBL. Le projet est supporté par l'« Œuvre nationale de secours Grande-Duchesse Charlotte ». Le projet a pour objectif d'intégrer un exemple concret d'économie circulaire dans le système éducatif (et d'autres institutions) par le biais du réemploi et de la revalorisation et de matériel scolaire. Il est constaté que le projet a été initié par le SIVEC, syndicat de communes dont la Ville de Dudelange n'est pas membre. De ce fait il n'est malheureusement pas possible d'adhérer au projet aux conditions actuelles. Néanmoins, après discussion, l'auteur de la motion est d'accord avec la proposition du collège des bourgmestre et échevins pour soumettre une demande pour le développement d'un

projet similaire au STEP. Le collège des bourgmestre et échevins s'engage à porter la motion une nouvelle fois à l'ordre du jour de la prochaine séance du conseil communal en date du 4 octobre 2024 pour soumettre une proposition concrète à l'assentiment du conseil communal.

### 11 – MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION CSV –

Maison Sourrire - Par la motion déposée, la fraction CSV invite le collège des bourgmestre et échevins à résilier le contrat de bail commercial conclu avec l'association SOURRIRE a.s.b.l. et à annuler la décision de changement de l'immeuble communal sis 43, rue Ribeschpont. Après que les auteurs de la motion ont exposé leurs arguments, le collège des bourgmestre et échevins répond aux questions. Un échange d'opinions général a eu lieu par la suite. Finalement, la motion est rejetée avec 12 voix contre 4 avec 3 abstentions.

### 12 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Des questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins par la fraction Déi Gréng au sujet de l'action « Génération Sans Tabac » initiée par la Fondation Cancer. Il est répondu aux questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

***

## SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 25.7.2024

**Présents :** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries et Monsieur René Manderscheid ; échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Alain Clement ; Madame Fabienne Dimmer ; Monsieur Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. • **Absents :** Madame Claudia Dall'Agnol, échevine ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Marc Meyer, Jean-Paul Gangler et Madame Rosella Spagnuolo, conseillers communaux, excusés.
• **Délégations :** Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur René Manderscheid, échevin, pour l'ensemble de l'ordre du jour. Monsieur Marc Meyer, conseiller communal, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre, pour l'ensemble de l'ordre du jour. Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Romain Zuang, conseiller communal, pour l'ensemble de l'ordre du jour.

### 1 – URBANISME

La séance du conseil communal a été spécialement convoquée pour une nouvelle approbation d'un dossier d'urbanisme, alors que l'approbation unanime du dossier par le conseil communal lors de sa séance du 12 juillet 2024 risque d'être entachée d'irrégularité en vertu des dispositions des articles 19bis et 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

Ainsi, le conseil communal est appelé à se prononcer une nouvelle fois sur le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Ville de Dudelange – parties écrite et graphique, concernant 4 modifications ponctuelles de la partie graphique en zone verte et de l'article 4 de la partie écrite, présentée par le collège des bourgmestre et échevins et élaborée par le bureau d'études Zeyen & Baumann, sans qu'une modification n'ait dû être apportée audit projet et le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – partie écrite et plan de repérage, concernant 4 modifications ponctuelles du plan de repérage et de la partie écrite, dans le cadre de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange, sans qu'une modification n'ait dû être apportée audit projet.

Le conseil communal, à l'unanimité, approuve le projet, qui concerne plus particulièrement les points suivants :
• au lieu-dit 23, rue Dr Orphée Bernard – modification sollicitée en vue d'aligner la situation de droit à la situation de fait ; la parcelle en question est un jardin privatif qui n'est pas accessible au public ;
• au lieu-dit « Waldschoul » – modification sollicitée en vue de faciliter le réaménagement du site pour des besoins d'utilité public ;
• au lieu-dit « NeiSchmelz » – modification sollicitée en vue de garantir la réalisation des mesures d'atténuation anticipées dans le cadre de la mise en oeuvre du projet NeiSchmelz ;
• au lieu-dit rue du Nord – modification sollicitée en vue de permettre l'agrandissement du bassin d'orages ans la rue du Nord, mesure exigée par l'Administration de la Gestion de l'Eau.

***

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 12. JULI 2024



## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, e schéine gudde Mueren an häerzlech wëllkomm an ech begréissen Iech haut hei fir eis lescht Gemengerotssitzung virun der Summervakanz. Ech hunn zwou Procuratioune virleien hei fir d'Formularien. Déi éischt vun der Madamm Ahmedova, déi eng temporär Procuratioun gëtt, ech géif dat emol esou ausdrécken, un den Här Steffen, an eng zweet Procuratioun, déi awer fir de ganze Gemengerot ass, vum Här Goergen un d'Madamm Dimmer. Voilà, dat fir d'Formularien. Da géif ech soen, dass mer op den éischte Punkt iwwerginn, d'Korrespondenz, d'Kommunikatioun. Ech kucken hei op d'Kolleegen hei aus dem Schäfferot, do ass näischt, da géif ech awer einfach vun der Geleeënheet profitéieren, dem Alain Clement d'Wuert ze ginn, fir eng Kommunikatioun.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hu mech decidéiert, meng Demissioun am Gemengerot eranzeginn, well ech einfach festgestallt hu fir mech, ech hu jo nach eng Rei aner Engagementer, fir elo net dervun ze schwätzen, dass ech fënnef Kanner hunn an Enkelkanner kommen an esou weider an esou fort, fir schonn erëm engem Jonken, oder méi jonke Leit Plaz ze maachen, déi eng politesch Zukunft kënnen hunn. Ech gesi meng Zukunft net onbedéngt an der Politik an et ass esou, dass och vläicht main Nervekostüm net méi deen ass, wéi virun zwanzeg Joer. Do hat ech extreem gutt Nerven. Mëttlerweil sinn et Klengegkeeten, déi mech op d'Palm bréngen, an déi ech dann deeglaang mat ronderëm schleefen, an et ass net onbedéngt ëmmer heibannen esou einfach. Ech si keen, deen elo kann um Enn vun der Sessioun ofschléissen an da jiddwerengem e Kuss ginn. Obschonn ech mat jiddwerengem frou sinn heibannen, et ass net esou, ech huele verschidde Saachen da mat heem an dann, da schafft dat a mir no an dat packe meng Nerven net méi esou onbedéngt an dofir hunn ech decidéiert, deenen e bësse méi Rou ze gënnen an dann engem Neie méi Plaz ze maachen.

Ech wëll dann awer och d'Geleeënheet notzen, Merci ze soe fir déi Kooperatioun heibannen, virun allem och menge Parteikolleegen, fir mol eng Kéier einfach fir d'Martine Bodry-Kohn ze nennen, wat ëmmer e bëssen esou, et ass jo net, dass ech keng Mamm hunn, eng gutt Mamm hunn ech, ne, mee wat awer ëmmer e bëssen esou fir den Zesummenhalt gesuergt huet, wat ëmmer esou e klenge Friddensstëfter oder grousse Friddensstëfter war. Wann een eng Fro hat, da konnt ee bei d'Martine goen. Och Merci all deenen aneren, dem Romain Zuang, dee mech ëmmer mat an de Gemengerot bruecht huet, ech hätt jo och mol eng Kéier kënne fueren, mee ech mengen, hien ass léiwer selwer gefuer. Merci awer och dem ganze Schäfferot, an dee soen ech och mat engem ganz héije Respekt, well ech einfach festgestallt hunn, déi Zäit, wéi ech hei matgeschafft hunn, dass déi wierklech mat Leif a mat Séil un hirer Aarbecht schaffen.

Ech weess vu munchen, déi wäitaus iwwer hir Stonnen hei sëtzen, méi wéi se dat missten an dann nach erëm Stonnen hei verbréngen, bis d'Saach op deem Punkt ass, wou se soen, elo misst et gutt sinn. Ech weess, dass et der Oppositioun hir Roll ass, dann awer an deem Gudden nach eppes Klenges ze fannen, wou ee kann e Messer drastiechen, ech denken, dat gehéiert zum politeschen Toun, et kann ee jo net d'Majoritéit dauernd heemelen. Bon, et ass natierlech och schéin, wann een och ëmmer dat unerkennt, och als Oppositioun, wat d'Majoritéit Guddes mécht. An ech denken, däers ass jo och vill, vill, vill derbäi. Ech, fir main Deel, hätt et da gepackt. Ech sinn an de Gemengerot erakomm mat der grousser Visioun, déi ech jorelaang hat, ech wär e gebuerene Politiker. Ech gi mat deem Gefill eraus, dass ech dat net sinn, fir mech, et ass net, dass ech et ongär gemaach hunn, mee ech hunn net déi Ziler erreecht, fir mech perséinlech, ech hunn net dat Engagement konnte ginn, wat ech gäre ginn hätt, einfach aus zäitleche Grënn, a wéi gesot, an dofir maachen ech dann engem hannendru Plaz, deen nach e bësse méi Zäit huet, deen e bësse méi jonk ass an deen dat da mat richtegem Elan erëm ka maachen, dee mir villäicht elo lues a lues géing verluer goen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Alain, fir Däin Engagement an och deng authentesch Wierder.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léiwen Alain. Et sief et mer dann och erlaabt, hei am Numm vun eiser Fraktioun nach e puer Wuert ze soen a fir d'éischt emol, einfach emol nëmme Merci un Deng Adress. Merci dofir, datt s de fir eis Wäerter awer schonn agestane bass all déi Joren. A Merci dofir, dass de deemools mat eis an d'Wale gaang bass, well dat war jo dann niewent all deenen aneren Engagementer, déi s de schonns has, war dat jo dann awer och nach eppes, fir dat s Du méi Energie an Zäit gebraucht hues. Déi Zäit an Energie hues de dunn an d'Gemengepolitik gestach an dofir geet dann och e Merci un deng Famill, well wann een sech an der Gemengepolitik engagéiert, dann heescht dat, Kompromësser maachen doheem, acceptéieren, datt de Papp oft net vill doheem ass an, wann en doheem ass, datt en, wéi an dengem Fall dann och, vläit Bagage nach mat heembréngt.



Den Alain war awer scho virdrun an Diddeleng an och fir Diddeleng engagéiert. Als Optiker an engagéierte Geschäftsmann huet hien et net dobäi belooss, fir einfach moies säi Geschäft opzespären an owes erëm zou. Am Comité vum Geschäftsverband an als laangjärege President vum FCAD huet hien d'Geschäftswelt hei zu Diddeleng mat gepräägt an den Dialog mat der Gemeng op zolidd Féiss gestallt. Dësen Austausch war him wichteg. Iwwerhaapt ass den Alain e Mënsch, dee gär vermëttelt. Seng roueg Aart a Weis, och wann et dann ënnert der Haut dann heiansdo brodelt, mee seng roueg Aart a Weis, seng sachlech awer konstruktiv Kommunikatioun huet him ëmmer Dieren opgemaacht, am Beruff an och am Gemengerot oder an deene Kommissiounen, déi den Alain presidéiert huet am Laf vu sengem Engagement. An enger Ekipp brauch een esou Leit. Roueg, léisungsfokusséiert a mënschlech ëmmer korrekt, bereet mat Hand unzepaken an Iddien ze fannen.

Dofir soen ech Dir, Alain, am Numm vun eiser Ekipp villmools, villmools Merci. Du gees eis jo net ganz verluer a bass och net wäit ewech. Mir respektéieren natierlech deng Decisioun, déi, wéi mir dat vun Dir gewinnt sinn, wuel iwwerluecht ass. Alain, mir wënschen Dir op alle Fall alles Léiwes fir d'Zukunft, bis ganz geschwënn, an e bësse méi Rou am Liewen. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Si soss nach a Kommunikatiounen, eventuell vun de Kolleegen aus dem Schäfferot? Dat ass net de Fall.

# 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

### 2.1. Approbatioun vun der Ännerung vun den allgemenge Verkéiersreglementer - Rue de l'Indépendance.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. An der Sitzung vum 29. Abrëll 2022, et ass schonn eng Zäit hier, do huet deen deemolege Gemengerot op dëser Plaz de Projet vum Reamenagement vun der Rue des Écoles an och vun der Rue de l'Indépendance laanscht d'Schoul Strutzbierg virgestallt, dee gouf deemools och gestëmmt. Dir gesitt en och elo do hannen op der Leinwand. An elo ass de Chantier an der Rue de l'Indépendance esou gutt ewéi färdeg, esou datt mer awer elo mussen en definitiivt Verkéiersreglement dann och stëmmen. D'Modifikatioune par rapport zum ale Reglement sinn déi heiten: De Busarrêt fir de Schoulbus, dee gouf vu vis-à-vis vum Haus 7 op vis-à-vis vun den Haiser 9 bis 13 gesat. Zwëschent den Haiser 5 an 13A kënnt eng Zone de rencontre, dat heescht 20 Km/h, an de Rescht, dee bleift da Zon 30. D'Parkplazen, déi gi vun der ongerueder op déi gerued Säit verluecht, hei muss awer keen neit Reglement geholl ginn, well déi schonns am ale Reglement virgesi waren. Da kënnt den Zebrasträifen op der Héicht vum Haus Nummer 15, dee gëtt ewechgeholl, well an enger Zone de rencontre ginn et keng Zebrasträife méi, well een an där Strooss zu all Moment ka iwwerqueeren.

De Chantier, dee geet awer elo, deen ass nach net färdeg, dee geet elo an d'Rue des Écoles virun, dëst ass awer onofhängeg eebe vun der Rue de l'Indépendance. Hei geet et haaptsächlech ëm de Bau och vun den neien Entréeën op de Site, respektiv, wéi Dir wësst, och vun der neier Sportshal, respektiv Schwämm. Fir all technesch Froen oder wann Dir nach weider Detailer wëllt wëssen, virun allem déi, wou deemools nach net dobäi war, wou de Projet hei gestëmmt gouf, mir haten en extra dowéinst nach eng Kéier an d'Verkéierskommissioun geholl, well do elo jo och nei Leit sëtzen, virun zwou Wochen. Mee falls vun Ärer Säit elo nach Froe sinn, ass de Pit Demuth natierlech och hei, fir lech déi kënnen ze beäntweren. Ech weess elo net, ob Dir gutt op d'Leinwand gesitt, well et e bëssen hell heibannen ass, mee wéi gesot, ech mengen, hie kann lech dat och esou erklären. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen. Huet nach ee Froen dozou? Den Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci. Fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Mir als CSV Diddeleng hate scho virun de leschte Walen, an déi Wale virdru schonn dat doten an eisem Walprogramm stoen, dass mer gäre virun de Schoulen eng Verkéiersberouegung wëllen. Dat doten ass genau dat, wat mer brauchen. Eng Zone de rencontre virun der Schoul, déi de Verkéier ausbremst. Mat der Bushaltestell, wéi se ass, gëtt de Verkéier och gebremst do an dat Ganzt geet an de Konzept vum Shared Space an, vun deem mir als CSV Diddeleng jo och ganz grouss Frënn sinn an dat ass och ee vun deene Shared Spacen, déi dann net zougemaacht ginn. Also, dat doten ass absolut ze begréissen a mir ënnerstëtzen dat zu honnert Prozent. Technesch Froen dozou hu mir keng, mir hunn dat doten a ganz detailléiert an der Verkéierskommissioun beschwat an, wéi gesot, wann een eng flott a konstruktiv Verkéierskommissioun huet, wou een e gudde Austausch huet, da leeft dat heiten. Also, eis Ënnerstëtzung hutt Dir hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Martini. Nach weider Stellungnamen? Jo, den Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci, eis Ënnerstëtzung hutt Dir och, well et och eiser Optik entsprécht, wéi ee soll an d'Schoul kommen, beschtefalls mam

Vëlo, zu Fouss oder eebe mam ëffentlechen Transport. An dofir hutt Dir och eis déi komplett Ënnerstëtzung fir déi dote Saach.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Soss nach weider Stellungnamen? D'Madamm Bodry-Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert, ech wollt nach just ee Saz dozou soen, dass ech mech eebe freeën, datt mer hei eeben esou e Konsens fannen an datt dat, wéi dat och elo ugeklongen ass, eebe schonn an der Verkéierskommissioun och esou diskutéiert gëtt. Virun allem reit dat sech an an dee super Projet do vun deem ganze Campus do um Strutzbierg an ech mengen, dat gëtt immens flott herno fir d'Kanner, déi dohinner ginn. An et wäert och eng Verkéiersberouegung matbréngen, richteg, d'Rue des Fleurs, wat sécher bis elo e Problempunkt war an dat war eis als LSAP ebe wichteg, datt mer do konsequent, an all Projet, deen do sech bitt oder all Geleeënheet, déi sech bitt, do esou dohinner ze schaffen, datt dee ganze Quartier dovunner profitéiert an natierlech am meeschten d'Kanner, wann se do an d'Schoul ginn. Also, vun eiser Säit natierlech och Feu vert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Bodry-Kohn. Gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, ech mengen, da brauche mer och net weider op dee Punkt anzegoen, vu datt jiddereen dat heite begréisst huet. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heite Reglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech do villmools Merci. An och dem Pit Demuth Merci fir seng kuerz Presenz.

# 3. FINANZWIESEN

**3.1 Approbatioun vun engem Bail commercial de sous-location mam Här Miroto Rui Da Cunha fir d'Geschäft „Wild Shops S. à r. l." am Geschäftslokal an der Avenue G.-D. Charlotte Nummer 65.**

**3.2. Approbatioun vun engem Bail commercial de sous-location mat der Madamm Loredana Di Cino an dem Här Ambrogio Gino Marinelli fir d'Geschäft „Loredana Candles & Co S.àr.l." am Geschäftslokal an der Avenue G.-D. Charlotte Nummer 65.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Am Volet Finanzen hu mer, fir mol unzefänken, dräi Contrats de bail commercial de sous-location virleien. Zweemol, wat d'Pop-up-Storen uginn, op Nummer 65, Avenue Grand-Duchesse Charlotte an een op Nummer 38, Avenue Grand-Duchesse Charlotte. Ech géing proposéieren, datt ech déi zwee Pop-up-Storen, wat d'Nummer 65, Avenue Grand-Duchesse Charlotte ugeet, zesummen huelen. Dir wësst jo, dass mer do Locataire sinn an och d'Souslocatioun, maachen. Fir d'lescht, mengen ech, hate mer hei am Gemengerot d'Diskussioun iwwert de Pop-Up do ronderëm den Tutu-Store, deen elo effektiv eriwwer ass an elo hu mer zwee subsequent weider Pop-Uppen, déi sech do nidderloossen.



Mir si jo do Locataire bis viraussiichtlech den 31. Dezember 2024 an do ass am Fong hei d'Propos, vum 1. Juli 2024 bis den 30. September 2024 Wild Shops S. à r. l. effektiv do unzesidelen als Pop-op. Déi ware schonns eng Kéier hei zu Diddeleng als Pop-up, dat ass d'Mark Rebounce, déi do wäert sinn an do wäert de Prêt-à-porter, respektiv och eng Rei Accessoiren ugebuede ginn. Dat wier bis den 30. September 2024, also fir dräi Méint, an de Loyer, dat si 500,00 Euro de Mount. An dann, wann dee Pop-up eriwwer ass, da kënnt direkt deen nächsten hannendrun, dat ass Loredana Candles & Co. S. à r. l., an dat wier da vum 1. Oktober 2024 bis den 31. Dezember 2024. Dat sinn d'Madamm Di Cino an den Här Marinelli, déi sinn da Souslocataire.

Wéi gesot, mir hunn do en Espace jo vu 76 Meterkaree an do géifen natierlech alles, wat Bougien, Vente vu Bougien an Accessoirë ronderëm Bougien ubelaangt an och Formatiounen ugesidelt ginn. Och dat wier fir dräi Méint, wéi gesot, vum 1. Oktober bis den 31. Dezember 2024, och fir de selwechte Loyer vu 500,00 Euro de Mount. Ech mengen, dat ass jo ëmmer de Präis, dee mir froe fir Pop-up-Storen. Voilà, esou vill zu deenen zwee Commercen, déi sech do kënnen usidelen. Sinn dozou Remarken oder Froen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Also, mir fannen d'Iddi vun de Pop-up-Storen och nach ëmmer super, och mat deene Commercen. Dat huet mega interessant geklongen. Dat eenzegt, dat ass eng Detailfro zum Kontrakt, wéi ech dat gelies hunn, war et mer net ganz kloer. Do steet de Loyer, dee wier 500,00 Euro, dat ass jo wuel de Mount – ech weess dat - mee et steet néierens am Kontrakt preziséiert, dass et op de Mount ass. Et riskéiert een, do eng Kéier schlecht Erfarungen ze maachen, wann een dee Kontrakt do esou bäibehält oder misst een iergendwou eng Kéier draschreiwen, 500,00 Euro de Mount? Dat ass just eng Detailfro. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir Är Remark, Här Steffen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci och fir d'Wuert, och mir begréissen natierlech, dass eis Locatiounen, déi mer gemaach hunn, dass déi net eidel stinn, dass dat e Flux ass a mir fannen natierlech och ganz flott, dass Wild Shops nach eng Kéier kënnt. Déi haten och e léiwe Remerciement an d'Fënster gepost deemools, wéi se gaange sinn. Si hunn der Gemeng an dem Geschäftsverband, jiddwerengem Akeefer villmools Merci gesot an ech mengen, dat ass jo och d'Id-

di dervun, dass déi Leit sech hei wuel spieren an da vläicht nach eng Kéier erëmkommen an - wie weess - vläicht effektiv dann - entre guillemets - e richtege Kontrakt mat engem anere Proprietaire fannen.

Ech hu just eng Fro oder zwou am Fong: Souwäit ech mech erënneren, hu mir dee Kontrakt vun der Locatioun just bis den 31.12.2024, vläit huet de Schäfferot do scho Kontakt opgeholl mat dem Proprietär. Wat ass ugeduecht, verlängere mer do eise Locatiounskontrakt? An da war just hei am Kontrakt eng Klengegkeet, déi mech e bëssen irritéiert huet: Wéi Dir gesot hutt vun der Destinatioun vun der Exploitatioun. Do steet dran, wéi Dir gesot hutt, Här Buergermeeschter „La vente de prêt-à-porter, ainsi que la vente d'accessoires de la branche et tatouage." Do war meng Fro: Gëtt do och Tatouage gemaach? Well dat géif jo dann eng aner Envergure ginn, wat d'Hygiène an esou weider ubelaangt. Oder ass dat esou verstanen: Vente d'accessoires de la branche et - entre guillemets - vente d'accessoires de tatouage? Dat war just eng Detailfro, déi ech nach wollt soen.

An ech fannen et och ganz flott, dass no der Ekipp, déi Rebounce verkeeft, dass dann och de Buttek kënnt, deen natierlech virun der Chrëschtzäit, virun der Adventszäit och Käerzen hei verkeeft. Dat sinn och Leit, déi schonn och op eise Mäert waren, déi och scho Clienten hei zu Diddeleng hunn, wat sécher och ze begréissen ass. Also, insgesamt begréisse mer dat gutt a vläit kënnt Dir eis do nach eng Äntwert ginn op déi zwou Froen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, gären.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll einfach vu menger Säit nach eng Kéier op d'Wichtegkeet hiweisen, déi et einfach huet, dass mer kee Leerstand hunn. Ech mengen, mir hunn dat elo déi lescht Joren hei konsequent duerchgezunn, dass déi Lokaler vun eis weiderverlount gi fir en zimmlech niddrege Loyerspräis, esou dass dat konnt attraktiv sinn och fir e Pop-up-Store. Well Leerstand, dat ass an sech den Doud fir den Eenzelhandel. A wann ech elo kucken, et war wichteg an all deene Joren, mer haten déi Coronakris, ouni datt ech dat Däppen erëm wëll opmaachen, mer haten eng Präisdeierecht an alles dat huet derzou gefouert, dass den Eenzelhandel manner gaangen ass, an esou war et ëmsou méi wichteg, dass mer en attraktive Stadkär haten.

Mee mëttlerweil ass et nach méi wichteg ginn, well den Eenzelhandel ass nach méi ënner Beschoss am Moment. Et si ganz komesch Situatiounen. Et muss een einfach feststellen, wann een am Eenzelhandel ass, aleng - ech soen emol - déi politesch Walen am Frankräich, wou een e Riedsruck muss fäerten, mierkt een, dass dann d'Leit aus de Geschäfter bleiwen. Dat spiert een nëmme wann een e Geschäft huet, all esou verschidde politesch Decisiounen, déi grad stattfannen, déi hunn en Afloss dorobber.

A wat wierklech festzestellen ass, dat ass, dass elo mëttlerweil d'Erhéijung vun den Tauxen op de Banken, dass dat genau déi Leit betrëfft, déi eeben an den Eenzelhandel akafe ginn. Also, wann een am Eenzelhandel kuckt, dat si vill méi eeler Generatiounen, déi dat ëmmer gewinnt waren, déi net de Computer huelen a sech iergendeppes bestellen, well se dat net kënnen, déi an den Eenzelhandel kommen, déi sech dann emol einfach, soen sech mol, en neie Mantel kafen, well deen alen eeben zwar nach schéi war, an awer net méi schéi war, déi elo ganz einfach déi Suen huelen, déi soen dat och offen an de Butteker, an hiren Enkelkanner ginn, fir dass déi hir Prête kënne bezuelen, well déi soss hir Haiser verléieren an op der Strooss stinn oder mat engem Prêt iwwereg bleiwen, an dat kann eng Bomi an e Bopi mat sengem Gewëssen net verantworten.

An déi Sue feelen dem Eenzelhandel, dat sinn alles esou Klengegkeeten, lénks a riets e klenge Punkt, a finalement ass et wichteg eeben, dass d'Gemeng esou Akzenter setzt, dass et esou attraktiv bleift wéi méiglech, fir dass awer de Bierger nach et fir néideg fënnt a wichteg fënnt, sech am Stadkär opzehalen an do och nach en Deel da vun deem, wat him nach bleift, dem Eenzelhandel, wann ech dat esou däerf soen, zur Verfügung ze stellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Clement, ginn et nach weider Stellungnamen? Neen, dat ass net de Fall, dofir nach eng Kéier Merci dann och fir déi positiv Approche zu eise Pop-up-Storen. Ech mengen, dass effektiv dat Ganzt sech areit an déi global Strategie, déi mer hunn, fir natierlech, an eisem Stadkär d'Geschäftswelt ze stäerken, auszebauen a sech och kloer do ze positionéieren. Par rapport zu de Froen, déi gestallt goufen: Also, bis dato war elo kee Problem par rapport zu der Fro vum Här Steffen, wat elo eventuell Konflikter géifen ugoen, wat de Loyer betrëfft, mee ech ginn dat dote mat un eise City-Manager, dass een dat effektiv preziséiere kann, Mee wéi gesot, bis elo hate mer ni an deem Sënn Konflikter puncto Interpretatioun. Dat ass mol dat eent.

Dann, par rapport zu der Fro vun der Madamm Kayser: Also, esouvill ech och Réckmeldung kritt hunn, ass et éischter Vente d'accessoires ronderëm den Tatouage, wéi dass Tatouage-Aktivitéiten do géife stattfannen. Wat de Contrat de bail selwer ugeet, dee leeft effektiv jo, wéi ech virdru gesot hunn, wéi Dir och nach eng Kéier betount hutt, am Dezember aus, a wou mir dann als Locataire normalerweis eraus wieren. Ech hat mat eisem City-Manager Kontakt mam Proprietär, wou mir eng éischt Ronn gedréint, hunn. Ech mengen, fir eis steet näischt am Wee, fir deen dote Contrat de bail weiderzeféieren, fir grad eeben och do Pop-uppen och kënne weider unzesidelen.

Ech muss awer och soen, dass de Proprietär, an ech mengen, wann ee kucke geet, dat dote Gebai ass an der Vente, dat heescht, do ass och d'Bestriewung, et ze verkafen, dat heescht, wann do en neie Proprietär géif kommen, misste mer mat deem kucken, ob deen nach déi selwecht Approche huet oder net. Falls dat net de Fall ass oder keng Vente stattfënnt, wéi och ëmmer, mengen ech, steet näischt am Wee, dat dote

weiderzeféieren, wéi gesot. Mir hunn eis och do d'Wuert ginn, mir géifen eis am Laf vum Hierscht nach eng Kéier zesummesetzen, wéi gesot, fir dat ze beschwätzen. Ech wier elo op all d'Punkten agaangen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, mir maachen zwee separat Votten. Éischtens hei de Contrat de bail, wat Wild Shops S. à r. l. ugeet. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** An dann, Lorena Candles S. à r. l., wien ass mat deem Contrat de bail averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Villmools Merci. Da géif ech op deen nächste Contrat de bail agoen.

**3.3. Approbatioun vun engem Bail commercial de sous-location mat der Firma Kasadalux S. à r. l. - SIS fir den Amenagement vun engem Pop-up-Store am Geschäftslokal an der Avenue G.-D. Charlotte Nummer 38.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Bei däsem Contrat de bail handelt et sech ëm d'Nummer 38 an der Avenue Grand-Duchesse Charlotte. Do ass jo och esou e Gebai, e Geschäftslokal, wou mer Locataire sinn. An dat hu mer och den 1. Oktober 2021 hei guttgeheescht. Do hate mer och e Pop-up dran. Och dat hate mer hei am Gemengerot. Dat war Kasadalux S. à r. l., wéi gesot, déi sinn do, en place, dee Kontrakt ass 6 Méint gelaf, bis de 15. Mee 2024 a mir wëllen dat elo hei nach eng Kéier verlängere bis den 31. Dezember 2024. Duerno muss dee Kontrakt aneschters definéiert ginn. Ech mengen, dass mer hei jo ee flotte Commerce hunn, deen engersäits mam Kräizbierg jo zesummeschafft, wou och Saachen um Kräizbierg produzéiert ginn, och do engersäits weiderverkaf och ginn, dat heescht, e bëssen och dee Volet vun de Personnes à besoins spécifiques vum Kräizbierg, déi och do dat wat do produzéiert gëtt, kënnen ausstellen. Och hei froe mer 500,00 Euro Loyer de Mount.

Da sinn awer och nach weider Kontakter gelaf. Nieft dem Kräizbierg fënnt een hei jo och Artikelen, déi made in Luxembourg sinn. Dat ass Upcycling, wou hei gemeet gëtt, wéi gesot, Dekosartikelen, an et sinn och am Moment Kontakter, déi lafen, fir och eng konstruktiv Kollaboratioun mat Servior-Diddeleng ze maachen, esou mengen ech, dass dat och ganz flott ass. Et ass, mengen ech, esou, dass dëse Pop-up sech och weider hei an Diddeleng wäert kënnen entwéckelen, och mat lokalen Acteuren, an och e flotten Ancrage an eng flott Assise fënnt. Voilà, dat zu däsem Contrat de bail. Ginn et Remarken oder Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo. Merci, Här Buergermeeschter, fir nach eng Kéier d'Wuert. Wéi gesot, den Här Kasindi, deen hat jo och scho virdrun eng Locatioun an deem selwechte Gebai gehat, ech mengen, do gesäit een och e bëssen - wat den Här Clement och gesot huet - et ass alles net esou evident am Eenzelhandel. Do hat hien e Kontrakt ënnert enger anerer S. à r. l. och mat der Gemeng gemaach de 15. September 2021. Dee sollt u sech dräi Joer dauere bis den 30. September 2024. An do hate mer geduecht, majo, dat wär machbar, dass een do effektiv e Loyer, dee substanziell méi héich ass, géif froen. 1.500,00 Euro hate mer geduecht, pro Mount, dat éischt Joer, 1.800,00 Euro pro Mount dat zweet Joer an 2.300,00 Euro dat drëtt Joer, dat wär am Fong dee Loyer, dee mir jo och dem Proprietär ginn an dunn huet awer déi S. à r. l. de 15. Oktober 2023 de Kontrakt gekënnegt a mir hunn als Gemeng jo awer och de Schrëtt du gemaach, fir se als souzesoe Pop-up-Store nees bei eis opzehuelen, quitte, dass d'Orientéierung e bëssen aneschters ass, mee et ass awer dee selwechten Här, deen awer de Kontrakt ënnerschriwwen huet a mir fannen dat och ganz gutt.

Ech mengen, et soll een net engem d'Genéck briechen a mordikus un deem Loyer festhalen, dee mer ausgemaach haten, dat waren och nach aner Zäiten. Wéi gesot, 2021 war esou just, Covidméisseg, wosste mer nach guer net, wéi en Impakt dat hätt an och wat d'Wirtschaftsentwéckelung ugeet, wosste mer dat net, dofir si mer och ganz frou, dass mer op de Wee gaange sinn, hei och déi 500,00 Euro pro Mount unzewenden. Ech hu just eng Fro: Mir maachen am Fong elo eng Prolongatioun vum Pop-up-Store, hu mer do eis Guideline ginn? Also, dat ass elo guer net béis gemengt, mee wéi vill Mol verlängere mer de Pop-up-Kontrakt oder soe mer dann net hei, kuck hei, et geet jo awer elo gutt, Du bass awer elo schonn zwee Joer hei, komm mer ginn der e Kontrakt, deen e bësse substanziell méi Loyer freet. Dat ass net béis gemengt, mee et ass einfach fir eng Guideline ze ginn, fir dat och vläicht eng Kéier festzehalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Madamm Kayser.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG) : Jo, genau, ech wéilt mech deem uschléissen, wat d'Madamm Kayser gesot huet. Mir hunn eis nämlech och gefrot gehat, an dat ass effektiv och guer net béis gemengt, well mer de Projet super fannen, dat Ganzt mat dem Kräizbierg zesummen, Upcycling an dann déi geplangte Kooperatioun mam Servior, déi hat ech perséinlech elo nach net um Schierm, mee dat ass natierlech alles super. Par contre si mer elo hei effektiv bei véierzéng Méint op deem selwechte Montant, woubäi mer aner Kontrakter hunn, wou et gestaffelt gëtt no engem Joer. Do wier och eis Fro gewiescht, fir en Ongerechtegkeetsgefill vläit mat anere Pop-Up-Storen ze evitéieren, ob een do nach eng Kéier duerno erweidere géing mat Erhéijung oder wéi och ëmmer dat ugeduecht war an eeben déi Guidelines, déi d'Madamm Kayser gesot huet. Mee et ass op alle Fall e super Projet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen dozou?

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech als LSAP-Conseiller oder mir als Fraktioun ënnerstëtzen dat do weiderzeféieren. Ech mengen, et muss een hei och erëm d'Saach erëm e bëssen anescht gesinn, wéi elo erëm bei deenen anere Pop-up-Storen. E Pop-up-Store, dat ass een, dee kënnt elo 3 Méint heihinner, da geet en erëm op eng aner Plaz, wou en och erëm kann op engem gewëssenen Niveau sinn, e muss jo do net onbedéngt Fouss faassen. Muss een dann elo e Loyer encaisséieren, deen elo esou héich ass?

Hei hu mer jo mat enger SIS ze dinn, souwäit ech weess, déi mussen eng ganz Rei Krittären erfëllen iwwerhaapt, fir kënnen esou ugeholl ze gi vum Ministère. A wann een eng honnertprozenteg SIS ass, dann ass dat esou, dass ee mol iwwerhaapt kee Benefice kann aus senger Societéit do erauszéien, mee et muss een deen integrale Benefice erëm dran investéieren. An ech denken, wa mir do kënnen als Gemeng fungéieren, dass esouguer wann ee klenge Benefice erauskënnt, déi Suen erëm kënne reinvestéiert ginn, zum Beispill ginn se hei investéiert, fir dass Kleeder produzéiert ginn am Hanf, an dat och nach, esouwäit ech weess, made in Luxembourg, da sinn dat Saachen, déi mer nëmme kënnen ënnerstëtzen, an ech denken, do stellt sech déi Fro, an dësem Kontext, mol eng Kéier bësse manner, ob een elo misst de Loyer no uewe reguléieren, well wat mer domadder erreechen, ass eebe just dat, dass déi Societéit dann deen Invest net méi huet, fir eeben hire Projet, deen eebe Wueltätegkeet am Vierdergrond stoen huet, weider ka finanzéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Clement. Sinn nach weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir déi Informatiounen, mee wat ass eng SIS? Et sinn der vläit nach heibannen, déi dat net wëssen, mee bon, ech weess et op alle Fall net.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Et ass eng Société à impact social. Et ass eng Form, déi gegrënnt gouf viru méi wéi zéng Joer vum deemolegen, Aarbechtsminister Nicolas Schmit, an dat reit sech an d'Economie solidaire. Also an deem Kader gëtt et och d'ULESS, déi dat Ganzt e bëssen och chapeautéiert an och suivéiert, wou déi Sociétés à impact sociétal och Formatioune kréien, dat heescht, manner de But lucratif, also dat heescht, e bëssen eng aner Approche wéi eng klassesch SA oder S. à r. l., et ass am Fong an deem Beräich, wou et sech usidelt. Voilà. Da géif ech vläit op déi verschidde Punkten agoen an och op déi berechtegt Froen. Ech mengen, den Här Clement ass schonn drop agaang. Dat heiten ass jo e Kontrakt, dee mer verlängere bis den 31. Dezember 2024. Ech hat am Ufank jo gesot, dass dann, wa mer weiderfueren, jo en anere Kontrakt géif kommen. Ech mengen, dofir hu mer heiten och verlängert ënnert dëse Konditiounen, hei gi jo och Kooperatioune gesicht mat engem Kräizbierg, mat Servior, fir esou Projeten en place ze setzen, brauch een natierlech méi laang Zäit, och fir unzekommen, wéi wann s Du einfach dohinner kënns an Du verkeefs tout court Deng Produiten.

Dat ass eng aner Approche, dat ass eng aner Aart a Weis, un e Projet erunzegoen. Dat heescht, dat ass och e bëssen eng aner Approche um Niveau vum Pop-up an dofir och eng aner Ënnerstëtzung. Dofir hu mer hei nach eng Kéier eng Rallonge gesat, déi e bësse méi laang ass, fir ze kucken, wéi dat dote kann nach weiderentwéckelt ginn, wéi dat fruuchte kann, wéi och den Impakt ass. Voilà, dat zu den néidegen Erklärungen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach froen, gi mer eis dann awer insgesamt eng Guideline? Ech wosst net, ech hat dat net um Schierm, dass dat eng komplett aner Funktiounsweis ass vun dëser S. à r. l. Gi mer eis dann awer eng Guideline oder hutt Dir Iech do scho Gedanke gemaach, wéi laang, wéi oft verlängere mer e Pop-up-Kontrakt?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Also, normalerweis hu mer jo Pop-uppe fir dräi Méint, dat ass jo e bëssen Usus. Wann een sech elo awer gutt hei fillt a seet, hei, ech wëll nach eng Kéier gären dräi Méint drunhänken, ech mengen, do sti mer sécherlech net am Wee,. Wann een sech gäre wëll awer méi laang etabléieren, esou Situatiounen hate mer, ma da géife mer dann eng aner Approche hunn, respektiv wann een dräi Méint hei ass a mir hunn awer - an eise City Manager ass jo do am Reseau ënnerwee - anerer, déi an der Rei stinn an déi och gäre wëllen dat probéieren, mir wëllen do jo awer och eng gewëssen Diversifikatioun mat erakréien, do ass och eng gewësse Flexibilitéit, déi een awer deementspriechend walte léisst.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma ech wollt dem Här Clement an och Iech, Här Buergermeeschter, Merci soe fir déi Erklärung, well dat war eis och net esou kloer an dat mécht absolut Sënn an deem dote Fall. An dofir, tipptopp.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Nach just e Saz vu mir derbäi, well mir sinn eis jo heibannen eens, datt dat e super Projet ass an ech mengen, et wär o vläicht gutt - mir haten dat jo elo zu villen heibannen net grad esou um Schierm - an ech mengen, dat géif och vläicht zum Succès vum Projet bäidroen, wann awer méi dobaussen dat public gemaach gëtt, also eleng nëmmen déi sozial Komponent, déi do dran ass, dat géif een och vläicht méi dohinner zéien, fir iwwerhaapt do ze kafen, well een dann einfach seet, hei, ech wëll léiwer zwee Su méi ausginn, an da maachen ech awer wierklech eppes Guddes. Ech mengen, dat misst een awer vill méi ënner d'Leit nach bréngen, dat wär eng gutt Saach. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Suggestioun, déi mer ophuelen a wou mer sécherlech och un den Här Kasindi kënne weiderginn, dass hien natierlech och par rapport zu sengem, entre guillemets, Geschäftsmodell, mengen ech, och dozou ka bäidroen, dat nach méi an d'Vitrinn ze setzen. Absolut. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer ofstëmmen. Wien ass mat dësem Contrat de bail commercial averstanen? ***Dat ass unanime***, do soen ech Iech Merci.

**3.4. Approbatioun vun der Konventioun iwwer d'Duerchféierung vum Projet „Sozialen Observatoire vun der Stad Diddeleng" mam Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER), eng ëffentlech Ariichtung no lëtzebuergeschem Recht**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm d'Konventioun, déi mer hei mam LISER wëllen ofschléissen, ronderëm den Observatoire Social de la Ville de Dudelange, dat ass jo e Punkt aus eiser Schäfferotserklärung, dee mer och wëllen ëmsetzen, wou mer och scho Kontakter hate mat der Ekipp vum LISER, och Virgespréicher an och Reuniounen, fir dës Konventioun virzebereeden. Dofir begréissen ech och de Patrick Busch vum LISER hei an och d'Cathy Mambourg. De Patrick Busch wäert eng ganz Rei Erklärunge gi ronderëm den Observatoire social de Dudelange, mee ech géif awer och virun allem eisem Sozialschäffen, dem René Manderscheid, och nach d'Wuert ginn an dann, fir d'Konventioun anzegoen, respektiv dann awer och dem Här Busch.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci. Majo, de Buergermeeschter huet am Prinzip scho munches gesot als Aleedung, et ass trotzdeem nach eng Kéier ze widderhuelen, dass effektiv dat do am LSAP-Walprogramm virkomm ass an dass och de Schäfferot dat a seng Schäfferotserklärung integral agebaut huet. De Plang vum sozialen Zesummenhalt ass eng iwwergräifend Strategie an de Beräicher Ausbildung, Gesondheet, Wunnengsbau, Kultur, an esou weider, dat ëmfaasst dat alles. An dee Plang gëtt dann opgrond vun Analysen opgestallt a fir déi Analyse kënnen ze maachen, hu mer dann natierlech e Partner gebraucht a si beim LISER fündeg ginn a mir haten och scho, wéi gesot, dräi Sitzungen, am November 2023, am Februar 2024 an net méi spéit wéi elo den 1. Juli hate mer déi lescht Sitzung, wou mer dann effektiv och déi Konventioun, déi mir elo hei wäerten diskutéieren, wou mer dann do och finaliséiert hunn an, wéi gesot, mir hunn och e Comité de pilotage gegrënnt zesumme mat dem LISER a mat de Servicer hei an der Gemeng, fir dass déi kënnen elo, wa mer déi heite Konventioun dann och elo hei wäerten unhuelen, dass mer kënnen da mat den Aarbechten ufänken. An deem Sënn géif ech dann eise Gäscht d'Wuert ginn, fir déi Konventioun bësse virzestellen.

PATRICK BUSCH (LISER): Merci, léif Leit, Conseilleren, Här Buergermeeschter, ech hunn hei eng kleng Presentatioun virbereet: Wat dat ass en Observatoire social? Mir hunn als LISER am Fong schonn e puer Observatoire-sociallen opgebaut. Dat ass e Projet, dee mer ongeféier säit, fënnef, sechs Joer mat Esch ugefaangen hunn, an dann d'Stad Lëtzebuerg, Schëffleng, mir sinn och elo amgaangen, zu Wolz ze kucken, fir en Observatoire opzebauen, well mer wëllen net nëmme räich Gemengen, mee och méi kleng Gemengen, déi net esou räich sinn, fir ze kucken, wat lass ass. Bon, Schëffleng ass och keng aarm Gemeng, géif ech soen. Et kënnt drop un, et ass alles relativ.

Mee d'Iddi vum Observatoire social, deen entsteet effektiv duerch de Kärpunkt op dem soziale Plang. Hei ass effektiv eng Déclaration échevinale, wéi de Schäfferot dat am Fong decidéiert huet an der Koalitioun, fir dee Punkt op deen nächste Fënnefjoresplang ze setzen. Dat heescht, mir hunn hei och d'Iddi fir e Plan de cohésion sociale virzebereeden, an deen Observatoire social ass en Instrument, fir dee virzebereeden.

Wat ass den Observatoire social? Am Fong, dat ass e Projet, mee et ass och eng Plattform, wou mer Donnéeë sammelen, Donnéeë vun der Gemeng, Donnéeë vun anere Sourcen, wéi d'ADEM, d'IGSS, de Recensement, mir wëllen och vill de Recensement auswäerten, fir eng gewësse sozial Situatioun ze erfaassen an der Gemeng, an déi sozial Situatioun, déi geet a verschidden Dimensiounen eran. D'Iddi ass och, e Rapport ze maachen, fir dat duerzestellen an Iech och virzeweisen. An enger éischter Phas gi mer d'Besoine kucken, am Fong, wat sinn d'Besoinen. Mir schaffe vill mat Äre Servicer, d'Service-communallen, verschidde Servicer, fir ze kucken, wat sinn d'Besoine vun de Servicer, wat sinn déi Donnéeën, déi do sinn am Moment, fir eng Lëscht vun Indicateuren opzebauen. An déi Indicateuren, déi ginn zesumme bestëmmt mat de Servicer, an herno probéiere mer, do e Monitoring ze maachen an der Zäit. Dat heescht, dass mer kucken, wéi déi Indicateuren am Fong evoluéieren, an, fir kënnen och eppes dozou ze soen.

Wann een elo kuckt, wat sinn d'Thematiken, déi mer upaken? Dat ass d'Demografie, déi ass derbäi, mir hu jo hei eng Gemeng, déi zimmlech dynamesch ass, d'Migratioune sinn derbäi, de Logement ass dran, d'Educatioun ass dran, den Emploi, d'Ekonomie, d'Problemer vun de jonken an den eelere Leit,. Hei hu mer och d'Capital social, an, wat och wichteg ass an esou enger Studie, dat ass och de ganze Volet Inégalités sociales, also de Revenu, dat gi mer och kucke bei Donnéeë vun der Inspection générale de la sécurité sociale, do probéiere mer Donnéeën ze kréien iwwer de Revenu. Also meeschtens fir d'Salariéen, mee och fir déi Pensionéiert. An dann hu mer och en Deel iwwert d'Santé, d'Sécurité, an e klengen Deel Mobilitéit, wat virgesinn ass.

An deem éischte Rapport, den éischte Rapport ass e bëssen den État des lieux, dat heescht, mir setzen d'Situatioun, mir probéieren e Rapport ze maachen, wat ass d'Lag von der Saach am Fong? D'Iddi ass och, hei hu mer d'Beispill, wéi mer et gemaach hu fir Esch, mee d'Iddi ass och, déi Saache, zeréckzebréngen an enger kartografescher Form am Fong, och spatial, déi Indicateure mussen spatialisiert ginn iwwer d'Quartieren. Mir sinn amgaang d'Quartieren ze bestëmme mam Service vum Développement urbain, fir dass mer déi Indicateuren, déi mer opbauen, och iwwer eng Kartografie vun de Quartieren duerstelle kënnen. Da gesi mer och méi prezis d'Situatioun an deene verschiddene Quartieren. Also, hei hätt ech, d'Demographie, de Logement, de Périscolaire, den Emploi oder d'Inégalité-sociallen. Dat ass ganz interessant, fir ze kucken, wat sinn d'Differenzen zwëschent deene verschiddene Quartieren.

Voilà. Ech hunn et wollte kuerz halen, de Buergermeeschter sot, ech hätt zéng Minutten, ech mengen, dat wier et grad. Mee bon, mir wäerten eis nach ge-

sinn, ganz bestëmmt, fir den éischte Rapport lech ze presentéieren, och an deene verschiddene Kommissiounen, och am Schäfferot. Voilà, mir fänke gläich un. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem Patrick Busch och fir déi dote Presentatioun, fir lech och en Abléck ze ginn, wat alleguerten déi Donnéeë sinn, op déi mer wäerten zeréckgräifen. An dat Ganzt geet jo an déi Richtung, dass mer am Fong eng Radiografie maache vun der Stad Diddeleng am Kader vun hirer Entwécklung iwwer déi lescht Joren, wou mer haut stinn, an awer, wéi de Patrick Busch och gesot huet, de Monitoring och dono, wéi d'Weiderentwécklung ass. An ech mengen dat gëtt eis eng Gesamtvue, wéi gesot, eng Gesamtradiografie vun der Stad Diddeleng, wat eis herno d'Méiglechkeet jo dann och gëtt, en fonction och vun Donnéeën, - wéi gesot, mir si jo elo réischt am Ufank vun dësem Gemengerot - do hutt Dir jo och dee ganze Volet ronderëm d'Données à caractère personnel, wou mer och musse kucken, dat ze respektéieren, an ech mengen, dat ass eng Sisyphus-Aarbecht an dat muss garantéiert sinn, fir dann un d'Donnéeën ze kommen, fir dann déi Radiografie kënnen ze maachen.

Dat ass am Fong de Präambel vun deem Ganzen, dofir mengen ech, ass dat och e ganz, ganz wichtegen Aspekt, fir dee ganze Volet ronderëm d'Propriété intellectuelle an d'Protection des données à caractère personnel, fir dann och anonymiséiert Donnéeën ze kréien a wou een och op vill Institutiounen, national Institutioune muss kënnen zeréckgräifen, fir eng Rei Donnéeën iwwer Diddeleng ze kréien, déi et ginn, mee déi am Fong isoléiert sinn, an d'Iddi ass, fir dat och kënnen zesummenzeféieren an dann herno ze kucken, unhand eebe vun deenen Donnéeën, déi zesummegefouert ginn, vun den Analysen, déi gemeet ginn, unhand eebe vun där Radiografie, wou een och natierlech insgesamt eng Politique publique oder eng Politique communale kann deklinéieren, méi spezifesch op deem engen oder deem anere Punkt, a Funktioun eebe vun der Analys a vun de Besoinen, déi et ginn, a Funktioun vun de Quartieren, mee awer och generell,.

Dat ass déi Ausriichtung, déi mer eis hei ginn. Et gi jo effektiv och aner Observatoiren, wéi de Patrick Busch gesot huet, do erfanne mer d'Rad hei net nei, mee mir sinn am Fong och als Stad Diddeleng an enger Situatioun, wou mer vun den Experienze vun deenen anere Gemengen, déi dat jo scho gemeet hunn, och kënne profitéieren an hei mat afléisse loossen, respektiv dann och déi Schwieregkeeten, déi et awer emol och gouf bei esou engem Observatoire, mat afléisse loossen oder anescht kënnen upaken. Ech mengen, dass dat och net onintressant ass fir eis. Voilà, dat gesot, ass d'Diskussioun op. D'Wuert geet un den Här Gangler an dann un d'Madamm Kemp.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Fir mech wier et just eng Fro: Dir schwätzt vun engem Monitoring, da gëtt déi Kartografie opgestallt, da ginn Analyse gemaach, da gi Resultater erausgezunn, déi fir d'Politik interessant sinn. Elo ass meng Fro: Ass dat hei elo en eemolege Projet, deen, wann dat alles publizéiert ass, ofgeschloss gëtt oder huet en eng zäitlech Begrenzung oder gëtt och reegelméisseg, soe mer mol, eng Mise à jour gemaach, ech weess net, all fënnef Joer, all zéng Joer oder sou, oder ass dat en eemolege Projet? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Gangler, d'Madamm Kemp an duerno d'Madamm Thoma hunn d'Wuert.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert a Merci, Patrick Busch, fir d'Presentatioun. Den Observatoire social zillt drop of, d'Informatiounen, déi divers a virdru verspreet sinn, zesummenzebréngen an e reegelméissege Suivi vun der sozialer Situatioun zu Diddeleng ze maachen. Dëst wäert eis net nëmmen hëllefen, d'Bedierfnisser besser ze verstoen, mee och existent Informatiounslücken ze fëllen, mat ëffentlechen Datequelle wéi Recensement, IGSS, ADEM zesummenzebréngen an d'kartografesch ervirzehiewen. Et erlaabt eis, eis ëffentlech Politik besser un déi reell Bedürfnisser vun eiser Bevëlkerung unzepassen an evidenzbaséiert Entscheedungen ze treffen.

Mir begréissen eng datebaséiert Politik, mee mir stellen eis e puer Froen. Wéi ginn déi Date pseudonymiséiert an anonymiséiert? An, well verschidde Quartieren zu Diddeleng awer zimmlech kleng sinn, do sinn net genuch Bewunner am Fong do, fir se reell, esou wéi d'Schoule sinn, ze erfaassen? Gëtt déi Konventioun, si ass jo réckwierkend geschloss ginn, wat ass an de Méint vun Abrëll bis Juli bis dato gelaf? A wat sinn d'Zil vun den Interviewen, déi gemaach gi sinn? An ass ugeduecht, wéi zu Esch eeben - wéi den Här Gangler schonn erwäänt huet - nach thematesch Rapporten ze maachen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Villmools Merci och un den Här Busch fir d'Presentatioun. Et ass kee Geheimnis, dass mir als déi Lénk, eis immens freeën iwwert deen dote Projet. Dat hat ech schonn an der éischter Sitzung gesot, dass et an eisen Ae mat déi spannendst nei Iddi eigentlech an der Schäfferotserklärung ass. Wann ee wëllt Politik maachen, da wëllt ee jo d'Situatioun verbesseren, da wëllt een d'Liewe vun de Leit vereinfachen, a wann een dat wëllt maachen, dann ass dofir d'Conditio sine qua non, dass een d'Donnéeën huet an dass ee weess, wou de Besoin ass, fir dass een dann dono kann och deementspriechend handelen.

En éischte Schratt an déi dote Richtung, dat ass eeben déi heite Konventioun, déi iwwert ee Joer soll goen a wou dann den État des lieux soll gemaach ginn an den Observatoire social en place gesat ginn. Déi 150.000,00 Euro, wou dat kascht, dat ass an eisen Ae wierklech e wichtegen Invest, well et och erlaabt dono eeben, jee no deem, méi geziilt och ze investéieren an Infrastrukturen a Mesuren, déi eeben esou ëmzesetzen, wou se och gebraucht ginn. Kleng Klammer: Dat verlaangt natierlech och, dass de Rapport herno gelies gëtt an och verstane gëtt, well op nationalem

Niveau, do gëtt et de Panorama social vun der Chambre des salariés an do steet ëmmer dat selwecht dran an et gëtt awer keng aner Politik gemaach. Klammer zou.

Op Gemengenniveau, hei sinn elo schonn déi dräi Gemenge genannt ginn, déi dat dote maachen. Ech hu mech virun allem natierlech mam Virbild Esch beschäftegt, déi och domadder ugefaangen hunn, an ech hu mer och gëschter nach eng Kéier déi Rapporten duerchgelies, déi et do ginn. Déi hunn elo säit véier Joer deen Observatoire social, déi maachen awer scho säit zwanzeg Joer Rapporten. Bei hinnen ass et esou, dass all zwee Joer e generelle Rapport gemaach gëtt, wou dann och eeben eng ganz Panoplie un Indicateuren ugewise ginn, déi och elo hei opgezielt gi sinn a wou een dann och wierklech d'Entwéckelung ka gesinn, och pro Quartier, Demografie, sozial Situatioun, Logement, Educatioun, Loftqualitéit kann ee souguer vergläichen an den eenzelne Quartieren. Also, et ass wierklech interessant, well ee wierklech gesäit, hunn d'Mesurë gegraff oder hunn se nach net gegraff. An da maachen se all zwee Joer dertëschent dann e spezifesche Rapport zu enger Thematik, dat war 2021 Emploi, Chômage et Formation professionnelle.

Dëst elo e klengen Ausfluch, fir ze weisen, wat eeben do méiglech ass, an ech hu mer och soe gelooss, vun den Escher Kolleegen, dass dat wierklech och immens spannend ass an dass een och do wierklech awer Saache gewuer gëtt an dass een eebe seng Politik dorobber kann dann och baséieren. Ech hat mer e puer och kleng Froen notéiert. Zum engen hat ech mech gefrot, ob et dann e klore Koordinator elo op Gemengenniveau gëtt, vu dass d'Madamm Mambourg do sëtzt? Nee, déi wénkt awer mam Kapp, déi ass et net.

Ech hu mech och gefrot, et soll jo da reegelméisseg eng Presentatioun vun den Tëscheresultater ginn, laut der Konventioun, ob do och wäert de Gemengerot an/oder d'Commission des actions sociales vläicht agebonne ginn? Ob schonn e Plang do ass, et ass och gesot gi mer maachen elo mol déi Konventioun iwwert ee Joer, mir maache mol den État des lieux. Ass schonn d'Iddi awer, fir dono weiderzefueren oder ass et elo mol, mir maachen dee Plan de cohésion sociale an da kann dovunner vläicht och en Deel sinn, dass een dann déi weider Rapporte mécht, einfach wat do vläicht d'Strategie à long terme ass an ob dann do och an déi Diskussioun dann och, virun allem zum Schluss vun der Presentatioun, de Gemengerot mat agebonne gëtt? Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Merci, Här Busch, fir d'Erklärungen. Diddeleng entwéckelt sech a gëtt ëmmer méi attraktiv am Verglach zu anere Stied, déi hei och schonn ernimmt sinn, muss ech soen, hu mer zu Diddeleng alles an et ass eng vun de wéinege Stied am ganze Land, wou ee wierklech ka soen, dass mer e Mikrokosmos an sech selwer sinn.
Mir hunn esouwuel vu Sportsinfrastrukturen, wéi kulturell, wéi medezinesch, wéi wat d'Schoulen ugeet, wat d'Lycéeën ugeet, wat och de Besoin vun eelere Persounen ugeet, ob dat elo Alzheimer ass, ob dat e Spidol ass, mir hunn eng Geriatrie, mir hunn alles an Diddeleng, dat heescht am Fong ass Diddeleng e Beispill vun deem, wat et huet, fir aner Stied, e Paradebeispill. Ech mengen, mir sinn e Mikrokosmos u sech an et ass dat wat Diddeleng esou attraktiv mécht a firwat och ëmmer méi Leit op Diddeleng kommen, an Diddeleng huet sech immens vergréissert an deene leschten zéng, zwanzeg Joer, kee muss aus Diddeleng eraus, wann en eppes brauch.

Mir kënnen duerch déi Analysen, déi hei kommen, wierklech nach méi geziilt agoen an op déi verschidde Quartieren an einfach kucken, a wéi enge Quartieren de Schung nach e bëssen dréckt, woubäi ech fannen, dass mer als Gemeng selwer schonn op engem immens gudde Wee sinn. Ech sinn immens gespaant op déi Donnéeën, déi mer kréien op allen Niveauen, vu jonk bis al, vu sozial schwaach bis op engem Hiwwel an engem Haus wunnen, dass mer alles hunn. An ech si gespaant op déi éischt Resultater, déi mer dann hei kréien an dass mer dorobber dann nach méi geziilt kënnen agoen op deem, wat scho bal e perfekte Mikrokosmos ass.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci och Iech, Här Busch, fir d'Presentatioun. D'Madamm Thoma huet quasi alles gesot grad, wat ech mir opgeschriwwen hat. Ech maachen et dofir extreemst kuerz. Mir begréissen deen Observatoire social, dee soll geschaf ginn. Ech mengen, d'Grënn dofir si genannt ginn. De Plan de cohésion sociale, d'selwecht, do ass och alles dozou gesot ginn, och dee begréisse mer. Da géing ech am Fong just meng zwou Froen stellen, déi och zum Deel ugeklonge sinn. Wou ech d'Dokumentatioun duerchgelies hunn an och mat deene Leit geschwat hunn, déi elo an der Commission des actions sociales dra waren, war mer net direkt kloer, ech mengen, den Här Busch hat et elo ugedeit, dass och soll zesumme gekuckt ginn, mat eeben der Kommissioun an och dem Gemengerot, fir dat reegelméisseg à jour ze halen.

An do wier d'Fro dann einfach: Wéi ginn déi Leit mat agebonnen, wéi gëtt déi Kommissioun mat agebonnen an dee ganze Prozess an och wéi gi mer à jour gehale vun deenen Donnéeën am Gemengerot, well effektiv, wann een d'Konventioun liest, do steet dann dran, de Schäfferot, dat ass logesch, Dir sidd d'politesch Decideuren, Dir maacht de Kontrakt. Elo wier eeben einfach d'Fro, wéi hannendrun de Suivi ass fir eis? Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci. Et ass och scho ganz vill gesot ginn, ech hu just nach zwou Detailfroe bei den Tâches à réaliser am Kontrakt, do steet dann och „mener des entretiens auprès des différents services communaux ou autres acteurs locaux incontournables" an dat ass meng Fro: U wien

ass do ugeduecht ginn? Ech denken do zum Beispill och un Institutiounen, wéi zum Beispill, d'Croix-Rouge, d'APEMH, Pro Familia, déi zum Beispill och Zweet-Phase-Wunnenge verlounen. Ass och ugeduecht ginn, déi Leit, déi eeben zum Beispill Sozialwunnenge geréieren, ass och mat deene Kontakt opgeholl ginn? A wéi geet dat, zum Beispill, och mam Altersheim oder mam Spidol, dat ass jo och eng Saach, wat e bësse méi delikat ass vun den Zuelen hier.

An da bréngt et mech op den Appendix 3 vun der Konventioun, do steet dann och „il est anticipé que le sous-traitant puisse faire appel à des sous-traitants ultérieurs pour la réalisation de certaines tâches, notamment pour la réalisation des enquêtes". Do ass meng Fro: Ginn dat Leit vu bausse, ginn dat Studenten, wéi ass dat ugeduecht, déi Leit, déi do déi Enquêtë solle maachen? Ech huelen un, dass do och Interviewe mat dra sinn oder ass dat wierklech just mathematesch, informatesch Enquêten? Dat ass vläicht eng Detailfro, mee wéi gesot, am grousse Ganze fanne mer dat heiten eng ganz flott Saach.

An ech hat awer nach eng aner Fro. déi mer duerch de Kapp gaangen ass: Eis Stad gëtt jo och ëmmer evaluéiert, virun allem och eis Kanner an hir Elteren, well dat jo och en Impakt huet op den Indice social fir d'Affektatioun vun de Schoulstonnen. Dës Kéier ass dat jo geännert ginn. Eisen Indice social ass geännert ginn. Mir krute méi Schoulstonnen, well mer eng Gemeng sinn, wou méi Besoin ass. Elo ass meng Fro: Huet dat heiten, déi Research, déi mer hei maachen, déi Recherche, déi mer hei maachen, huet dat och en Impakt zum Beispill op dat? Oder ass do awer een aneren Observatoire, deen déi déi Necessitéit oder deen Indice social fir d'Schoulstonnen awer extern, souzesoen, weiderhi begutachtet? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Interventioun, den Här Meyer huet d'Wuert.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wollt dann och mol Merci soe fir d'Presentatioun an ech sinn och gespaant, elo schonn, op déi Zuelen, déi do erauskomme wäerten. Ech fannen dat op alle Fall eng ganz gutt Saach. An et ass bestëmmt herno interessant fir kënnen och deen een oder anere Quartier mateneen ze vergläichen an och dann ze kucken, falls iergendwou sollt en Defizit sinn, fir dann do eeben och d'Situatiounen ze optiméieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Och dem Här Busch e grousse Merci fir déi gutt Presentatioun. A mir wollten natierlech och gäre wëssen, fir den Observatoire social, ob d'Gemeng do plangt, dat just fir ee Joer mam LISER oder soll dat all Joer an Zukunft zesumme gemaach gi mam LISER? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech hunn nach just eng ganz kleng Zousazfro, wat elo déi praktesch Ëmsetzung ubelaangt. D'Leit dobaussen interesséiert dat och vläit, wéini dann elo déi Deadline ass, also dat heescht, wéini genee ee kann dermat rechnen, datt een dann d'Resultater publizéiert, wéini dat da fir de Public och visibel ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Si soss keng Stellungname méi? Gutt, da géif ech vläit d'Wuert zeréckginn un den Här Busch, fir eng Rei Froen ze beäntweren, an da géif ech och nach op e puer Punkten agoen.

PATRICK BUSCH (LISER): Also, et si jo Froen, déi si méi fir Iech, déi iwwer d'Durée vun der Konventioun. Normalerweis maache mer et esou, mir maachen eng Konventioun normal bei de Gemenge fir dräi Joer, bis fënnef Joer. Hei hu mer eng Konventioun gemaach fir zwee Joer, well mer mengen, Dir hutt och, wat, wat aner Gemengen net hunn, Dir hutt an Ärer Déclaration échevinale e Plan de cohésion sociale. Am Fong, déi ganz Aarbecht fir en Observatoire social, dat ass eng Infrastruktur, wéi Dir sot, dat ass en Invest, mir investéieren a mir wëssen iwwer d'Gemeng Diddeleng. Den Hannergrond ass jo och, eng Politique sociale kënnen opzebauen. An e Plan de cohésion sociale ass e Plan d'action fir mech. Dat ass e Plan d'action, wou mussen déi Donnéeën do erafléissen an dee Plan d'action, dee muss deen souguer ënnerstëtzen, dat heescht, ze vill Gemengen hu kee Plan d'action.

Wann een elo kuckt, d'Gemengen hunn all e PAG, si hunn all e Plang fir ze bauen, e Bautereglement oder esou weider, mee fir dat Soziaalt hu mer kee Plang. An d'Iddi ass hei, vu dass Dir schonn e Plang an der Iddi hunn, een opzebauen, d'Iwwerleeung geet scho vill méi wäit politesch, fir dann e Plan d'action ze hunn, wat aner Gemengen nach net hunn. Dowéinst hu mer gesot, zwee Joer, dat wär gutt, fir dass Dir kéint och de Plan d'action ufänken, wärend där doter Legislaturperiod, also dàr Koalitiounsperiod. Dat ass d'Iddi. Normal ass awer herno virgesinn, dass mer mindestens dee Monitoring weidermaache mat deenen Indicateuren, déi mer opgebaut hunn. Dat kann en Dashboard sinn, dat kann iwwer e System sinn, iwwer en informatesche System, dee mer à jour setze mat den Donnéeën all Joer oder mat Rapporten.

Wéi Dir sot zu Esch war d'Iddi, am Ufank mol d'Situatioun ze erklären, generell, also e bëssen en État des lieux ze maachen, an herno villäicht méi e Fokus ze maachen. D'Iddi, zum Beispill, zu Schëffleng - ech mengen, dat war déi Kommissioun vun de Personnes âgées, déi wollt effektiv méi e Zoom ze hunn iwwer den drëtten Alter, an do hu mer e ganze Rapport gemaach och mat verschiddenen Enquêten iwwer den drëtten Alter, wou mer d'Situatioun dann e bësse méi kloer gesinn, wou den drëtten Alter am Moment drun ass. Natierlech ass dat verbonnen och oft mat sozialen Infrastrukturen. Dir sot dat mat Recht, zu Diddeleng hutt Dir vill Infrastrukturen. Mir ginn net esou wäit, fir ze

kucken, wéi ginn d'Infrastrukture benotzt, mir maache keng Enquête an d'Infrastrukturen. Wat mer maachen, an dat ass e bësselchen déi Fro iwwer déi Enquête, déi Dir gestallt hutt, wéi ginn d'Enquêtë gemaach, am Ufank maache mer esou Entretiene mat all de Servicer vun der Gemeng, fir ze kucken, wat hu si als Informatioun, wéi schaffen si mat der Informatioun, wat kréien se vun den Nopeschservicer, well hei geet et jo ëm eng transversal Studie, dat heescht, déi Servicer, déi mussen zesumme collaboréieren an och deelweis eis Indicateure validéieren, dass se dat brauchen an hirer Aarbecht. Ech denke vill un de Service social oder den Office social, zum Beispill.

Dir hutt vun Altersheem geschwat, mee et ass méi den Office social, wou mer wëllen och deelweis, deen huet jo och Donnéeën, iwwer Beneficiairen, zum Beispill. Natierlech ginn déi Donnéeën all anonymiséiert, pseudonymiséiert. Dowéinst maache mer eng Studie, déi heescht AIPD, dat ass eng Etude d'impact iwwer de Risk vun Donnée-personnellen, dat ass, wann déi zwee DPOen, dee vun der Stad an den DPO bei eis, déi Leit, déi am Fong den Dateschutz mussen nokucken, an déi Studie ass amgaang elo gemaach ze ginn, wärend mir elo e bësse waarden, well mir musse fir d'éischt emol den Analysenimpakt klären.

Wat sinn déi Donnéeën, déi mer wëlles hunn? Déi gi festgesat, identifizéiert, an dann d'Sourcë ginn herno och definéiert - sinn et Donnéeë vum Recensement, sinn et Donnéeë vun der IGSS - an da gëtt gekuckt, wéi ginn déi Donnéeën transferéiert, wéi schaffe mer? Mat engem securiséierte System, enger securiséierter Plattform fonctionéiert dat. Bon, déi Studie ass elo amgaang, dat gi 50 Säiten, ganz bestëmmt, déi kritt d'Gemeng. Den DPO vun der Gemeng muss dat effektiv validéieren, dass dat alles OK ass. Wann do nach e Problem ass, da muss gekuckt ginn, wéi kënne mer dee Risiko minimiséieren.

Wat mir maachen, mir schaffe vill mat pseudonymiséierten Donnéeë, déi mer herno anonymiséieren. Hei geet et jo och fir eng Trace ze fannen, wou mer eppes opbauen op déi verschidde Joren. Dat heescht, a fënnef Joer wëllt ee vläicht wëssen, majo, wéi war dann d'Situatioun virdrun, also, wéi war dann d'Situatioun am Beräich vum Chômage oder am Beräich vum drëtten Alter, dass een och op déi verschidden Indicateure zeréck ka kommen. Dat ass, och wichteg. Déi Chance, déi mer hunn, ech hat deemools, dat war 1998, eng Studie gemaach mam fréiere Buergermeeschter, de Mars Di Bartolomeo, iwwert d'Situation sociale an d'Situation de l'emploi vun der Stad Diddeleng. Déi Studie, déi gëtt et nach, ech hunn déi elo imprimméiert an do gesäit een e bëssen, dat wat ganz interessant wier, dat ass och e bëssen de Verglach ze maachen.

Wat ass geschitt an deene 25 Joer zu Diddeleng? Am Emploi, wou schaffen d'Leit? Bon, ech sinn amgaang ze kucken, déi Donnéeën hu mer leider net méi op engem Fichier oder esou, mee si sinn awer nach am Rapport detaillé, soudass mer kéinte schonn och mat deem Recensement, dee mer elo hunn, de Verglach maache. Deemools hate mer och vill de Recensement benotzt, de Verglach ze maachen. Mir gesinn och op den nächste Säiten, do ass hei de Statec zesummen, fir och iwwer déi Sources de données ze schwätzen, iwwer de Recensement. An, bon, wat war dann nach fir eng Fro? D'Enquêtë ginn intern gemaach bei eis, vun de Leit, déi um Projet schaffen, mee dat sinn elo Enquêten, fir d'Servicer ze froen.

Eng Fro war, wéi wäit gi mer mat Associatiounen oder mat aneren Acteuren? Dat ass eng Fro, déi mer eis oft stellen, fir de Logement ze begrënnen. Also Logement, do gëtt et jo och Logement social, Logement abordable an esou weider, do sinn d'Donnéeë jo vläicht net direkt an der Gemeng, mee do sinn d'Donnéeë bei aneren Acteuren, déi gi mer dann do sichen, wou se sinn dee Moment. Hunn ech vläicht nach eppes vergiess? Eng Fro? Nee? Ech mengen net. Voilà, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och nach eng Kéier fir déi doten Erklärungen. Ech mengen, mir hu jo mam LISER e Partner als Centre de recherche publique, dee jo - ech mengen, Dir wësst dat – säin Apport jo hei kloer mat erabréngt, an op där anerer Säit ass jo och ganz kloer, déi - kann ech awer hei soen, an dat ass jo e bëssen och de Préalable - déi politesch Volontéit, fir dat heiten natierlech weiderzeféieren. Et géif jo wéineg Sënn maachen - ech mengen, Dir hutt jo zu e puer d'Fro gestallt - et géif jo wéineg Sënn maachen, deen Observatoire elo hei an d'Liewen ze ruffen, deen néidege Budget ze ginn, zwee Joer zesummen ze schaffen, dann eng Analys virleien ze hunn, e Rapport virleien ze hunn an ze soen, dass war's. Au contraire. Ech mengen, dann, heescht et jo och dann, dofir hu mir jo och hannendru gesat an eiser Schäfferotserklärung, dass mer e Plan de cohésion sociale wëllen, wou een natierlech och reegelméisseg eng Mise-à-jour mécht.

Ech mengen, dee gréissten Opwand vun der Aarbecht, dee kënnt elo. Herno déi Mise-à-jouren, dat ass natierlech manner opwändeg, respektiv, wann een nieft dem generelle Rapport och thematesch Rapporte mécht oder e gewëssene Fokus setzt, do huet ee jo schonn d'Informatioune virleien an et geet een dann hin an et mécht ee méi e Fokus drop an et geet een am Fong dann nach méi an d'Déift. Wéi eng Theeme mer elo do wäerten huelen, ech mengen, dat loosse mer de Moment nach op, dat schielt sech herno eraus am Fong, wa mer déi gesamt Radiografie maachen, wou een dann och gesäit, hei do ass méi Handlungsbedarf wéi op engem anere Punkt, wou s de natierlech och sees, mir setzen de Fokus op déi Thematik, déi dann och effektiv da weidergefouert gëtt fir de Plan de cohésion sociale.

Dat ass zu der méi genereller Approche. Ech ka mer do gutt virstellen, wa mer och eng Rei Resultater virleien hunn oder Tëscheresultater, déi och gräifbar iergendwéi sinn, dass mer do sécherlech eng Kéier an d'Commission des actions sociales kommen oder och an de Gemengerot, dass mer da kënnen informell zesummekommen, datt mer eng Kéier eng Presentatioun och maachen, mee et musse jo dann Donnéeë sinn, mat deenen een awer eppes och ufänke kéint. Dat waren déi Elementer, déi hei am Raum stoungen, déi eng politesch Connotatioun hunn, dofir, elo musse mer mol d'Kollekt vun den Donnéeë maachen, déi verschaffen,

an da kucken, wat dobäi erauskënnt an dann natierlech punktuell hei an de Gemengerot kommen oder an d'Kommissioun, fir dann do och déi méiglech Infoen ze ginn. Esouwäit ech weess, den Indice social vun de Schoulen, dee gëtt vum LISER definéiert. Gell, Patrick Busch, et ass esou?

PATRICK BUSCH (LISER): Jo, effektiv, mir maachen den Indice social fir d'ganzt Land a fir de Ministère de l'éducation, a mir maachen och den Indice social fir d'Gemengen. Dat heescht, et si Gemengen, déi eis gefrot hunn, zum Beispill Esch an d'Stad Lëtzebuerg, si géife gär den Indice social iwwer d'Quartiersschoule kréien, fir ze gesinn, wat fir Schoulen sech differenzéieren. An dat gëtt och zu Esch esou gemaach, dass si nach de Contingent erweideren, dat gëtt eng Repartitioun an der Gemeng vis-à-vis vun där Schoul, déi am schwächsten ass, vis-à-vis vun där Schoul, déi net esou schwaach ass. Mee hei elo, an deem dote Projet hu mer den Indice social vun de Schoulen elo net agebaut. Am Fong kéinte mer dat och abauen, mee et gëtt jo souwisou gemaach. Ech mengen, d'Iddi wier vläicht ze kucken, ob mer et sollen op d'Schoule maachen an deem dote Projet, mee bon, am Moment hate mer dat nach net diskutéiert, well mir brauchen do och den Accord vum Ministère de l'Education.

Wat interessant ass am Indice social vun de Schoulen, dat ass, do ass e Règlement grand-ducal, dat eis erlaabt, de Fichier élèves eranzebréngen op eng Säit bei der IGSS, an d'Elteren dovunner zesummenzebréngen. An da kritt een do eng Informatioun iwwer d'Gehalt an d'Situatioun sociale vun den Eltere vun de Schüler, déi hei an der Schoul sinn. An dat bréngt natierlech dee Ranking, dee mer maachen iwwer den Indice sociale scolaire, dat sinn déi Populations scolaires, dee Moment, wou mer am Fong den Heritage vun hiren Elteren do erabréngen. Dat ass erlaabt duerch d'Gesetzgebung an dowéinst, deemools ass dat gemaach ginn an op där Basis do kënne mer schaffen. An dat kann awer elo nëmmen de Ministère erlaben. Dat heescht, wa mer et géife maachen, op infrakomunalem Niveau, um Schoulniveau, da misste mer awer de Ministère froen. Si soen, dat ass eng Demande, déi vun der Gemeng kënnt. Si soen am Fong net Neen, ech mengen, well dat bréngt hinnen d'Resultat vill méi detailléiert nach um Niveau vun der Gemeng. Dat ass machbar.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech denken, dat ass grad och fir Diddeleng genau esou interessant wéi fir Esch, well mir och Quartiersschoulen hunn. Mir maache vläicht eng Analys pro Quartier. Jo. Dat wär vläicht och nach eng Demande, déi ee vläicht nach kann eng Kéier mat opgräifen. Mir hänken eis jo e bësselchen do drun a bei eis ass dann eebe e bëssen déi Verdeelung, wéi Dir selwer sot vum Contingent, dat ass ëmmer e Goodwill vun den Intervenanten an de Schoulen, ne, vun de Presidenten. Dat leeft och ganz gutt bei eis, mee effektiv, wa mer nach méi eng konkreet Pist do hätten, dat géif eis vläicht hëllefen. Dat war am Fong och déi Fro, déi ech wollt stellen. Villmools Merci fir déi Explikatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech mengen, dir hat uganks jo gesot, dass mer hei d'Méiglechkeet hätten, eng Radiografie ze maachen an ech mengen, wat jo och hei en Avantage ka sinn - dat heiten ass ee Beispill vu ganz villen - dass mer nieft der Politique publique oder Politique sociale oder a Funktioun och vun der Thematik vun den Analysen, vun de Resultater, déi mer hunn a wou mer och natierlech engersäits als Gemeng eng Rei Initiative kënnen huelen, awer och vis-à-vis vun der Nationalpolitik eng Rei Saache kënnen akloen - ech drécken dat emol esou aus - och par rapport och vun enger Ënnerstëtzung, sief dat och finanzieller Natur, sief dat awer och um Niveau vu Ressourcen, Ressources humaines, op verschiddenen Niveauen, déi ee brauch, dat heescht, et gëtt eis och eng ganz Rei Elementer, well mer och méi filigran Donnéeën zu eiser Verfügung hunn.

Dat wollt ech nach preziséieren, an ech hat eppes virdru vergiess, eise Koordinator hei am Haus, dat ass de Yves Goergen aus eisem Sekretariat, dee mécht d'Koordinatioun, deen ass am Fong den Interface mam LISER, bei him kënnt alles zesummen, respektiv geet alles och eraus. Dëst gesot, musse mer awer nach dës Konventioun, ofstëmmen. Ech mengen, si kritt ganz groussen Zousproch, dofir wëll ech zum Vott iwwergoen. Wien ass hei mat der Konventioun mam LISER fir den Observatoire social averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech Merci. An och e Merci un de Patrick Busch fir seng Presenz, seng Presentatioun an och seng Erklärungen.

### 3.5. Approbatioun vun der Konventioun iwwer d'Aides à la pierre mam Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung betreffend de Bau vun abordabele Wunnengen an der Rue Nic Bodry

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Bei dësem Punkt komme mer bei eng Konventioun mam Logementsministère, an do geet et ëm d'Logementer, d'Locations abordables an der Rue Nic Bodry. Ech ginn do net op de Projet am Detail an, well mir haten eng laang Diskussioun hei am Gemengerot, de 25. Mäerz 2024, wou de Projet virgestallt gouf, wou och de Kontrakt ronderëm de Vefa guttgeheescht gouf. An ech hat Iech och do gesot, dass am nächste Gemengerot dann och d'Konventioun kënnt mam Logementsministère, wou mer dann och d'Aides à la pierre kréien an déi Dir hei virleien hutt. Also, et si jo 6 Maisons unifamiliales avec logement intégré, also 12 Unitéiten, déi am Fong dann och de Logementsministère eis dann och zur Verfügung stellt, fir eng Durée, wärend där se am Logement abordable musse bleiwen, vu 40 Joer.

Mir hunn och hei dragesat, vu dass mir jo elo hei net bauen, mee am Fong jo hei dann e WEFA-Bau ass, Travaux de construction 25 Méint, dass am Fong déi éischt Logementer geliwwert ginn den 1. Mäerz 2026. Mir ware selwer op der Plaz, wou ee jo gesäit, dass d'Aarbechte gutt, an deem Sënn, virukommen, dass normalerweis, wéi d'Gesetz et jo virgesäit, dass een natierlech 75 Prozent kritt, wat d'Coûts d'acquisition vum Terrain ugeet a 25 Prozent wat d'Coûts éligibles, wat d'Logementer ugeet. A mir kréien hei am Fong eng Participation financière vum Staat, vum Logementsministère, vu 7.040.831,00 Euro, TVA, wéi gesot, inklusiv. An do komme mer op e Gesamtmontant - ech men-

gen, do gouf deemools schonn an Aussiicht gestallt, ouni mech awer festzeleeën, well do nach Diskussioune jo amgaange ware mam Logementsministère - do komme mer am Fong am Ganzen, fir déi zwee, op e Subsid vun 72,6 Prozent, also net wäit ewech vun deene maximale 75 Prozent.

Dat huet virun allem domadder ze dinn, dass och eise Mataarbechter, de Pierre Glesener, deen effektiv och ëmmer am Kontakt ass mat de Mataarbechter vum Logementsministère, och par rapport zum Cahier des charges, dee mir jo och erfëlle mussen, och datt dat esou am Fong ausgeluecht hunn, dass mer esou vill wéi méiglech un dee Cahier des charges erukommen, fir dann och esou vill wéi méiglech Subsiden ze kréien an dat ass mir dann hei de Fall. Dat zu dëser Konventioun. An ech mengen, dass dat net onwichteg ass, dass mer och déi haut hei kënne guttheeschen. Dat zu den néidegen Erklärungen an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert, selbstverständlech begréisse mer dat doten. Dat ass jo och d'Iddi gewiescht, firwat mer an déi Vefa-Aktioun eragaange sinn, well mer eeben och do assuréiert kritt hunn, dass mer do eng substanziell Hëllef vum Staat géife kréien. Ech hu just eng Detailfro, an zwar iwwer d'Durée, do steet nämlech, mir hate jo den Acte de vente en l'état futur achèvement gemaach gehat. De 15. Januar 2024 ass deen erschriwwe ginn, do huet et geheescht, den Achèvement misst sinn 420 Deeg no der Signature, dat wär 1 Joer an 2 Méint duerno. An hei steet awer elo an der Durée „Le délai prévisionnel des travaux de construction est de vingt-cinq mois", dat heescht, do géif et 1. Mäerz 2026 ginn. Elo ass do awer eng kleng Diskrepanz, dat ass awer e gutt halleft, bal e Joer Ënnerscheed. Elo ass meng Fro: Wéi gesäit dat aus, well an deem Kontrakt, dee mir gemaach hu mam Constructeur, do steet och dran, wann hien zum Beispill deen Delai, dee mir deemools ënnerschriwwen hunn, mat him net anhält, da kéint hien eng Penalitéit kréien oder do misst eng Derogatioun ugefrot ginn. Wéi ass dat ze verstoen, dass do esou eng Diskrepanz ass? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen? Jo, Madamm Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert, mir begréissen dat dote selbstverständlech och. Ech hat mech och ameséiert, ze rechnen, wéi no mer dann un dee Plaffong komme vun deene 75 Prozent. Do felicitéieren ech dann och de Servicer, dass se dat esou hikritt hunn, dass mer do awer esou no do dru kommen. Ech hunn och gelies, dass mer „Droit sur demandes à compensation de services publics" hunn, dat ass de Punkt 4.6. Ech kenne mech do elo net esou aus, ech weess net, wat dat ass, mee, wa mer do nach Droit op eng Kompensatioun hunn - ech hunn elo keng Anung, ëm wéi vill et do geet - da ginn ech jo dervun aus, dass mer déi Demande dann och nach wäerte maachen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Neen? D'Madamm Mambourg ass nach hei, vläicht ginn ech hier eng Kéier och kuerz d'Wuert, fir op dee Punkt anzegoen.

CATHY MAMBOURG (ARCHITEKTIN VUN DER STAD DIDDELENG): Ech mengen, vun den Delaien hir ass et esou, datt de Promoteur, géing ech mengen - ech schätzen, vun haut gekuckt - éischter fäerdeg wär. Dat heescht, déi Diskrepanz tëschent deenen zwee Delaie fannen ech elo net dramatesch. Mir komme sécher net bis an d'Joer 2026 fir dee Bau fäerdegzestellen. Haut sti schonn d'Fondatiounen, d'Kellermauere si schonn do, dat heescht, do si mer éischter an deem Delai, wou eeben an deem Dokument mam Promoteur stoung. Dofir fannen ech, déi Durée vum Logementsministère vun där Konventioun, ass mat relativ vill Marge dann. Ech denken, dat ass net relevant.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Wat elo de Montant vun där Kompensatioun ugeet, dat weess ech elo net. Da muss ech nach eng Kéier nokucken, wat dat ausmécht, dat kann ech Iech elo direkt nach net soen. Voilà. Si soss nach weider Froen oder Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach froen, wat ass dat dann, déi Compensation de services publics? Ech hu guer net verstanen, wat dat soll sinn. Ech hat mer dat nämlech och nach ugekréngelt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech muss nach eng Kéier déi genau Teneur vum Artikel 13 nokucken. Ech ka vläicht nach eng Kéier am Laf vum Gemengerot den Artikel 13 kucken. Ech weess, dass do deemools Diskussioune waren, wéi d'Gesetz gestëmmt gouf, dass do eng Kompensatioun wier, dass wann en Acteur public do eng Responsabilitéit mat iwwerhëlt, dass hien eng Kompensatioun och kritt, mee wéi se gemënzt ass, ech muss nach eng Kéier am Artikel 13 nokucken, da kënne mer nach eng Kéier am Laf vum Gemengerot drop zeréckkommen.

Voilà, ceci dit, kënne mer dann op de Vott vun dëser Konventioun iwwergoen? Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime, villmools Merci. An d'Gemengekeess seet och Merci. Voilà, da kommen op den nächste Punkt iwwert eis Raclage-Aarbechten.

**3.6. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Raclage an d'Reparatur vu verschiddene Stroossen an de Joren 2025 bis 2027**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, do seet d'Gemengekeess net d'Merci, well do gi mer erëm eppes aus. Ech mengen, Dir hutt den Devis vu 600.000,00 Euro an Ärem Dossier leie gehat fir de Raclage vu Stroossen. Ech mengen, déi meescht vun Iech wëssen, datt mer all Joer eng Partie Stroosse racléieren. Vläicht fir déi nei Memberen am Gemengerot just, wat genau gëtt bei engem Raclage gemaach? Ech bremsen direkt den Äifer, dat ass kee ganze Reamenagement vun enger Strooss, dat heescht, do gëtt elo net onbedéngt eppes un der Stroosseféierung oder um Ausgesi vun der Strooss geännert. Ech mengen, soss géif dee Montant, dee mer haut hei stëmmen, och sécherlech net duergoen an dee wier vill méi héich.

Et geet hei also haaptsächlech ëm Stroossen, wou eng Rëssbildung ass, an do gëtt dann e Fraisage op 5 Zentimeter vun där éischter Makadammschicht gemaach. Dono gëtt eng Couche d'accrochage a 5 Zentimeter neie Makadamm agebaut a bei verschiddene Fäll, wou den Opbau dann och liicht gesackt ass, do muss dann och eng Mise en état vum Ënnerbau gemaach ginn. Ech sot, mir maachen all Joer eng Partie vun dëse Stroosse frësch. Déi Aarbechten, déi ginn och ëmmer am Laf vum Joer gemaach, an Ofsprooch mam Service des Travaux public zesumme mat dem Service de la Circulation, well et hänkt ëmmer e bëssen dovunner awer, a wat fir enger Strooss mer schaffen, wéini mer déi Aarbechte kënne maachen. Ech soen elo mol, wann do e bësse méi eng Haaptstrooss ass, da probéiere mer dat natierlech an eng Schoulvakanz ze leeën. Dat muss och mat der Firma gekuckt ginn, déi dat mécht, soudatt dat all Joer am Detail gekuckt gëtt, wéini mer wéi eng Stroosse maachen. An ech mengen, dann hätt ech elo näischt vergiess.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Sinn dozou Froen, Prezisiounen oder Remarken?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Also, dat gëtt warscheinlech reegelméisseg esou gemaach, et ass elo déi éischte Kéier, dass ech hei sëtzen an ech hu mer den Dossier ugekuckt an ech hunn e klenge Problem. Ech weess, dass wann een am Alldag mat deene Saachen ze dinn huet, da realiséiert ee vläicht net, dass aner Leit déi Informatiounen net hunn. Mir hunn e Punkt um Ordre du jour, Raclage et réfection de diverses rues 2025 bis 2027, mir hunn eng Deliberatioun, wou och net méi drasteet a mir hunn en Devis vun engem Büro d'études, wou awer och guer näischt drasteet. Dat heescht, Dir kënnt Iech vläicht virstellen, mir wëssen elo net, vu wat fir enger Surface mer schwätzen, vu wéi enge Stroossen, vläicht ass dat och nach net kloer, dat ka gutt sinn, mee, also, ech verstinn och, dass dat relativ onspektakulär ass, mee mir sollen elo 600.000,00 Euro stëmmen a mir hunn awer wierklech guer keng Informatioun, dat ass e bësse schwiereg.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, mir ass et änlech gaangen. Ech hunn effektiv souguer nach d'Hoffnung gehat, et géing sech ëm Vëlospisten handelen oder aner Saachen, mee och dat stoung an der Schäfferotserklärung „Le développement de nouvelles pistes cyclables sera favorisé, leur entretien et leur sécurisation garantie". Ech hu mer et esouguer erausgeschriwwen. Dat heescht ech hat mir och elo do net déi Hausse erwaart an, jo, do hunn ech mer wierklech d'Fro gestallt, well, Dir hat jo am Budget u sech virgesinn, dass déi Aarbechten 200.000,00 Euro géinge kaschten, dass sech dat op 3 Joer géing verdeelen, wann ech dann elo richteg sinn, also dass et 2024 bis 2027 wier an et wieren 200.000,00 Euro virgesinn. An elo ass et deen neien Devis, dat si 600.000,00 Euro fir 2025 bis 2027, dat heescht, am Ganze sinn et jo 800.000,00 Euro, dat heescht, et ass am Fong dat véierfacht vun deem, wat virgesi war. Do wollt ech einfach froen, ob mir iergend en Äerdrutsch dann net matkritt hunn, wou eng Strooss huet misse komplett nei gemaach ginn. An, Jo, wéi eng Stroossen et eebe sinn, well, wéi d'Madamm Thoma gesot huet, et ass wierklech, et huet een null Infos. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Sinn nach weider Stellungnamen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also, beim Budget soen ech normalerweis ëmmer, wou mer plangen, wat fir eng Stroosse mer maachen. Ech kann Iech och elo eng Kéier opzielen, dat, wat mer virgesinn hunn, sief et och nach eng Kéier fir 2024, wat mer do nach amgaang sinn ze maachen. De Problem ass ëmmer deen doten, dat kann ëmmer nach änneren. Et hänkt ëmmer e bëssen och vun de Wanteren of. Mir maachen ëmmer, wéi soll ech soen, ech soen net eng Etüd, mee mir kucken, wann do eng Strooss sech erausschielt, déi dann op eng Kéier extreem futtigaangen ass iwwert de Wanter, jo, da musse mer déi maachen. An dann ass dat, wat ech Iech hei gezielt hunn, vläicht net méi wouer. Ech kann Iech dat elo erzielen, wat mer wëlles hunn, mee neelt mech net drop fest, well ech weess net, wéi den nächste Wanter gëtt an dann déi nächst Wantere ginn an dofir wëll ech mech net aus der Fënster leeën, datt dat da genau esou wäert stattfannen, wéi dat, wat mir elo geplangt hunn.

Mir hu fir 2024 nach d'Rue Auguste Liesch, d'Rue de la Rivière an, Här Steffen, de Vëloswee iwwer d'Diddelenger Baach tëschent der Rue Henri Bessemer an der Rue Sidney Thomas, wou mer wëlles hunn, ze maachen.
2025 d'Rue Mayrisch tëschent der Rue Sidney Thomas an der Rue Dominique Lang, an der Rue Fleming tëschent den Hausnummeren 17 bis 25, d'Rue Antoine Zinnen, d'Rue du Parc, tëschent der Rue Pasteur an der Rue Michel Rodange, dat ass dee Kräizungsberäich, wou mer alt mol schonn driwwer rieds haten.
2026 d'Adolfstrooss, d'Spidolstrooss an d'Martinstrooss, awer, an do soen ech direkt e groussen Awer, just wann de Postchantier bis dohinner dann och fäerdeg ass, well déi och virgesinn hunn, do ze schaffen, dat ass also nach e grousst Fragezeichen. An d'Rue de la Forêt tëschent der Rue de la Forêt an der Rue du Parc.

2027, Dir gesitt, dat gëtt elo ëmmer e bësse méi vag, dat ass d'Rue Lentz tëschent der Rue Boitenberg an der Cité Aloyse Meyer. Wéi gesot, et kënnen och nach vläicht aner Stroossen a Fro kommen. Dat hänkt ëmmer vum État de dégradation aus, wou mer feststellen, dat kënne mer am Viraus net esou soen. An, wéi gesot, hänkt et erëm nach e bësse vun den nächste Wanteren of an do kann ech, wéi gesot, keng Garantie ginn, mee da wësst Dir mol, wat geplangt ass.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, och nach eng Kéier fir déi dote Prezisiounen op Demande hei vun de Conseilleren, ech mengen, dass dat heite méi kloer dann elo ass fir Iech, fir dat kënnen nozevollzéien. An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Devis estimatif hei averstanen? ***Dat ass unanime,*** da soen ech Iech villmools Merci.

# 4. URBANISMUS

**4.1. Approbatioun vum Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum Plan d'Aménagement Général (PAG) – schrëftlichen a grafeschen Deel betreffend de Site „an den Kuebestrachen" [Akt 1] an dem Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum Plan d'Aménagement Particulier „quartier existant" (PAP QE) - Vermarkungsplang, betreffend de Site „an den Kuebestrachen" [Akt 1], bestoend aus :**
**• PAG – Decisioun betreffend de schrëftlechen an de grafeschen Deel.**
**• PAP QE – Decisioun betreffend de Vermiessungsplang.**

**4.2. Approbatioun vum Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum Plan d'Aménagement Particulier „Quartier existant" (PAP QE), betreffend de schrëftlechen Deel (e puer Artikelen) an de Markéierungsplang (Legend) [Dossier 2].**

**4.3. Approbatioun vum Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum Plan d'Aménagement Général (PAG) – schëftlechen a grafeschen Deel, betreffend 8 punktuell Modifikatioune vum grafeschen Deel an e puer Artikele vum schrëftlechen Deel [DOSSIER 3] a vum Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum Plan d'Aménagement Particulier „quartier existant" (PAP QE) – schrëftlechen Deel a Markéierungsplang, vun deene 5 punktuelle Modifikatioune vum Markéierungsplang a vum schrëftlechen Deel [DOSSIER 3], bestoend aus :**
**• PAG – Decisioun iwwer de schrëftlechen an de grafeschen Deel.**
**• PAP QE – Decisioun iwwer de Verortungsplang an de schrëftlechen Deel.**

**4.4. Approbatioun vum Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum Plan d'Aménagement Général (PAG) – schrëftlechen a grafeschen Deel, betreffend 5 punktuell Modifikatioune vum grafeschen Deel an der grénger Zon a vum Artikel 4 vum schrëftlechen Deel [DOSSIER 4] a vum Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum Plan d'Aménagement Particulier „quartier existant" (PAP QE) – schrëftlichen Deel a Markéierungsplang, betreffend 5 punktuell Modifikatioune vum Markéierungsplang a vum schrëftlechen Deel [DOSSIER 4], bestoend aus:**
**• PAG – Decisioun betreffend dee schrëftlechen an dee grafeschen Deel**
**• PAP QE – Decisioun betreffend de Verortungsplang an dee schrëftlechen Deel.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt geet et ëm den Urbanismus an do begréissen ech hei an eiser Ronn d'Madamm Tania Dutriaux an den Här Jean Brodeur, vun eisem Planerbüro Zeyen & Baumann, an ech begréissen awer och an eiser Ronn d'Cathy Mambourg, an awer och d'Eva Gottschalk an den Tom Bernard aus der Service Architecture et Domaines. Mir hunn hei am Fong eng Rei Punkten, wat d'Modification-ponctuellë vun eisem PAG ugeet. Dir wësst, dass mer den 8. November 2023 hei am Gemengerot jo am Detail déi Modification-ponctuellë presentéiert hunn an och do an där Prozedur jo och d'Saisine gemaach hunn hei als Gemengerot, fir d'Prozedur ze lancéieren. Do war et jo och virun allen drëms gaangen - an d'Madamm Dutriaux an den Här Brodeur wäerte genau am Detail drop - agoen, eng Rei Modifikatiounen ze maachen, fir de Laboratoire national de la santé, fir den Ausbau ze erméiglechen, awer och e puer Partie-graficken, och um Niveau vum PAG, wat d'Gaffelter Schoul, d'Tennisterrainen, den Eecherdall, d'Bierenger Kiermes-Plaz, d'Modifikatioune vun de Gréngzonen op 5 Sitten ugeet, also eng Rei Modifikatiounen, déi hu misse gemeet ginn, am Ganzen, wéi gesot, 4 Dossieren.



Zënter mer de Vott am November gemeet hunn, sinn entretemps d'Avisen erakomm, vum Ëmweltministère, vun der Commission d'aménagement. Mir hunn och eng Enquête publique misse maachen, esou wéi d'Gesetz et och natierlech virgesäit, an dat ass och gemeet, ginn. Mir haten och den 29. November eng Informatiounsreunioun an där doter Prozedur, an där mer eis haut befannen, ass keng Observatioun an och keng Objektioun, wat de Projet ugeet, erakomm. Natierlech hu mer d'Avisë kritt, vum Ëmweltministère an och vun der Commission d'aménagement, déi den 9. Februar zesummekomm ass. Mir haten och eisen Aarbechtsgrupp ronderëm de PAG, respektiv, PAL, deen ass am Mee dann eng Kéier zesummekomm, also wéi gesot eng ganz Rei Avisen, déi erakomm sinn, déi virleien an haut, vu dass mer an enger klassescher PAG-Prozedur sinn, ass et um Gemengerot, e Vott ze maachen. An da muss dat nach eng Kéier publizéiert ginn. A wa Leit wëlle reklaméieren, mussen se dat dann dono beim Innenminister maachen, esou wéi d'Prozedur et virgesäit. Voilà. Dat war et zum Kader, an deem mer eis haut hei befannen. An elo géif ech dann d'Wuert nach ganz gär weiderginn un d'Madamm Dutriaux an un den Här Brodeur, déi op deen een an anere Punkten nach wäerten agoen. Merci.

JEAN BRODEUR & TANIA DUTRIAUX (PLANERBÜRO ZEYEN & BAUMANN) : Bonjour. On va repasser rapidement les cas de dossiers avec les avis. Concernant le Laboratoire national de santé, pour rappel, c'est une modification du PAG, où on a reclassé la zone qui était en mix urbain en zone d'équipements et de bâtiments publics. On a légèrement modifié la limite de la zone ici, qui était prévue pour des stationnements. Et le principal point, c'est qu'on a aussi fait une zone de parc et non pas une zone de jardin, à l'arrière, où il y a actuellement les panneaux solaires et qui est aménagée en tant que parc ouvert accessible au public. Et l'autre modification concerne ici, il y avait une servitude d'ur-

banisation coulée verte, mais comme on réaménage ici pour l'extension, donc on a enlevé la servitude d'urbanisation, coulée verte. En même temps, on a dû modifier le PAP Quartier existant, donc c'est simplement la transposition du PAG sur le PAP Quartier existant. On a également modifié la partie écrite du PAG pour supprimer – Ah oui, pardon, j'ai oublié de le dire, mais bon, on avait supprimé le PAP qui était existant, qui était le contour ici, violet, avec le numéro 2. Donc, ça, c'était un PAP qui avait été réalisé, qui avait été approuvé et maintenu. Donc, comme il y a des modifications, pour ne pas être obligé de modifier le PAP existant, on a tout simplement abrogé le PAP.

Donc, cela veut dire qu'en abrogeant le PAP dans la partie écrite du PAG, on a été obligé de supprimer la ligne ici avec le numéro 2. Pour chacun des dossiers de modification, il y a eu un avis de la Commission d'aménagement ou un avis de la Cellule, ou les deux avis si on touche au PAP-QE et au PAG. Donc, pour la modification du laboratoire, l'avis de la Commission d'aménagement avise favorablement la modification de la partie graphique et de la partie écrite du PAG, donc eux ils n'ont fait aucune remarque. Comment modifier la zone verte en introduisant la zone de parc. Le Ministère de l'Environnement, du Climat et de Biodiversité a aussi avisé favorablement la modification, puisqu'on agrandit la zone de parc. Et pour chaque modification aussi, on demande l'avis du Ministère de la Santé.

Et dans chacune des modifications, le était d'accord avec la modification, mais il voudrait qu'on modifie certaines choses, qu'on précise pour des végétations, pour qu'il n'y ait pas de végétations dangereuses, qu'on gère mieux les eaux stagnantes, que les locaux pour ordures ménagères soient … Donc c'est tous des points qui concernent le règlement sur les bâtisses. Et comme aujourd'hui on ne parle pas vraiment d'une modification du règlement sur les bâtisses à court terme, donc ces points, tous les points que le Ministère de la Santé relève, on va les traiter lors d'une prochaine modification du règlement sur les bâtisses, qui avait été prévue peut-être en même temps que la modification pour les habitations légères. Mais, donc, aujourd'hui, tous les avis du Ministère de la santé, on ne les prendra pas en considération.

Concernant le PAP Quartier existant, qui a été modifié, la Cellule d'évaluation aussi constate la conformité avec le PAG et n'a pas d'observation. Le Ministère de la Santé non plus n'a pas d'observation. Le deuxième dossier, ça concernait principalement la partie écrite du PAP Quartier existant, et une petite erreur matérielle sur la partie graphique, donc ça ne concernait pas le PAG. Donc, ici on a modifié dans la légende de la partie graphique et on a ajouté 2 secteurs qui avaient été oubliés. Et on a modifié plusieurs articles de la partie écrite du PAP-QE, donc on ne repassera pas la partie écrite, c'est long pour lire. Donc, la Cellule d'évaluation a fait deux observations concernant l'article 18.5.1 concernant les panneaux solaires et l'article 20.10 concernant les étages en retrait. Le Ministère de la Santé n'a pas fait de remarques particulières.

Concernant l'avis de la Cellule pour l'article 18.5.1 concernant les modifications de la partie écrite du PAP-QE, la Cellule estime qu'il convient d'alléger les dispositions de l'article 18.5 en s'inspirant davantage du texte proposé en annexe de la circulaire 2023. Donc, en effet, certaines dispositions risquent d'être difficiles d'application et risquent ainsi de générer des insécurités juridiques, notamment au niveau de l'avant-dernier tiret. Donc, ici, on a fait un extrait de la circulaire. Donc, ça, on l'avait déjà discuté avec le groupe de travail. C'est une circulaire que le Ministère a faite pour un peu uniformiser à travers le pays tout ce qui concerne les énergies renouvelables, les panneaux solaires, les pompes à chaleur. Dans cette circulaire, il est proposé d'écrire les 2 points suivants. Les panneaux solaires en façade sont interdits. Là, on est, pardon, dans le secteur protégé. Donc, les panneaux solaires sont interdits en façade et tout panneau solaire doit être de type full black, donc ça, c'est un type de panneau solaire, qui est plus discret pour les toitures. Dans la modification, on avait repris les deux alinéas qui sont ici, donc ça vient de la circulaire, et on avait maintenu certains points qui, dans l'ancienne version du PAP-QE, que le Service technique considérait qu'il était important de maintenir, pour avoir une meilleure harmonisation au sein des quartiers, pour les panneaux solaires.

Donc, avec le groupe de travail, il a été convenu qu'on maintenait le projet de modification de la partie écrite du PAP-QE, donc on ne prend pas en considération les remarques de la Cellule. Le deuxième point concernait, ici, les étages en retrait. Donc, on avait constaté qu'il y avait une erreur matérielle, donc on avait écrit, lors de la refonte „l'étage en retrait pour avoir au maximum une surface construite brute de 80 pour cent de l'étage en retrait au-dessus", mais dans les articles précédents, donc l'article 1.3, qui est Habitation 1, Habitation 2, et Zones mixtes urbaines, là on ne parlait pas de surface construite brute pour les étages en retrait, mais d'habitation, surface habitable nette. Donc, on avait décidé d'harmoniser et d'éviter les confusions entre les deux, entre les articles et l'image, mais le Ministère considère qu'il serait mieux de maintenir construction brute, mais là aussi, suite à la réunion avec le groupe de travail, il a été décidé de maintenir la terminologie habitation nette et ne pas prendre en considération la remarque de la Cellule.

Pour le dossier 3 concernant 8 sites, donc, il y avait le premier site près de l'École Gaffelt, où il y avait des terrains qui étaient anciennement classés en HAB-2 et qui ont été acquis par la commune, donc on a reclassé ces terrains-là en zone de bâtiments et équipements publics, et on a supprimé ici le secteur protégé pour permettre une plus grande flexibilité. Donc, ces terrains-là pourront être développés plus tard, soit pour une cour de récréation ou pour des aménagements en rapport avec le site scolaire. Donc, on a fait le pendant ici dans le PAP Quartier existant, pour ajuster.

Une autre modification concernait l'inscription sur le PAG des sites-classés patrimoine culturel national, au niveau national, donc, c'est pas un classement com-

munal, mais c'est au niveau national, et cela concernait deux fermes dans le quartier Boudersberg, Rue de la Chapelle, et cela concernait une ancienne ferme, Route de Burange, ici, près de la gare, et cela concernait également l'ancien site industriel Greisendall, et également ici la maison dans la Rue du Parc, qui serait classée comme monument national, qui était anciennement classée en protection communale, mais là c'est devenu monument national. Donc c'est simplement inscrire ces sites-là dans le PAG.

Un autre site, c'est ici concernant, ça c'est le Match, donc c'est concernant l'îlot ici, la Rue de la Rivière, la Rue du Commerce et, je crois, même la Rue de la Libération, donc c'était simplement rétablir la délimitation de la zone suite à des échanges de terrain entre la commune et le propriétaire, il y a eu une acquisition de terrain pour un peu arrondir la forme de l'îlot. C'est simplement aussi une question technique. Donc la même chose avec le PAP-QE. Il y avait également une erreur matérielle dans le PAG ici. Ça, c'est le stade d'athlétisme. Donc ici, il y avait un trait qui n'y avait pas sa place. C'était une erreur matérielle. Et y avait également un trait ici pour l'ancien tracé du cours d'eau, donc qui a été déplacé ici entretemps. Donc, ce sont deux erreurs matérielles qui ont été supprimées du PAG.

Il y avait ici, c'est le site où se trouve le stade Meyer. Et il y a tous les terrains ici, qui étaient classés en zone BEP-ps pour projets social, donc ça serait principalement du logement abordable. Et là, le Ministère avait dit lors de la refonte que ce serait mieux de ne pas en faire une zone spéciale BEP-ps, puisque dans une zone de bâtiments et équipements publics, ce n'est pas possible de faire uniquement du logement, il faut toujours qu'il y ait une partie du site qui soit développée en équipements publics. Donc, eux avaient suggéré de tout simplement le mettre en BEP. Et à ce moment-là, on pourra faire du logement et je crois qu'il y aura une petite extension, peut-être des équipements sportifs ou une crèche ou une Maison Relais.

Bon, le projet n'est pas encore défini, mais cela avait été discuté avec le Ministère de l'intérieur et pour eux, c'était mieux de faire comme ceci. Donc, il y a ce site-là qui est concerné, il y a également le site où sont les terrains de tennis actuellement, où l'on a enlevé le PS, on l'a mis en BEP, et comme les rues sont déjà desservies par deux rues existantes et qu'il y avait une partie des terrains de tennis qui seraient maintenus ici et ici quelques constructions, des logements sociaux qui seraient prévus, donc, à ce moment-là, le PAP Nouveau quartier n'est plus nécessaire puisque les infrastructures sont déjà là. L'autre site, c'est dans les quartiers Burange, le projet du Fonds de logement, qui est en discussion depuis plusieurs années. C'est une BEP-ps, mais comme il n'y aura pas d'équipements publics associés à ce projet-là, on l'a tout simplement reclassé en zone d'habitation 2. Et la même chose dans le Quartier Schmelz, l'ancienne école préscolaire, qui était en BEP, on l'a reclassée, puisqu'il n'y aura pas d'autres équipements publics, on l'a reclassée en HAB-2.

Donc, ça, c'étaient les principales modifications, c'étaient les modifications de la partie écrite pour le Dossier 3. On a fait aussi quelques modifications pour adapter les zones et les modifications. Donc, si on prend le dossier de la Commission d'aménagement, pour tout le dossier, c'est un avis favorable. Et le Ministère de la Santé, c'est aussi un avis favorable, mais il revient toujours avec la modification du RBVS, qui sera faite lors d'une autre modification. Pour ce qui est de la Cellule d'évaluation, elle constate la conformité entre le PAG et le PAP-QE et n'a pas d'observations particulières. Le quatrième dossier concerne 5 sites qui touchent à la zone verte, où il y a eu l'avis de Ministère de l'Environnement. Le premier site, c'est ici sur la Rue Dr Orphée Bernard, donc ça avait été classé parc alors que c'est un terrain, un jardin privé qui appartient à la maison là. Donc là, on l'a reclassé en zone de jardin et on a modifié la délimitation de la zone verte, puisque là on a modifié la zone verte, donc c'est le PAP-QE.

Ici, c'est l'École Waldschoul, où on a légèrement adapté les limites de la zone BEP en vue de faire des aménagements par rapport à ce de ce site scolaire, et on a modifié légèrement la zone de verdure ici, qu'on a mise en BEP. La zone de forêt ici a été légèrement modifiée pour faire l'accès. Ici, c'est la zone de verdure, qui a été reclassée en zone de forêt. Et on a délimité ici une servitude d'urbanisation - élément naturel, pour protéger les biotopes qui sont ici. Et tout ce projet-là a été discuté avec l'Administration de la nature et des forêts (ANF). Le troisième site concerne ici, dans le prolongement du quartier Neischmelz, ici, y avait une partie de terrain qui avait été classée en bâtiments et équipements publics, et dans le cadre des compensations à faire pour le projet Neischmelz, il y avait des lézards qui étaient situés quelque part ici. Pour leur réserver un endroit où ils pourraient être déplacés, on a reclassé ici la zone de verdure, et c'est une demande du Ministère de l'Environnement de créer une zone de verdure pour que les lézards, qui seraient déménagés ici auraient la sécurité que leur site serait maintenu en zone de verdure. Cela aussi a été discuté avec le Ministère de l'Environnement.

Il y avait ici, là, on est à Burange, dans la rue du Nord. Le terrain ici, qui était classé en zone agricole, a été reclassé en zone de BEP-équipements publics pour l'aménagement de bassins d'orage, et le Ministère de l'Environnement a demandé qu'on inclût ici une servitude intégration paysagère pour garantir la transition entre le milieu naturel agricole et la zone BEP. Le dernier site, ici, c'est dans la zone d'activité Wolser, c'est pour le projet du Centre de secours. Dans le cadre du projet du Centre de secours, il y a eu des compensations à faire pour le cours d'eau qui était ici, et à ce moment-là, toujours en discussion avec le Ministère de l'Environnement, il a été décidé de reclasser ici une partie de la zone d'activité nationale et une partie du domaine de l'autoroute, donc de la voie de circulation, en zone de verdure. Il s'agit aussi d'un projet qui a été discuté avec le Ministère. Et là, aussi, on avait fait quelques adaptations de la partie écrite du PAG et du PAP-QE pour régler un peu plus le bout de terrain qu'on avait modifié près du quartier Neisch-

melz. Donc, on a modifié un peu la partie écrite du PAG dans le cadre de cette modification-là.

Concernant les avis, la Commission d'aménagement avise favorablement, le Ministère de l'Environnement avise également favorablement, le Ministère de la Santé avait quelques remarques toujours par rapport au règlement des bâtisses, et la Cellule d'évaluation constate la conformité du PMPQ avec le PAG et n'a pas d'observations particulières. Donc ça, c'étaient les modifications qui le sont rendues à la phase du vote du Conseil communal. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech soen dem Jean Brodeur Merci, dass hien nach eng Kéier am Detail op déi verschidden Avisen engersäits agaangen ass an awer och, wéi mer als Stad Diddeleng op déi Avise reagéieren. Ech mengen dat gëtt eeben e bëssen den Aspekt an d'Breetband par rapport zum Vott, dee mer am November geholl hunn. Dat weist ganz kloer aus, dass jo ganz wéineg Adaptatiounen hu misse gemeet ginn, wat jo och virun allem weist, dass awer déi ganz Preparatioun am Virfeld, mengen ech, och hei deem Rechnung gedroen ass. Mee fir elo ass awer de Moment nach an dësem Gemengerot doriwwer ze diskutéieren oder zu den Avisen, respektiv zu deenen aneren Aspekter, déi hei presentéiert goufen. Voilà. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, ech ka mech do och ganz kuerz faassen. Mir hu jo am Groupe de travail scho ganz vill iwwert déi Saache geschwat. Mir haten den 8. November hei am Gemengerot déi Saachen an der Saisine, fir se da virunzeginn un den Inneministère. D'Commission d'aménagement, d'Cellule an d'Santé hate jo weider keng Objektiounen. Dat heescht, dass mer déi Saach gutt preparéiert haten a vun dohier ass et elo fir d'CSV kee Problem, fir dat heiten esou virunzeschécken an de Ministère, fir dass et definitiv accordéiert gëtt.
Soll ech dat anert direkt nach elo drunhänken?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Jo.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Do ass ee klengen Detail, wat elo de Punkt 4 ugeet mat de Zone-verten, do gesäit et esou aus, dass ech do familiärerweis befaange kéint sinn duerch en Terrain, dee reklasséiert gëtt, an et ass esou, dass dat am November eigentlech nach net de Fall esou konkreet war, well mer do jo am Fong just d'Saisine gemaach hunn an se viruginn hunn. Elo ass et awer esou, hei bei der Decisioun, bei der Ofstëmmung hei dozou, do kéint et virkommen, dass ee mir eventuell kéint eng Befaangenheet virgeheien, well deen Terrain, deen da reklasséiert gëtt, eventuell eng Wäertsteigerung kéint erfueren, vun där ech indirekt kéint betraff sinn. An duerfir ass proposéiert ginn, dass ech beim Punkt 4 .04 géif de Sall verloossen an de Vott net matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler. Ech confirméieren, dass mer effektiv och zu deem dote Punkt jo eng Procuratioun vun Iech hei virleien hunn, déi Dir der Madamm Kayser gitt, fir do all Interessekonflikt aus dem Wee ze goen. Dofir och nach eng Kéier Merci fir dës Prezisioun. Ginn et nach weider Stellungnamen dozou? D'Madamm Ahmedova an dann d'Madamm Kayser.

SEMIRAI AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech hale mech och ganz kuerz. Et gëtt net vill heizou ze soen, ausser natierlech Merci nach eng Kéier fir déi Presentatioun. An ech wëll nach eng Kéier hei op dëser Plaz soen, datt mir immens frou sinn, datt mer de Groupe de travail hunn, wou effektiv sämtlech Avisen ënner d'Lupp geholl ginn, wou mer déi Saachen duerchdiskutéieren, ënnert anerem verschidden Avisen ophuelen, anere vläicht rejetéieren, mee alles natierlech am Sënn vum enger bessere Liewensqualitéit hei zu Diddeleng. Mir kruten och sämtlech Avisen, dat war interessant, wéi gesot, fir déi am Detail duerchzekucken.

Vläit just eng kleng Fro: Dir hutt och eng Réunion d'information gemaach. Ech konnt leider net kommen, ech war elo net derbäi, a meng Fro wier: War déi gutt besicht, hat Dir vill Leit, déi do waren? Well et ass awer trotzdeem e pertinent Theema an ech froe mech awer, wéi et dobaussen ukënnt, dofir just déi do Fro. An, soss, si mer frou, datt mer esou verfueren, datt mer, wéi gesot, déi Saachen am Detail kucken. A vläit och wichteg ze soen, mir haten net viru laanger Zäit eisen neie PAG hei zu Diddeleng kritt, also ofgestëmmt kritt, mee, et ass awer ëmmer erëm sou, datt demografesch Diddeleng sech immens dynamesch entwéckelt an iwwerhaapt eis Gesellschaft sech hautdesdaags immens séier entwéckelt. Dofir ass et immens wichteg, datt mer ëmmer erëm dat Ganzt à jour halen an deementspriechend den alldeegleche Besoinen dat reegelméisseg upassen. Dat gesot, wierklech nach eng Kéier Merci un Iech an och un de Schäfferot.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. D'Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Wéi gesot, et ass schonn alles gesot ginn. Ech wollt awer just na eng Kéier nofroen, ob et méiglech wär wéi och beim Vott vum November, dass mer de Punkt 4.4 vläit kéinten opglidderen, well d'CSV - Dir wësst et - e bësse kritesch vis-à-vis vun der Positioun vum Site Wolser fir de CGDIS steet, also et ass net, dass mir dergéint sinn, dass CGDIS op d'Diddeleng kënnt, mee de Choix vum Site, dee mer net gutt fonnt hunn an och déi Kompensatiounsmoossnamen, déi sech dann dorauser sécher erginn, fanne mer elo net esou glécklech an dofir géife mer froen, ob et méiglech wär, dass mer dee Vott 4 kéinten opsplécken an déi éischt 3 Punkten zesumme kéinte votéieren a fir Wolser vläit e separate Vott maachen, sou wéi mer dat am November gemaach hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da ginn ech vläit op déi zwou Interventioune vun der Madamm Ahmedova a vun der Madamm Kayser an. Jo, d'Informatiounsversammlung, déi d'Gesetz jo virgesäit, déi hu mer natierlech ofgehalen, an do ass kee komm. Dat huet vläicht domat ze dinn, well et effektiv

just eng Modification ponctuelle ass, well wann ee vergläicht mat der Informatiounsversammlung, déi mer haten, wou mer eis deen neie PAG ginn hunn, do war de Centre culturel voll, do waren och aner Enjeuen nach dobäi, mee, wéi gesot, mir haten - juste pour info - mir haten net méi spéit wéi d'lescht Woch och eng weider Informatiounsversammlung, mir hate jo an engem leschte Gemengerot jo och eng Modification ponctuelle virgeholl ronderëm de Logistikzenter vun der CFL, respektiv ronderëm de Wirtschaftsministère, och déi hu mer hei ofgehalen. Mir hunn eng Véierelstonn gewaart, et ass kee komm, bon, do si mer dann effektiv gaangen, mee d'Gesetz gesäit vir, dass een d'Informatiounsversammlung ofhält, et ass jo och wichteg, dass een se mécht, well fir d'Bierger mécht een och den Aushang, et mécht een och déi néideg Kanäl, fir d'Informatioun ze ginn, also et gëtt een de Bierger d'Méiglechkeet och ze kommen a wa kee kënnt, wéi gesot, da kënne mer leider och net vill maachen.

Dann nach eng Kéier par rapport zu den Ausféierunge vun der Madamm Kayser. Mir kënne par analogie - wéi am November - dee Punkt effektiv, wat d'Ofstëmmung betrëfft, eraushuelen. Ech wëll awer hei nach eng Kéier preziséieren, dass de Choix vum Site vum Verwaltungsrot vum CGDIS, deen awer net näischt ass, vum Verwaltungsrot vum CGDIS, wou souwuel déi staatlech Vertrieder dra sinn, souwuel och d'Gemengevertrieder, toutes couleurs politiques confondues, als en adequate Standuert empfonnt ginn ass, wat d'Asätz, ugeet, an och d'Rapiditéit vun den Asätz, dofir mengen ech, dass hei op alle Fall de Choix vum Site, wat d'Selektioun ugeet an och d'Zeréckbehale vum ieweschte Gremium vum CGDIS ganz kloer getraff gouf an, mengen ech, och dee e richtege Choix ass fir dee gemeinsamen Zenter, Diddeleng-Beetebuerg, mee natierlech droe mer hei der Demande, vun der CSV beim Vott Rechnung. Dëst, gesot, géif ech da proposéieren, op déi verschidde Votten iwwerzegoen. Da géife mer effektiv dann emol mam éischten Dossier ufänken.

Ass de Gemengerot mat deem averstanen? Den Dossier 1, wéi en hei presentéiert gouf. ***Dat ass unanime.***

Da géif ech proposéieren, dass mer op den Dossier 2 iwwerginn. Ass de Gemengerot mat deem averstanen? ***Dat ass och unanime.***

Da géif ech op den Dossier 3 eriwwergoen. Ass de Gemengerot mat deem averstanen? ***Dat ass unanime.***

Also, da géif ech op den Dossier 4 iwwergoen, wou d'Demande engersäits ass… ech muss elo kucken, wéi mer dat elo strukturéieren. Dat eent ass jo dann de CGDIS an dat anert ass Rue Dr. Orphée Bernard. Gutt, da géife mer elo mol e Vott virhuelen iwwer de CGDIS. Ech menge, dat ass vläit deen einfachsten.

***Wien ass mat där Modifikatioun averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun deene Gréngen, d'LSAP, d'DP, ADR, déi Lénk. Wien enthält sech, dat ass d'CSV.***

Gutt. Da géif ech op déi aner Punkten agoen. Do ass jo dann am Fong d'Procuratioun, déi virläit vum Här Gangler. Dee kann dann elo erausgoen. Dir hat jo d'Procuratioun der Madamm Kayser ginn. Voilà, dann ass elo d'Norm gewahrt an da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

Wien ass mat deenen anere Modifikatioune vum Dossier 4 averstanen? ***Dat ass dann unanime***, da soen ech iech elo do villmools Merci an da wäre mer zum Schluss vun de Votten ukomm an och, wéi gesot, eisen, Zerwisser, respektiv, dem Büro Zeyen & Baumann Merci fir Är Presenz, Merci fir d'Presentatioun, Merci fir d'Erklärungen, Merci gesinn, dass dat villes méi einfach gemeet huet. Da géife mer op den nächste Punkt virugoen, an den Här Gangler kann erëm erakommen, wann hie wëllt.

**4.5. Approbatioun vun engem Parzelléierungs-/Morcellementsprojet vun engem Terrain an der Rue Pierre Krier zu Biereng.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen, dat ass d'Approbatioun vun engem Projet de lotissement/morcellement vun engem Terrain an der Rue Pierre Krier zu Biereng. Wéi gesot, dat hu mer hei virleien, dat sinn d'Madamm an den Här Skrigelsch-Rahim Mirzada. Dat ass en Terrain vu 6,19 Ar an dat ass de Projet, déi Maison unifamiliale an zwou Maisons unifamiliales jumelées ze maachen an der Pierre Kréier Strooss. Dat ass en Terrain, wéi gesot, vun 16,19 Ar.

Am September 2023 ass d'Demande de principe och erakomm. A mir haten natierlech e Certificat de publication au public gemeet. Mir haten de 25. Oktober 2023 mer eng Bautekommissioun an och de 25. Juni 2024, wou mer och den Avis favorable vun eisem Service d'Architecture et Domaines guttgeheescht hunn a, wéi gesot, de 25. Juni hate mer dat virleiern, soudass am Fong näischt am Wee steet, fir där Demande hei och Rechnung ze droen, wann de Gemengerot dat dann och guttheescht.

Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech och hei villmools Merci.

**4.6. Demande fir eng Autorisation d'ester en justice am Bezuch op d'Bautereglement vun der Gemeng Diddeleng**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op deen nächste Punkt. Jo, do froe mer de Gemengerot fir eng Autorisation d'ester en justice, wou mer am Fong dann als Gemeng virginn an hei Proprietairë wëllen usichen. Dat ass net alldeeglech. Well ee jo ëmmer probéiert, wa Saachen net no der Baugeneemegung gebaut goufen, net no de Règles de l'art oder konform zum PAG, a mer dat jo mierken, da probéiert een d'Proprietairen ze kontaktéieren, se och opmierksam ze maachen, ze schreiwen, kucken, ob se alenken, fir sech dann ze regulariséieren oder vum selwen dann natierlech d'Modifikatioune virhuelen, wat natierlech da verhënnert, dass een dee Wee muss goe fir d'Geriicht ze saiséieren, respektiv, fir d'éischt emol eng Plainte ze maachen, respektiv d'Geriicht ze saiséieren, an dat ass awer hei leider de Fall. Dofir wollte mer dat och hei an de Gemengerot huelen, well déi hei-

ten Affär ausganks September virum Friddensgeriicht zu Esch wäert plädéiert ginn, an den nächste Gemengerot jo de 4. Oktober ass, dofir ass et wichteg, hei d'Autorisatioun vum Gemengerot ze kréien, fir eis och do da kënne vun eisem Hausaffekot kënne vertrieden ze loossen.

Ech mengen, Dir gesitt an Ärem Dossier alleguerten déi Demarchen, déi mer gemeet hunn. Hei geet et ëm den Här Garbay an d'Madamm Boulhada, op 104, Rue de la Libération. Do war e Projet, dee gebaut gouf an do hu mer natierlech selwer constatéiert, respektiv mir krute verschidden Appellen, respektiv Leit sinn un d'Gemeng erugetrueden, mat Fotoen, a mir ware selwer op dàr Plaz op Nummer 104, Rue de la Libération, dass am Fong statt, esou wéi et an der Baugeneemegung ausgestallt gouf, statt Gaart am Fong do Emplacementer sinn, Parkplaze sinn. Wéi mer dat natierlech festgestallt hunn, déi éischt Reaktioun ass natierlech déi, dass een d'Proprietairen uschreift, fir hinnen ze soen - an déi Dokumenter, déi Courrieren, déi hutt Dir jo virleien, dat war am Juli 2022 hu mer hinne gesot - dass se am Fong bis September 2022 Zäit hunn, fir dat ëmzeänneren, an do hu mer natierlech am August 2022 vun de Proprietairen eng Demande fir eng Prolongatioun kritt, fir méi wäit fir den 30. September 2022 dat kënnen ze maachen.

Mir hunn och där Demande de prolongation stattginn, well mer gesot hunn, OK, do ass e gudde Wëllen, deem droe mer Rechnung, ech mengen, dat war jo och positiv. Dir hutt jo och déi Mail virleien, do hunn si sech engagéiert als Proprietairen, eng Remise en état ze maachen, dat ëmzeänneren, an dat heescht, do hu mer am Mäerz 2023 nach eng Kéier eng Visite des lieux gemaach an do hu mer natierlech gesinn, dass d'Situatioun nach ëmmer déi selwecht ass. Do hu mer no där Visite des lieux nach eng Kéier e Courrier gemaach fir datt se eng Remise en état bis de 27. Abrëll 2023 solle maachen. Mir hu gesinn, dass d'Proprietairen där Demande net Folleg geleescht hunn an do hu mer am Fong am Juli 2023 beim Procureur d'État um Tribunal d'Arrondissement Lëtzebuerg eng Plainte gemeet an, wéi gesot, wann een eng Plainte mécht, do huet jo de Parquet d'Opportunité des poursuites, a wéi gesot, de Fait, dass elo d'Affär am September op d'Friddensgeriicht zu Esch kënnt, weist jo, dass de Parquet et fir opportun fonnt huet, hei och déi néideg Poursuitten ze entaméieren.

Da muss een och generell soen, dass mir als Diddeleng, notamment eise Service Architecture et Domaines, och schonn an deem méi generelle Kontext, och en Echange hat mam Parquet, och mat Echangen, déi ech selwer hat mam Procureur d'État, fir och ze kucken, wann een och als Gemeng an esou Situatioune Plaintë mécht, wéi een, am beschten och mat eisem Affekot zesummen och esou en Dossier opsetzt, dass natierlech och de Parquet déi néideg Informatiounen huet, déi en och brauch, dat war och e generellen Echange, deen do stattfonnt huet, mee dat ass e bëssen an engem generelle Kontext. Dat ass d'Situatioun, esou wéi sech hei befënnt. Ech mengen, ech hat uganks gesot, dass een als Gemeng ëmmer probéiert, éier een eng Plainte mécht, éier et op d'Geriicht kënnt, aner Weeër, unzeléieren oder ze goen, fir dass d'Proprietären sech regulariséieren, wat d'Baugeneemegung ugeet. Bon, hei war ee Moment eng Motioun bekräftegt ginn, déi awer net ëmgesat gouf. An dofir musse mer leider deen heite Wee och goen. Dat sinn d'Ausféierungen, déi ech hei wëll ginn, par rapport zu der Autorisation d'ester en justice, wou mer hei de Gemengerot froen, fir dat ze maachen. An d'Diskussioun ass op, wann Dir do Remarken oder Froen hutt, zéckt net.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Mir hate jo scho mol Fäll, wou effektiv beim Geriicht näischt geschitt ass, wou einfach gesot ginn ass: Neen, déi Affär do, déi loosse mer einfach falen. Mee wann Dir awer elo sot, et kënnt elo zu enger Verhandlung, da kënne mer awer sécher sinn, dass d'Geriicht hei iergendeppes ënnerhëlt, dass et net einfach ignoréiert gëtt, oder ass déi Etapp nach ëmmer méiglech? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ma meng Etapp geet e bësse méi wäit nach. Selbstverständlech soll jiddwereen sech un d'Gesetzer an un d'Reegelen halen, fir dass mer kënnen anstänneg zesumme liewen. Dofir hu mer Gemengegesetzer, mir hu Reglementer, wéi ee wat baue kann, wou ee wat maache kann. Wann d'Leit sech net drun halen, da solle mer natierlech och eppes dogéint maachen, well soss herno hu mer Wilder Westen, da mécht jiddwereen iwwerall dat do, wou et grad Loscht huet ze bauen. Et ass awer esou, mir ginn Iech ganz gären eis Ënnerstëtzung fir dësen Dossier hei, mee mir hätten awer och ganz gären e Retour an dass mer eng Suite herno hunn zu deem, wat mer haut gestëmmt hunn, mat där Ënnerstëtzung, déi mir Iech haut ginn, wat de Retour da vum Geriicht ass.

An dat hate mer an der Vergaangenheet net. Jo, dat hate mer an der Vergaangenheet net. Mir haten zum Beispill en Dossier an der Lëtzebuerger Strooss, wou mer hu missen exklusiv nofroen, wéi deen ausgaange war, an dat hei ass natierlech och wichteg fir d'Leit dobaussen, dass mer gesinn, dass mer eppes hunn, fir ze soen, hei, wann Dir Iech net un d'Reegelen haalt, mir ginn dogéint vir an dat doten ass och d'Konsequenz dovunner. An, voilà, dat wier am Fong déi eenzeg Doleance, déi mir hätten, dass mer den Dossier dann awer och, dass mer d'Suite vum Dossier méi géife matkréien. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Just ganz kuerz, mir ënnerstëtzen Iech natierlech, an dëser Prozedur. Et ass interessant och gewiescht, fir all déi Demarchen ze gesinn, déi Dir ënnerholl hutt, souzesoen, fir datt de Proprietär souzesoen déi Saache mol vu sech aus reegelt an et ass ëmmer schued, wann ee muss bis virum Geriicht landen, fir esou Saachen ze léisen, et ass ëmmer schued fir d'Gemeng, et ass schued fir de Proprietär, an iwwerhaapt. Eis Fro wier: Hu mer vläit aner där Fäll? Sidd Dir Iech bewosst, ob mer aner esou Situatiounen hunn a vläit, ech hunn

elo keng Léisung haut, mee vläit kéint ee kucken, datt een esou Saachen am Viraus scho vermeit, well ech kennen och e bëssen déi Situatioun an ech mengen, datt deen Här sech do wierklech leséiert, fillt, deen souzesoen eng Parkplaz kaf huet, woubäi d'Pläng e Gaart geneemegt hunn, dat heescht, dass erëm dat bëssen de Promoteur, soen ech elo mol, deen ausgetrickst huet, also et ass ëmmer schued, wann esou Saache geschéien.

Ech schwätzen absolut net fir de Proprietär, guer net, also wann et d'Bautereglement gëtt, da soll d'Bautereglement och respektéiert ginn, well dat ass och meeschtens am Sënn vun enger Liewensqualitéit, sief et an enger Residenz, oder iwwerhaapt an engem Quartier, dofir mussen déi Saachen do agehale ginn, mee et ass wierklech eng onglécklech Situatioun an, voilà, déi Fro kenne mer, ginn et nach esou Situatiounen an, jo, wéi gesot, wéi kéint een dat vermeiden an Zukunft? Mee ech hu keng Léisung. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci Madamm Ahmedova.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech hunn eng ganz aner Fro, wou ech jo net weess, ob et elo eng Äntwert drop gëtt. Ech hu mech just gefrot, also mir ënnerstëtze selbstverständlech d'Prozedur. Et ass jo relativ kloer, well et géint d'Bautereglement geet an, dass een net d'Recht huet, Parkplazen eeben do ze bauen. Ech hu mech just gefrot, wann d'Gemeng dann och elo Recht kritt an hie muss déi Dall ewechhuelen an e mécht da Wiss dohinner, huet d'Gemeng eigentlech och iergendeng Upak fir ze verhënneren, dass hie seng fënnef Autoen dann an déi Wiss stellt, well dann ass et jo keng Place de stationnement méi am Bautereglement oder hu mer an deem Fall iwwerhaapt keng Upak méi? Ech weess net, ob een do kann eppes maachen, mee ech hu mech dat einfach gefrot. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Nach weider Stellungnamen? Nee. Da ginn ech d'Wuert mol vläicht weider un den Tom Bernard an d'Cathy Mambourg an da ginn ech awer och op e Punkten an.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Zu der Fro vum Här Gangler, gëtt et herno sécher en Urteel? Jo, et gëtt jo net méi klasséiert, well et jo op d'Geriicht elo geet. Jo, wéi d'Uerteel ausgesäit, dat wësse mer jo och selwer dann nach net, mee, wéi gesot, dat gëtt sécher da plädéiert an da kréie mer d'Uerteel. Zu der Fro vum Här Martini, wat mir kënne proposéieren, ass, et gëtt jo herno e Jugement, dass een dat iergendwéi un de Gemengerot weiderverdeelt. Wann dat geet, ech weess et net, ob dat machbar ass oder ...

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech ginn herno dodrop an.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Dann zu der Fro vun der Madamm Ahmedova. Jo, mir hunn aner esou Fäll. De Virdeel ass awer, dass déi meescht Leit, wa mir hinnen een, zwee Courriere gemaach hunn, kommen se bei ons op de Büro an da probéiere mer eng Léisung ze fannen, wat autorisabel ass. Respektiv, aner Leit kommen och op de Büro, och bei de Buergermeeschter an da kréien se et nach eng Kéier mëndlech erkläert an déi huelen et da meeschtens ewech, spéitstens nodeems mer den zweeten oder drëtte Bréif maachen, wou mer soen, hei, leschten Delai, a wann Dir dat bis dann net ewechgeholl hutt, da gi mer et weider un de Parquet. Dofir daueren déi Prozedure jo och heiansdo ee Joer. Wéi gesot, Du gëss de Leit ëmmer erëm en Delai, dat hänkt dervun of, wat et ass, well wann se elo déi Stellplazen hei misst ewechhuelen, dat ass am Rasengitter amenagéiert. Dat hues de an engem Mount am Prinzip gemaach. Du brauchs net onbedéngt eng Firma, fir dat ewechzehuelen.

Dann, zu der Fro vun der Madamm Thoma, genau dee Problem hu mer, an onsem PAP-Cour steet mëttlerweil dran, dass virun der Dier alles, wat keen Accès carrossabel ass, muss clôturéiert sinn, entweeder mat enger Heck, enger Maierchen oder enger Mauer. Sou hei ass et awer esou, dass deen heiten, also d'Hannerhaiser an déi aner Leit, déi do wunnen, déi hunn och hannendru Parkplazen, déi och legal autoriséiert gi sinn. An do ass et esou, dass wann effektiv, wann elo do Wiss ass an dee fiert einfach mam Auto op seng Wiss, do hu mer keng Handhaab, quitte, dass eng Wiss net geduecht ass fir de Stationnement de voitures. Mee wéi gesot, dat wäerte er kucken, wat am Urteel do steet, wéi si dat elo wäerten dréinen an, wéi gesot, dass mer dat dann dee Moment souwisou am A wäerten halen.

Dann nach eng aner Saach fir d'Madamm Ahmedova. An dësem Fall, deen Här, deen dat kaaft huet, deen huet weeder bei ons nogefrot, wat en dierf mat esou engem Stéck Terrain maachen, an hien huet ganz kloer am Akt, wou e kaaft huet, steet ganz kloer „Jardin" dran, esou dass hien en connaissance de cause gehandelt huet, dass hien e Gaart keeft an net eng Stellplaz. Doropshin, just fir ze soen, ass hie bei ons um Büro gewiescht an do huet en zu ons och gesot, mengt Der, ech hätt fir 30.000,00 Euro deen Terrain kaf, fir Gromperen dropzesetzen? Also, voilà. Dat war et dann..

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, villmools Merci och Tom Bernard fir seng Erklärungen. Bon, ech mengen, Dir wësst et, et ass jo zimmlech rar, dass mer als Stad Diddeleng déi Demarchen entaméieren, fir een op d'Geriicht ze huelen, well wa mer als Gemeng eng Autorisatioun d'ester en justice brauchen, da musse mer an de Gemengerot kommen, da musse mer de Gemengerot jo froen, dat ze kreéieren, dat ass éischter rar. Dat heescht, de Prinzip vun der Gemeng ass éischter deen, esou vill wéi méiglech de Kontakt ze hu mam Proprietaire, drop anzewierken, dass dee vu sech aus d'Situatioun regulariséiert, wann se ze regulariséieren och ass, respektiv, dann ofrappt, wann et net nom PAG an no der Baugeneemegung och konform gebaut gouf, well de Prinzip ass nach ëmmer deen, d'Reegel ass, d'Baugeneemegung ze respektéieren an d'Preskriptioune vum PAG ze respektéieren.

De Moment ass keng aner Situatioun. mir bewosst, wou mer eng Autorisation d'ester en justice hei am Gemengerot gefrot hunn. Dat heiten ass elo déi éischt Situatioun, wou mir als Gemeng och aktiv ginn. An et si jo zwee Voleten, dat eent ass, an och dat ass éischter, rar, den Hàr Martini huet et virdru kuerz ugeschwat, och wa mol Situatioune sinn, hei hu mer jo och am Virfeld jo eng Plainte gemeet a wann de Parquet decidéiert, d'Affär ze klasséieren am Kader vun der Opportunité des poursuites, an déi Fakultéit huet hien, da kënnt et jo och net zu engem Geriichtsprozess an ech hu kee Problem, wann ee mol esou Situatiounen huet, dass een dat mee et sinn der ganz wéineg, am Moment hu mer, mengen ech, keng, déi mer elo direkt esou bewosst ass - eng Kéier de Gemengerot doriwwer ze informéieren.

Dat ass dat eent an dat anert ass, wann natierlech hei e Jugement kënnt, da wäerte mer natierlech de Gemengerot informéieren, et muss ee jo och kucken, wéi d'Jugement och ass, ob et en faveur ass oder en défaveur, esou oder esou maache mer eng Kommunikatioun, mir kucken nach a wéi engem Gemengerot, dat hänkt jo och dovunner of, wéi laang d'Affär brauch bis et zu engem Jugement och hei kënnt. Mir hunn awer kee Problem dermat, op dat heiten och zeréckzekommen. Dat eenzegt wat ech elo nach net gesot hunn, ech hat dat eng Kéier gesot am Kader vum PAG, mee do si mer net aktiv ginn. Dat war am Kader vun der Refonte vum PAG. Do ass eng gréisser Pëtrolssocietéit, déi eis op d'Verwaltungsgeriicht geholl huet, déi selwer aktiv ginn ass, well se par rapport zu de Modifikatioune vum PAG, also zur Refonte vum PAG, net averstanen ass, wou déi Affär de Moment drun ass, si ass och nach pendante, do hu mer absolut nach guer keng Äntwert kritt.

Mir wëssen natierlech och, dass d'Delaien um Verwaltungsgeriicht ganz laanger sinn. Dat ass an aneren Niveau wéi hei effektiv d'Friddensgeriicht zu Esch, dat sinn am Fong déi zwee eenzeg de Moment, wou mer effektiv an esou enger Prozedur sinn. Voilà, dëst gesot hu mer, mengen ech, probéiert, déi néideg Erklärungen ze ginn. Mir wieren elo frou, wat mer hei dann de Feu vert géife kréien, fir effektiv dann déi Autorisatioun ze kréien. Ech proposéieren, op de Vott iwwerzegoen. Wien ass domat averstanen? ***Dat ass unanime,*** da soen ech Iech do villmools Merci. Och dem Cathy Mambourg an dem Tom Bernard Merci fir hir Präsenz.

# 5. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

**Approbatioun vun de Schoulentwécklungspläng 2024 -2027 fir d'Schoule Butschebuerg, Brill, Deich, Gaffelt, Lenkeschléi, Ribeschpont a Strutzbierg**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Bei dësem Punkt geet et ëm den Enseignement fondamental an do géif ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci fir d'Wuert. Ech begréisse bei eis vun der Direktioun, d'Simone Gaffinet, déi déi ganz PDSe begleet huet, och de Schoulen eng grouss Hëllef war fir d'Plans de développement scolaire auszeschaffen. Ech entschëllegen awer den Här Mischaux, dee leider de Moien hei net kann derbäi sinn an och eise Schoulservice, déi halen sech zwar prett, mee do sëtzt de Moment nëmmen een am Büro a mir wollten de Büro net zouspären, awer wann eng Fro ass, kann ech natierlech direkt dohinner uruffen. Sou, da géif ech awer elo zu de PDSen an sech kommen. Ech mengen, Dir wësst et alleguer, all dräi Joer schaffen d'Schoulen nei PDSen aus, wat awer en extreemt wichtegt Dokument ass. Also, ech wollt dat hei eng Kéier soen, ech mengen, wann Dir d'PDSen duerchgelies hutt, da gesitt Dir och, dass do wäitaus méi drasteet wéi nëmmen, wat maache mer an deenen nächsten dräi Joer. Si maache virun allem en État des lieux, deen immens wichteg ass, net nëmme fir si, mee och fir eis, fir ze kucken, wat fonctionéiert gutt a wat fonctionéiert net gutt.

Ech wollt awer, éier ech ufänke mat deenen eenzele Schoulen, e grousse Merci soen un d'Schoulpresidenten an och un d'Ekippen, déi dës Aarbecht gemaach hunn. Dat war net evident, well mir si kuerz hannert enger provisorescher Schoulorganisatioun an dann erëm eng Kéier esou en Dokument ausschaffen, ech mengen, dat ass eng grouss Leeschtung an dofir mol vun eiser Säit aus hei e grousse Merci. Mir haten den 11. Juni Schoulkommissioun, do konnt all President e bëssen op säin Dokument agoen. Mir kruten och do all déi néideg Erklärungen an, wéi gesot, hei ass elo eppes, wat wichteg ass fir déi nächst dräi Joer. Ech wëll awer méi allgemeng eng Kéier zu de PDSe soen, dass eigentlech eng ganz grouss Kontinuitéit dran ass, dat heescht, Projeten, déi eigentlech virun e puer Joer nach an de Kannerschong waren, déi entwéckelen sech weider an si maachen och weider an deene Projeten.

Ech schwätzen hei vun deem Projet Sécher Schoul. Wéi mer do ugefaangen hunn, hu mer um Strutzbierg ugefaangen, elo si mer wäit virukomm an et gëtt bal an all Schoul och appliziéiert. Eppes, wat awer och ganz wichteg ass, dat ass déi Zesummenaarbecht mam SEA, déi entwéckelt sech och ëmmer méi, och hei besteet bal iwwerall eng gutt Zesummenaarbecht mat eise Structures d'accueil an do hu mer e Projet pilote lafen um Deich, dat wësst der alleguerten, de Projet Alphabetisatioun. Wann Dir d'PDSen duerchliest, da steet an all PDS dran d'Virbereedung fir d'Alphabeti-

satioun op Franséisch. Bon, dat sinn d'Haaptheeme vun de PDSen, wat wichteg ass, hei ass net nëmmen eng Aarbecht eleng vun der Schoul, hei sinn och d'Elterevertrieder mat agebonnen, an ech mengen och den Avis bei all PDS läit Iech vir vun der Direktioun, esou datt ech elo géif op déi eenzel Gebaier agoen, ouni ganz an d'Detail ze goen. Ech mengen Dir hutt jo alles virleien, mee dann herno kann d'Madamm Gaffinet vläicht nach Saache soen, déi ech elo net gesot hunn.

Ech géif ufänke mat der Schoul Gaffelt, si hunn e ganz gudde PDS gemaach. Si hunn och e bëssen alles opgeholl, wat de Moment scho geschitt. An si hunn d'Prioritéite festgehalen, virun allem d'Prioritéit läit op der Mediathéik. Déi ass de Moment nëmmen am C1. Dat ass e Projet, dee gutt leeft, an si wëllen dat mol op alle Fall ausbauen, och op déi aner Cyclen. PLK, ech hu scho vill doriwwer gesot, dat ass och e Projet, deen eigentlech schonn applizéiert gëtt, mee si wëllen dee weider ausbauen an si wëllen och do gemeinsam Reegelen a Konsequenze gëlle loossen. A virun allem ass dat immens wichteg fir d'Zesummenaarbecht mat den Eltere fir gemeinsam Reegelen ze hunn. An dann d'Zesummenaarbecht mam SEA, déi soll nach gestäerkt ginn, déi schwätzen hei vun enger gemeinsamer Charta an och vun der Notzung vu verschiddene Säll ass virgesinn. Ech wëll do nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt mer en Aarbechtsgrupp haten zwëschent Schoul a Structures d'accueil, dat huet si relativ no beienee bruecht, si hu vill diskutéiert, si hu vill Stonnen zesumme verbruecht awer. An och dat ass eppes, wat se weider wëlle féieren an och weider ausbauen.

Bon, ech wëll do nach vläicht kuerz soen, datt och déi Portierswunneng, déi am Fong jo elo fräi ass uewenop, datt si dat als gemeinsame Raum notzen, wou se sech och emol kënnen echangéieren oder wou se am Dag um Terrain zesumme sinn. Wat ass natierlech ganz wichteg, dat si virun allem an de PDSen d'Conclusiounen. Ech wëll hei net verstoppen, datt et och Saache ginn, déi net esou gutt lafen, ech mengen dat sinn d'Forces et faiblesses, déi kënnt Dir och an all PDS erëmfannen, an do schaffe mer drun, do musse mer alleguerten dru schaffen, fir datt dat an d'Zukunft besser klappt. Et ass schwiereg, an dat ass an der Gaffelt, dat hu mer gemierkt duerch och d'Leit, déi fortgaange sinn, dass natierlech d'Zesummenaarbecht mam SEA schwiereg ass, wann dauernd d'Leit wiesselen. Ech mengen, Dir gesitt et, Dir wäert et och haut erëm eng Kéier gesinn, d'Demissiounen, et leien erëm véier Stéck haut vir, doduerch kënnt dat dann natierlech um Terrain och ëmmer zu engem Wiessel, an dat ass eppes, wat et schwiereg mécht.

Dat eenzegt, wat ech nach ka soen, PLK, do sinn Noutfallpläng, déi funktionéiere ganz gutt, dat heescht, si hunn do wierklech gutt dru geschafft an dat funktionéiert och elo ganz gutt. Da géif ech op d'Schoul Lenkeschléi kommen. Ech mengen, och si hu Prioritéite festgehalen. D'Lenkeschléi, Dir wësst et alleguer, do gëtt et e Konzept op där Schoul, un dat sech jo och halen oder jiddwereen sech muss dorunner halen, trotzdeem hunn se Prioritéiten erausgeholl an hirem PDS, wéi gi mer mat verschiddene Saachen ëm. Ech



mengen, déi heterogen Schoulpopulatioun, do kommen natierlech aner Besoinen op eis duer. Mir mussen anescht domadder ëmgoen, fir de Kanner méi gerecht ze ginn an duerch Projeten ewéi Bewegte Schule, Sprooche valoriséieren, Echangen tëschent de Cyclen an natierlech – dat fannt Dir erëm - éischt Gedanke fir d'Realisatioun vun der Alphabetiséierung op Franséisch weiderféieren. Weiderféieren, an ech mengen, dat besteet jo schonn an dat klappt och ganz gutt, dat ass d'Zesummenaarbecht mam SEA, ech mengen, dat ass jo eppes, wat am Konzept fest verankert ass, datt déi gemeinsam Planunge maachen, och e Référent de classe ass nach ëmmer dran an déi gemeinsam Atelieren, déi sinn och ganz wichteg.

Awer och hei an der Lenkeschléi, wéi an all Schoul, ginn et Schwächten an och Stäerkten. Schwächte sinn nach ëmmer, dass mer zwou Ekippen an engem Gebai hunn, och wann se zesumme schaffen, zesumme gewuess sinn an dat gutt klappt, hunn se awer verschidde Prozeduren. Also, dat eent ass d'Gemengepersonal mat enger Prozedur, déi se mussen anhalen, an dat anert ass eebe vum Staat d'Enseignanten. Bon, mee wéi gesot, si schaffen och do dorunner. D'Stäerkten ass natierlech, dass déi fest Ekipp, déi an der Lenkeschléi ass, souwuel vum SEA, wéi och awer vum Schoulpersonal, datt dat hinnen immens hëlleft, fir de Projet weiderzeentwéckelen, an och virunzeféieren. Bon, wat flott ass natierlech an der Lenkeschléi, déi Situatioun hu mer net grad iwwerall, dat sinn déi alternativ Léiersituatiounen, déi Säll, déi si zur Verfügung hunn, fir och mol anescht Schoul kënnen ze halen.

Da géif ech eriwwergoen op de Strutzbierg. Ech mengen, de Strutzbierg-DPDS, wann Dir en duerchliest, dat ass e ganz interessante PDS. Wann Dir deen Etat des lieux liest, da gesitt Dir, wéi vill Energie hei an déi Schoul gestach gëtt, wéi optimal oder wéi se wierklech probéieren, en optimalen Encadrement vun de Kanner ze maachen, sief dat duerch d'Enseignanten, den I-EBS, d'ESEP, och d'PLK-Team. Ech mengen, dat ass eng extreem wichteg Aufgab, déi si hei hunn an déi hunn dat wierklech gutt gemeeschtert, d'Kollaboratioun mam SEA leeft, kann nach verbessert ginn, ech mengen, dat ass ëmmer eppes wat verbesserungsfäeg ass, an si hunn eis dann och hir Prioritéiten drop geschriwwen, fir 2024-2027. Ech mengen, dat ass virun allem d'Verbesserung vum Apprentissage bei de Sproochen, e Groupe de travail, deen agesat gouf fir d'Virbereedung fir d'Alphabetiséierung op Franséisch, och dat wëllen se maachen, an zwar fir d'Rentrée 2026-2027, an natierlech d'Weiderféiere vum Projet PLK an dëst och méi enk an der Zesummenaarbecht

mat der ESEP, fir preventiv Mesuren auszeschaffen, am Fall, wou bei de Kanner Krise sinn.

Dann d'Schoul Butschebuerg, och hei e ganz interessant Dokument, wat Dir virleien hutt, deen detailléierten État des lieux, dat ass eis erëm eng Kéier ganz wichteg an och hei gesitt Dir d'Stäerkten an d'Schwächten an do gesitt Dir, dass se sech vill Gedanke gemaach hunn, iwwer d'Organisatioun an hirem Gebai. Dat ass eng kleng Schoul, et ass heiansdo vu Virdeel, eng kleng Schoul ze sinn, mee wann awer Säll gebraucht ginn, dann ass déi Schoul ze kleng, dat ass ëmmer, wann ee Fir Appui oder esou Säll brauch oder esou, dofir si hunn sech hei ganz vill Gedanke gemaach. D'Prioritéite fir si leien an deenen nächsten dräi Joer beim Projet Sécher Schoul, d'Promotioun vum Liesen, ech mengen et muss een och mol soen, datt wann eng Schoul och seet, voilà, am Franséische si mer schwaach, mir hu vill, vill Kanner, déi do méi schwaach sinn an duerfir maachen ze Promotioun mam Liesen, da kënnen d'Kanner d'Sprooch besser léieren. Echangen ënnert de Cyclen, ech mengen, dat sinn och gemeinsam Projeten an natierlech och d'Preparatioun fir de Projet Alphabetiséierung.

Dat géif ech nach op d'Schoul Ribeschpont eriwwer goen. Dat Dokument gëtt eis virun allem emol den Abléck an den Alldag vun der Schoul. Ech mengen, och hei am Detail d'Qualitéit vum Enseignement, vun der Kollaboratioun mam SEA, d'Elteren, d'Encadrement duerch den I-EBS, duerch d'ESEP, den Appui pédagogique an och d'Ausstattung mat informatesche Material, fannt Dir an dësem Dokument erëm. D'Prioritéite vun hinne bis 2027, d'Enseignanten engagéieren sech, mat där ëmmer méi wuessender heterogeener Populatioun aktiv ëmzegoen, dat aktiv ze ënnerstëtzen an do méi Zäit a méi Ressourcen ze benotzen, bon, optimal ze benotzen. Si hunn dat jo elo schonn, mee ech mengen, si wëllen dat méi optimal notzen. Schoulintern Formatioune solle gemaach ginn an dann natierlech eng sënnvoll Notzung vun den neie Medien an och si maachen d'Virbereedung fir d'Alphabetiséierung op Franséisch.

D'Prioritéit, ech hat et scho gesot, dat ass d'Zesummenaarbecht mat der Maison Relais, gemeinsam Wäerter virun allem a gemeinsam Formatiounen an Teambuilding. D'Schoul Brill, Dir wësst, datt de Brill dat gréisste Gebai ass, mat deene meeschte Kanner, wat ganz schwiereg heiansdo ass, virun allem elo an der Situatioun, wou mer an engem Chantier sinn, ass dat eng ganz schwiereg Situatioun, fir elo do dat heiten, fir an d'Zukunft ze kucken. Och hei hunn se d'Bestandsopnam gemaach, awer virun allem och vun deenen eenzelnen Annexen. Dir wësst jo, datt de Brill Annexen huet, de Wolkeschdall an och Balzeng, esou wéi och de Precoce. Ech mengen och do ass gekuckt ginn, wat leeft gutt, wat leeft net gutt. D'Kollaboratioun mat der Maison Relais ass schwiereg am Brill selwer, am Haaptgebai, well d'Maison Relais net un der Schoul läit, doduerch gëtt zwar Kollaboratioun gemaach, awer dat ass eebe bësse méi schwiereg.

An an deene klengen Annexen, wou d'Maison Relais an der Annex ass, do ass et schwiereg, well se ze kleng sinn. Also, ech ma mer och näischt vir, do sinn d'Raimlechkeeten, déi musse mer optimiséieren, do musse mer kucken, wéi mer domadder eens ginn. Eng vun de Stäerkten, an dat soe si selwer, ass natierlech och hei déi konstant Ekipp, déi mer hunn an dësem Gebai. Hir Prioritéite fir déi nächst dräi Joer sinn d'sproochlech Fäegkeete bei de Schüler förderen, d'Virbereedung op d'Alphabetiséierung op Franséisch an d'Wuelbefannen ass och eppes, wat extreem wichteg fir si ass, net nëmme fir d'Kanner, mee si wëllen awer och beim Léierpersonal d'Wuelbefanne verbesseren. Ech mengen, dat ass eppes, wat wichteg ass, Weiderbildungen, Teambuilding a preventiv Aarbecht soll hei gemaach ginn. Sou, an da kéim ech zur leschter Schoul. Ech mengen um Deich, mir kennen déi Schoul alleguerten, Dir wësst, datt um Deich de Projet Alphabetiséierung op Franséisch de Moment scho leeft.

Wann Dir dëst Dokument duerchliest, de Projet CASE ass erëm ganz am Detail beschriwwe ginn. D'Prioritéiten um Deich, dat ass natierlech d'Weiderféieren, och do, vum Projet Sécher Schoul, dat hëlleft hinne ganz vill, natierlech d'Alphabetiséierung, si hunn elo schonn eng gewëssen Erfarung, wëllen se awer nach ëmmer verbesseren, duerfir och dat, dass steet an hire Prioritéiten, och d'Weiderféierung an d'Asetze vun de Ressourcen, ech mengen och hei en I-EBS an d'ESEP an de Färderzentrum, dat ass eppes, wat se wichteg fannen a wat se och wëlle weiderféieren. D'Stäerkung an d'Zesummenaarbecht mat der ESEP, ech mengen, och dat ass eppes, wat se ganz wichteg fannen, well si hu gemierkt, datt d'ESEP awer a verschiddene Fäll kann intervenéieren an datt dat ganz vill wäert ass. Voilà.

Dat wär d'Presentatioun gewiescht vun eise Plans de développement scolaire. Ech ginn herno, wa Froe sinn, natierlech weider drop an. E lescht Wuert. Ech mengen, datt vill Projeten sech eeben, wéi ech virdru gesot hunn, positiv entwéckelen. De Projet Sécher Schoul, deen huet sech wierklech ganz gutt weiderentwéckelt. Ech mengen och iwwert d'Grenze vun Diddeleng eraus si mëttlerweil aner Gemengen, déi op Formatioune vun deem Projet zeréckgräifen. Ech mengen, dat ass eppes ganz Wichteges. An da wëll ech awer eppes soen, wat fir mech ganz, ganz wichteg ass a mir sinn och hei zu Diddeleng Virreider. Ech mengen, déi Zesummenaarbecht mat der Maison Relais, déi leeft bei Wäitem net esou gutt an anere Gemenge wéi bei eis. Mir ginn eis vill méi, Differenze bleiwen net aus, dat ass ganz kloer, där hu mer der ëmmer erëm. Ech mengen, mir kënnen awer hei houfreg sinn, op dat wat d'Schoulen an d'Maison Relais hei zesumme leeschten. Voilà. An dann zum Schluss wëll ech natierlech all de Leit Merci soen, déi sech hei bedeelegt hunn an um Terrain dës PDSen ausgeschafft hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi dote Presentatioun an och Erklärungen an elo Är Stellungnamen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, dat ass jo quasi mäi Liblingsthema, well et och beruffsbedéngt ganz no un deem läit, wat ech da maachen. Dofir géing ech och ganz gär mech un déi Mercien, déi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries elo grad ugeschwat huet, drun-

hänken an de Presidenten, de Comitéen, awer och de ganze Schoulekippe Merci soe fir déi Aarbecht, déi se hei geleescht hunn iwwert dat ganzt Joer am Alldag, wou se ganz vill ze dinn hunn, fir den Dag ze packen an dann den nächsten Dag ze preparéieren. An dann awer och Merci eebe fir deen Exercice, deen de PDS, de Plan de développement scolaire, dëst Joer dann eebe vun engem verlaangt huet. Ech mengen, d'Madamm Di Bartolomeo hat et grad ugedeit, déi Stäerkten-Schwächten-Analys, déi verlaangt schonn eng gewëssen Éierlechkeet mat sech selwer, déi verlaangt eng Éierlechkeet vis-à-vis vun de Partner, mat deenen een ze dinn huet, mat den Eltere, mat der Direktioun, mat der Maison Relais an och mat der Gemeng. An dat ass just eppes, wat am Vertraue ka klappen an do mierkt een, dass dat Grondvertrauen awer besteet, well déi Pläng do, déi kommen net vun ongeféier. Dat si vill Reuniounen, déi dat verlaangt, wou dann an de Cyclen sech concertéiert gëtt a wou et da vläit och mol tëschenduerch méi eng schlecht Laun gëtt, well ee vläit eppes ugeschwat huet, wat elo net onbedéngt esou terribel leeft, mee dofir ass deen Exercice all dräi Joer esou immens wichteg, fir grad do sech kënne weiderzeentwéckelen, wou et nach net esou gutt leeft.

A ganz villen Dokumenter konnt een erauslliesen - ech maachen elo net dee ganze Resumé, deen elo just gemaach ginn ass, well dee wierklech ganz komplett war – dass d'Sprooche léieren hei och deen ëmmer méi groussen Defi, och hei zu Diddeleng, ass, de Fërderbedarf an d'Verhalensopfällegkeete bei de Schülerinnen a Schüler och. Vill Schoule si schonn um Wee, hu scho gutt Pisten entaméiert an sinn amgaangen, déi Erausfuerderunge unzegoen. Anerer, déi maachen sech elo mol nach méi verstäerkt op de Wee, respektiv, hunn nach aner Chantieren opgemaach. Dat erkennt een hei ganz gutt. Haaptsächlech déi dräi Haaptvoleten, déi do an d'A gestach sinn, déi elo an Zukunft wäerten erausstiechen, dat ass d'Alphabetisatioun op Franséisch, wou ech och an all Dokument erausgelies hunn, wou ech e grousse Fan vun deem Projet sinn op nationalem Niveau, dass dat dote kënnt, well ech dervun iwwerzeegt sinn, dass et de Kanner herno wäert zeguttkommen an indirekt och den Enseignanten an der Schoul och wäert zeguttkommen, well et awer wäert derfir suergen, dass déi Basis vun deem Sprooche léieren, dass déi einfach gesat ass, fir dorops déi nächst Apprentissagë kënnen ze setzen.

Wann de Keller net stabil ass, da kann e Gebai net drop gebaut ginn. An ech mengen, do ass de Projet Alpha een, deen zimmlech gutt wäert sinn. Sécher Schoul, ech mengen, doriwwer ass och elo geschwat ginn, och eng ganz erwänenswäert Entwécklungsrichtung. An déi Kooperatioun mam SEA, wou -an och dat huet d'Madamm Ries elo grad gesot - eng enorm Aufgab ass, well een déi Fluktuatioune beim Personal huet, well ee verschidden Aarbechtskonditiounen huet, fir dat alles ënnert een Hutt ze kréien, ass nëmmen evident, an do soll ee sech an eisen Aen och déi néideg Zäit ginn, fir dat gutt ze plangen, fir dat gutt unzegoen, a wann dat mat Hëllef vun engem Aktiounsplang ass, deen iwwer dräi Joer leeft, wou een da vu Joer zu Joer oder vun Trimester zu Trimester kann nosteieren, nobesseren, dann ass dat fir eis dee richtege Wee, dofir déi vollst Ënnerstëtzung fir sämtlech Schoulen a Merci fir déi flott Demarche.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci villmools, Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert, deene Mercie vum Josiane Di Bartolomeo-Ries an och vun der grénger Fraktioun, kënne mir als CSV eis nëmmen uschléissen. Et ass einfach flott ze gesinn, mir sinn zu Diddeleng, mir hu siwe Schoulen a siwe Quartieren, woubäi och nach déi kleng Quartieren, Balzeng, Wolkeschdall, Italien, Schmelz jo och nach mat agebonne sinn a siwe Mol huet och dee Plan de développement de l'établissement scolaire trotz allen Iwwerschneidungen awer eng eegen Nues a siwe Mol hu mer engagéiert Personal, engagéiert Elterevertrieder a jiddweree probéiert, zesummen seng Gedanken auszetauschen, fir eis Kanner do opzefänken, wou se sinn, fir se ze begleeden, fir se no virzebréngen, se prett ze maache fir d'Zukunft. De 15. September kritt d'Léierpersonal d'Kanner mat hire Kompetenzen an si probéieren hir schoulesch, awer och hir sozial Kompetenze weiderzebréngen an dofir e grousse Merci och fir deen Asaz, deen se iwwer all déi Joren ëmmer bréngen a mir soen et jo ëmmer erëm, mir si frou, dass mer e Schoulpersonal hunn, wat och gären zu Diddeleng Schoul hält, wat och hei ganz trei ass an dat kënnt jo och der Realisatioun an och der Entwécklung vun engem PDS och zegutt.

D'Conclusiounen, dat ass dat och wat den Här Steffen gesot huet, wat och flott ass, dass se Conclusiounen zéie vum deem PDS vu virdrun, deen tëscht 2021 a 2024 sollt gemaach ginn, an do kann een och genau liesen, wat ass ëmgesat ginn, wat konnt ëmgesat ginn, wéi eng Visiounen an Iddie konnten net ëmgesat ginn a firwat. A wat och ganz flott ass, dat ass déi standardiséiert Virlag - dat muss een och emol eng Kéier als Laien, mir si jo elo net aus dem Enseignement alleguerten, kucken - déi standardiséiert Virlag vun deem PDS mécht eis et och ganz liicht, also als Laie souzesoen, fir den Iwwerbléck ze behalen. A wat een awer muss feststellen, dat ass dass d'Entwéckelung vum Job vum Schoulmeeschter sech an de leschte Jore gewalteg verännert huet. Fréier huet et geheescht „enseignéieren, dat heescht Verben a Vokabele léieren, Plus-Minus-Rechnung vermëttelen, an dat war gëscht. Haut ass den Enseignant à l'écoute vum Kand an ass oft eng wichteg Bezuchspersoun vum Kand an ass awer och den Erzéier vum Kand, ob dat eis elo gefält oder net.

Niewent Fachwëssе vun der Matière vum Enseignant sinn hautdesdaags awer och pädagogesch a psychologesch Kompetenzen immens wichteg. An, wat och ganz wichteg ass, dat war och fréier vläicht net esou, dat ass d'Aarbecht am Team, de Klassenteam, de Cycle-Team, de Schoulteam an de PDS, dee gëtt jo pro Schoul zesummen ausgeschafft. All Intervenant ënnerschreift en, dat ass och eppes, wat ganz wichteg ass, all Intervenant an all Schoul, deen ënnerschreift dee PDS, all Enseignant verflicht sech also doduerch, matzeschaffen, fir de PDS esou gutt wéi méiglech probéieren ëmzesetzen. Dat geschitt eeben am Zesummen, am Dialog an am Austausch an et ass och genau

dat, wat gesot ginn ass. Och wa mol Saache gesot ginn, déi vläit deem engen net esou gutt passen oder e bësse vexéieren, ass et wichteg, en Dialog ze hunn, fir einfach eis Schoul, eis Kanner no vir ze bréngen. Dofir, wéi gesot, villmools Merci all Intervenant.

Voilà, ech kommen och op verschidden, Objektiver, déi hei festgehale sinn, nach eng Kéier ganz kuerz zeréck. D'Alphabetisation en français ass gesot ginn. Jo, firwat steet déi an all PDS? Dat hunn ech mer awer dunn och an der Schoulkommissioun erkläre gelooss. Ma dat ass ganz einfach esou: Wann s de eng Formatioun op den IFEM wëlls goen, da muss de aus enger Schoul kommen, wou dat am PDS steet an, wat jo och ass, ech mengen, dat kënnt Dir eis jo nach vläicht bestätegen, dass effektiv ugeduecht ass, dass d'Alphabétisation en français 2026-2027 soll en nationale Projet sinn. Dat heescht, dat ass dofir och, wou eeben eis Schoul muss dat an de PDS setzen. Wat awer elo net, d'Iddi un sech wëll méi negativ konotéieren. Mir mussen der Multikulti-Gesellschaft, der Multinationalitéit vun eise Schüler Rechnung droen an ech sinn och e Fan vun der Zweegleisegkeet, dat muss ee soen, da muss een ëmmer soen, mer mussen déi aner Voien och bäibehalen. D'Alphabétisation en français ass eppes, mir mussen dat anert och bäibehalen, well awer zum Beispill, soe mer mol, native lëtzebuergesch Kanner awer vläit der däitscher Sprooch méi no sinn, déi dat awer och brauchen, fir eng Alphabetisatioun och op Däitsch ze maachen a virun allem och musse mer bäibehalen, dass d'Langue véhiculaire Lëtzebuergesch ass.

Dat ass alles schéin a gutt mat där Alphabétisation en français. Wann ech dat elo kucken, an all Schoul steet dat am Programm, jo, mee wat maache mir als Gemeng? Ma mir stinn dann e bësse blöd do well dat gëtt e risegen Challenge. Wa mer all Klass dedoubléieren, da feelt et un Infrastrukturen, da feelt et u Gebaier. Ech maache mer guer keng Suergen iwwert d'Formatioun vum Léierpersonal. Déi kréien dee Problem gutt geléist, déi si fit fir deen Challenge unzehuelen, mee ech gesinn do éischter de Problem bei eis, also bei eis heibannen, fir do eng Decisioun ze huelen, wéi maache mer et, wou, wéi eng Schoule si prett, fir iwwerhaapt och raimlech schonn nëmmen eleng, deen Challenge unzegoen? An ech mengen, do musse mer awer och elo d'Äerm eropstréppen, well 2026-2027, dat ass net méi laang a mir mussen, wa mer do matmaache wëllen oder vläicht och gezwonge gi, fir et matzemaachen, musse mer eis iwwerleeën, wéi maache mer dat? Wa mir dat an all eise siwe Schoule wëllen ubidden, da musse mer awer do nach eng Kéier d'Käpp zesummestrécken, fir ze kucken, wéi léise mer dee raimlechen, infrastrukturelle Problem.

Meng Fro ass awer och vläicht, mir hu konnten noliesen, eng éischt Evaluatioun vun deem Projet d'alphabétisation en français, déi war awer ganz villverspriechend, et gouf awer natierlech och gesot, dass et kleng Fallzuele sinn, et si jo nëmmen e puer Schoulen, déi do matmaachen. Elo ass meng Fro: Hu mir och do eng Evaluatioun, déi eleng fir Diddeleng spillt oder wéi ass dat ugeduecht, wou kann een dat noliesen? Ech kommen op deen zweete Punkt, dee ganz wichteg ass, d'Konzept PLK. Ech erlabe mer mol eng Kéier, fir déi, déi heibanne net esou an der Matière dra sinn, d'PLK mol ze erklären. Do sinn der bestëmmt, déi denken, vu wat schwätzt si dann do. Ma PLK heescht Preventions-Lösungs-Krisenteam. Dat heescht, do ginn Interventiounspläng ausgeschafft, fir den Ëmgang mat Krisen a Grenzverletzunge vun de Kanner an de Gréff ze kréien.

Mir schwätze vum Konzept Sécher Schoul. Dat ass eng Communication non violente, e gemeinsaamt Sécherheetskonzept gëtt ausgeschafft. Wann een dat virun zéng Joer gesot hätt, ma mir mussen an all Schoul e Sécherheetskonzept ausschaffen, dann hätten d'Leit gesot, ma hutt Dir se nach all, dofir sinn d'Elteren do, fir d'Kanner ze zillen, a wann de Schoulmeeschter eng Strof gëtt, da geet et esou wéi bei eise Kanner, do huelen ech un, wéi bei villen heibannen, da sinn se heemkomm, se kruten nach eng Strof derbäi, dann hunn se se zwee Mol geschriwwen, eng Kéier fir de Schoulmeeschter, eng Kéier fir eis. Eis war dat total wurscht, fir wat se se kritt hunn. Esou geet dat haut awer net méi. Haut ass dat eng komplett aner Approche, och vun den Elteren, dat gesinn ech och a mengem Job. Dat ass eng komplett aner Approche och vun den Eltere vis-à-vis vun de Kanner an dat ass och eng Erausfuerderung fir d'Léierpersonal, fir éischtens mol Handlungssécherheet ze vermëttelen, och mat der Elterenaarbecht, et musse Kompetenze fir erfollegräich Elteregespréicher vermëttelt ginn, dat steet hei an deene Konzepter, déi mer ausschaffen, an et muss e Verantwortungsbewosstsinn vu Säite vun den Eltere gewährleescht ginn an hinnen dat och mat op de Wee gi ginn.

Wann ech da liesen, dass de „Changement de comportement des élèves, qui provoque parfois des crises journalières", ech zitéieren aus verschiddene PDSen hei, e „Refus de travail" vun de Kanner an eng „Aggressivité envers les enseignants", dass dat ëmmer méi zouhëlt, da si mer op engem bedenkleche Wee. An ech sinn natierlech begeeschtert, dass eis Schoulen dat erkannt hunn an sech och Hëllef siche ginn, andeems se och a Formatioune ginn, andeems se och e Konzept ausschaffen, andeem se Reegelen ausschaffen, mee et ass awer trotzdeem bedenklech, och wann een herno liest, wou se soen, zum Beispill, déi Aggressivitéit vun de Kanner, déi zouhëlt vis-à-vis un de Kanner, tëschent de Kanner an awer och vis-à-vis vum Schoulpersonal, déi och immens ressourcenopfriessend ass.

I-EBSen oder Appui-Leit, déi ginn oft geholl als Kriseninterventiounsleit, als Leit, déi musse Feierläscher spille fir schwéier Situatiounen. Da kënnt och de Problem heizou, dass mer keng Raimlechkeeten hu fir Kanner, déi an enger schlechter Situatioun sinn oder an enger schlechter Phas sinn, fir déi erauszehuelen aus der Klass, och fir d'Sécherheet vun deenen anere Kanner ze assuréieren, well ech mengen, wa Kanner Krise picken, aus wéi engen Ursaachen och ëmmer, ass et net flott och fir déi aner Kanner, déi ronderëm sinn. Um Strutzbierg zum Beispill, mir wëssen, do si vill Kanner, déi schonn en décke Bagage psychologique hunn, wann se an d'Schoul kommen an do ass eeben och ugeduecht, dass et wichteg ass, dass een eng „amélioration du comportement et prévention de la violence", dat

ass mëttlerweil an de Programme vun de Schoulen. Wéi gesot, dat ass awer eppes, wat mer eis mussen och am Kapp behalen, och an der Planung vun den neie Schoulen, elo schwätzen ech erëm als Gemengerot, dass mer och do Méiglechkeete ginn, Réckzugsméiglechkeete ginn, vläicht och musse mer esou wäit goen, dass mer och an de Schoulen Rouraim oder Schnöselraim oder eppes virgesinn, well eis Gesellschaft eeben elo esou ass, wéi se ass, well eis Kanner esou si, wéi se sinn an ech mengen, do musse mer där Saach och an d'A kucken an och do kucken, wéi mer domadder eens ginn.
Ech komme ganz kuerz och op d'Komplexitéit vun de Problemer, wann s de Kanner hues à besoins spécifiques, déi muss een deklaréieren. An do schreiwen se alleguerten, dass d'Demarchen extreem schwéier sinn, dass et extreem schwéier ass, fir e Kand an e Kompetenzzenter ze kréien. „Les démarches sont trop longues, de plus en plus compliquées pour la déclaration d'enfants à besoins spécifiques", och dat ass dann erëm personalopreiwend, d'I-EBSen, déi oft och nëmmen à temps partiel schaffen, déi, wann se krank sinn, net ersat ginn, well mer keng hunn. Déi feelen dann och fir mat deene Kanner ze schaffen. Ech weess vu Fäll, wou et iwwert annerhalleft Schouljoer dauert, bis dann iergendeppes richteg geschitt ass, dat heescht, dass deem Kand wierklech esou gehollef gëtt, wéi gehollef ka ginn. Ech denken, dat ass och en Appell un de Ministère, och do vläicht ze hëllefen, dass och déi Schoulen de Moyen kréien, fir besser kënnen op déi Situatiounen ze reagéieren.

Wat mech e bëssen - et ass elo schued, dass den Här Mischaux net hei ass - wat mech bëssen irritéiert hat, wéi mer an der Schoulkommissioun iwwer d'PLK rieds haten, do huet e gesot, Jo, den ONE gëtt an de Mëttelpunkt gesat, fir mat där Problematik eens ze ginn. Ech denken, do musse mer awer als Diddelenger eis och e bësse wieren, well mir hunn nach ëmmer e kommunale schoulmedezinesche Service an do si Leit, déi och Kompetenzen hunn, fir och déi psychologesch a sozial Problematiken opzefänken. Nach erëm eng national Institutioun driwwerzesetzen, ech weess net, ob dat de Wee ass. Mir gesinn et an de nationale Kompetenzzenteren, wéi komplex dat ass. Dofir, wéi gesot, mir als Diddelenger - denken ech - sinn awer gutt opgestallt, dass mer eise schoulmedezinesche Servicer halen an och dat ze vermëttelen un d'Schoulen, dass do eng Vernetzung awer ka sinn.

Eppes wat mer awer och nach um Häerz läit, dat ass awer, dass awer och a ganz ville Pläng drasteet, dass se Problemer hu mat den neie Medien, dass oft d'informatescht Material net ëmmer optimal genotzt gëtt, dass et kompliziéiert ass, fir Appen a Programmer op hir iPaden ze setzen, dat fannen ech ganz schued, an och dass et Streaming-Aschränkunge ginn, wann ee mat privaten Apparater schafft. Ech denken, mir hätten awer do gären, dass déi nei Medie bewosst agebaut ginn an d'Schoulen, an ech denken, do ass och erëm eisen Challenge als Gemeng, fir do e bëssen ze hëllefen. Firwat net zum Beispill, wéi an de Lycéeën, ee Referent Informatiker pro Schoul ze detektéieren oder ze definéieren? An ech denken, dat ass, natierlech, jiddweree gesäit ëmmer säi Fall als dringend, mee ech denken, dat evoluéiert awer esou séier, d'Ubidde vu flotte Programmer a flotten Appe fir d'Schoulen. Do, mengen ech, musse mer eisem Schoulpersonal awer och probéieren, d'Steng aus dem Wee ze raumen, dass dat esou gutt ewéi méiglech geet.

Wat awer och interessant ass, ze gesinn, dat ass -- ech hat kuerz iwwer d'Personalproblematik geschwat - dass et insgesamt an och an hiren Aen oft feelt un Orthophoniste-Psychomotricienen, déi mat de Kanner schaffen. Ech mengen, Dir wësst, dat ass eng Doleance vun der CSV schonn éiweg gewiescht, dass mer déi Leit och astellen als Gemeng an déi zum Beispill dann och wärend déi Kanner an de Maison Relaisen sinn, mat de Kanner, kënne schaffen. Mir schwätzen iwwert d'Sprooch. D'Sproochveraarmung vun de Kanner, dat ass e grousse Problem. D'Kanner, si schreiwen hei, d'Schéier geet ëmmer méi wäit auserneen, d'Sprooch, och d'Mammesprooch, ass manner gutt entwéckelt. Dat ass och e grousse Problem. Mangelnd Sproochkompetenzen, och vu lëtzebuergesche Kanner, hei steet och explizit a verschiddenen Dokumenter, dat ass oft eng Ursaach fir Frustratioun, fir Aggressivitéit, fir Trauregkeet, fir Ofschalte wärend dem Unterrecht, fir Isolatioun. Dofir, d'Sproochentwécklung fërderen, Lieskompetenze fërderen, dat muss op jidde Fall och weider ënnerstëtzt ginn, mat alle Moyenen.

A mir haten e kuerz scho rieds gehat iwwert d'Kohabitatioun Maison Relais - Schoul, dat leeft natierlech exemplaresch op der Lenkeschléi, mee dat ass och e Konzept, wat vu virera geplangt ginn ass an esou sollt et jo och op Balzeng sinn, dass dat vun ënnen erop, souzesoen, déi Kohabitatioun, zesummen ausgebaut gëtt a wou d'Problemer sinn, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries e huet et och gesot, ech menge mer wëssen, dat ass am Wolkeschdall, zum Beispill, mer kënnen et jo roueg esou soen, do ass déi Kohabitatioun, déi war net vun Ufank un esou ugeduecht, do war eng kleng Spillschoul mat zwee Klassesäll mat engem Hall, wou s de och eenzel Bänke konnts dra setzen, wou konnt den Appui gehale ginn an am Ufank huet et geheescht, mir maache méindes, mëttwochs a freides e Mëttesdësch fir déi kleng Butzen, fir dass se net mussen an eng aner Maison Relais goen.

Aus deenen dräimol e Mëttesdësch huet sech dunn eng richteg Maison Relais, entre guillemets, entwéckelt an déi Kohabitatioun ass schwéier an da, wann e Saz gesot gëtt, ech hu gesot virdrun, d'Sproochekompetenz ass wichteg, „d'Bibliothéik, Dir braucht jo awer keng zweehonnert Bicher, zwanzeg Bicher ginn och duer" - dat ass net vun heibanne gesot ginn, mee d'Schoulpersonal krut dat gesot - dat ass eng Beleidegung fir déi Leit, déi hir Aarbecht uerdentlech wëlle maachen, an ech mengen, dat kann d'Léisung net sinn. Mee ech hunn héieren, dass mer do zesumme Léisunge musse fannen, wéi déi Kohabitatioun – grad am Wolkeschdall - och verbessert gëtt, wéi eng Léisung mer hunn.

Bon, vläicht wësse mer scho méi, well ech mengen, do soll den Agrement vum Ministère de la Famille gesprach ginn, eng Visite sinn, déi ass, mengen ech, ofgesot ginn. Vläicht wësst Dir elo schonn do méi, wéi

mer do weider wëlle virgoen. An ech denken, och an deem Punkt, do hunn d'Elterevereenegungen och gewisen, dass hinnen dat net egal ass. Si hunn sech do gemellt, si hunn zweemol eng Mail gemaach an si hunn hir Doleancen ausgedréckt, dass si et einfach wichteg fannen, dass d'Kanner kënnen hire Klassesall hunn, dass se kënnen hir Appuisméiglechkeeten hunn an dass se kënnen adequat Schoulunterrecht gehale kréien. Wéi gesot, mir mussen dat och seriö huelen, wann d'Doleancë vun den Eltere kommen. D'Eltere-Kommiteeë sollen net nëmmen eng Pro-Forma-Geschicht sinn, mee dat soll eis och interpelléieren, fir op déi Doleancen anzegoen. Ech kommen zum Fazit. Am Brill steet „Wohlbefinden der Lehrer und Schüler soll gesteigert werden". Jo, ech denken, net nëmmen am Brill, mee ech mengen, dat ass eppes, wat a ganz Diddeleng sollt de Fall sinn. A mir heibannen, mir als Gemengerot an och virun allem de Schäfferot, mir mussen à l'écoute si vun den Doleancen, mir musse probéieren, esou gutt wéi et geet, dorop ze reagéieren an zesumme Léisunge ze sichen an eis anzesetzen, dass et angeneem ass, Schoul ze halen an an d'Schoul ze goen, well de Bien-être, de Wellbeing oder Sécher Schoul, wéi mer et och ëmmer nennen, dat ass einfach extreem wichteg, fir jiddwereen, dee mat der Schoul ze dinn huet an doriwwer eraus natierlech och mat de Familljen, déi déi Kanner dann herno erëm doheem betreien.

Wéi gesot, bon courage, en décke Merci a mir stinn hannert Iech an ech denken, hei am Raum, mir probéieren Iech esou gutt wéi méiglech ze hëllefen, dass et wierklech zu engem Wohlbefinden der Lehrer und Schüler in allen Schulen kommt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm, Kayser.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci an Dir kënnt Iech denken, et wäert e gutt Stéck méi kuerz ginn, wéi virdrun. Et ass jo och scho bal alles gesot.

Ech wollt awer och domat ufänken, e grousse Merci ze soen un alleguerten d'Acteuren, d'Direktioun, d'Schoulpersonal, Presidente vun deene verschiddene Schoulen, de SEA, virun allem déi, déi un deene PDSe matgeschafft hunn an och d'Experten, déi dobäi gehollef hunn, fir dat auszebauen, well et mierkt een awer, dass sech vill Gedanke gemaach gi sinn, dass ee Bilan gemaach gëtt, dass en État des lieux gemaach gëtt, dass gekuckt gëtt, OK, wat ass déi lescht Jore gutt gelaf, wat kann een nach verbesseren, an et gesäit ee jo och, dass e PDS natierlech ëmmer Prioritéite festleet, mee dass natierlech an all Schoul och nach vill méi geschitt, wéi dat wat am PDS steet. Ech mengen, dat ass och wichteg ze soen.

De PDS weist verschidde Spezifizitéiten op vun deene verschiddene Schoulen a gläichzäiteg gesäit een awer och, dass et eigentlech ëmmer änlech Erausfuerderunge sinn an deene verschiddene Schoulen. Eigentlech ware mir frou festzestellen, dass am grousse Ganzen dat awer esou ausgesäit, wéi wann d'Zesummenaarbecht tëschent dem Schoulpersonal an dem SEA relativ gutt fonctionéiert, sachant, dass et heiansdo vläicht e bësse méi kompliziéiert ass, déi Fluktuatioun beim Personal, dat ass esou, wéi et ass, dat mécht et effektiv méi schwéier, mee am grousse Ganzen hate mir bei der Lektür awer d'Gefill, dass et relativ gutt funktionéiert.

D'Sproochesituatioun hei am Land, dat ass eng vun de gréissten Erausfuerderungen, an dowéinst begréisse mer och wierklech, dass immens vill Schoulen sech elo schonn och mam Projet vun der Alphabetisatioun op Franséisch beschäftegen an dorobber wëlle preparéieren, fir dass se dee Moment eebe prett sinn, wann dat sollt kommen.
Ech si elo net wéi den Här Steffen, professionell an dësem Sujet mat dran, mee ech kenne mech awer mat Bröcken a mat Fundamenter aus an ech mengen, wann ee wëll sproochlech Bröcke bauen, da brauch een e staarkt Fundament an dowéinst sti mir natierlech wierklech hannert deem Projet an ech mengen och net, dass een elo soll indirekt Angscht maachen, et gëtt jo net dovunner geschwat, dass d'Alphabetisatioun op Däitsch soll ewechfalen, mee effektiv, dass eeben all Kand dat Fundament kritt, wat him no läit, fir dass et herno ka seng sproochlech Bröcke weiderbauen.

De Projet Sécher Schoul, deen huet vill Succès, wéi mer erausgelies hunn, dat ass bal an all de PDSen zeréckkomm. D'Theema Gewaltpräventioun mee och Ëmgang mat Gewalt gëtt ëmmer méi wichteg an eigentlech wier et gutt, wann dat an all Schoul géing op déi eng oder aner Manéier afléissen, an et gesäit jo esou aus, wéi wann dat ëmmer méi géing awer opkommen. Et sinn awer och eng Rei Erausfuerderungen, déi ëmmer méi present ginn. Eis ass opgefall, dass anscheinend d'Encadrement vu Schüler à besoins spécifiques eigentlech schéngt gutt ze klappen, d'Zesummenaarbecht mat dem spezialiséierte Personal, mee, mir hunn e puermol erausgelies, dass et ëmmer méi en héije bürokrateschen Opwand gëtt an dass et laang a kompliziéiert Demarche gëtt. Bon, dat läit elo net an der Hand vun der Gemeng, mee dat hu mer awer festgestallt an dat ass natierlech net esou, wéi et soll sinn, wann ee mierkt, dass awer eigentlech de Besoin do ass an dat ass natierlech e bëssen ze bedaueren.

Do, wou d'Gemeng awer vläicht gefuerdert ass, dat ass, dass, och vill Schoulen sech beklot hunn iwwer de Mangel u Raim, bal alleguerten d'Schoulen, dat ass natierlech schued fir d'Schüler, well een da verschidde Saachen net ka maachen, awer och fir d'Personal, wéi mer jo an enger Schoul gesinn hunn, déi dann emol net iergendwéi eng Réckzuchméiglechkeet hunn, e Léierzimmer nennen ech dat elo mol, ech weess natierlech, dat ass schwiereg. Gëtt et do schonn awer vläicht wéinstens fir verschidde Schoule gewësse Léisungsusätz, sachant, dass et jee no Schoul wierklech kompliziéiert ass?

An dann nach eng Detailfro: De Projet No Plastic, dee gëtt et jo scho säit Joren um Deich an dee gëtt och immens positiv evaluéiert. Mir fannen dat och flott. Dat schéngt awer nach guer net opgegraff ginn ze si vun deenen anere Schoulen. Ech weess et net, mee mir hunn eis einfach gefrot, firwat dat esou ass, well dat ass jo awer eigentlech och en interessanten an e flotte Projet. Villmools Merci awer.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och, Madamm Thoma.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Dëst Joer war erëm aarbechtsintensiv, besonnesch fir eis Schoulpresidenten a -presidentinnen, niewent der Ausaarbechtung an Opstellung vun der provisorescher Schoulorganisatioun vun hirem jeeweilege Gebai, déi jo ganz fréi huet misse virleien, hunn si als Responsabel vum PDS an Zesummenaarbecht mat hiren Ekippe ronderëm de PDS, de Comitéen, den Enseignanten, den Elterevertrieder, dem SEA a ville Reuniounen, wat net ëmmer einfach ass, fir ëfters all dës Bedeelegt un en Dësch ze kréien, besonnesch well se heiansdo ausserhalb vun de Schoulstonnen oder an der Mëttegstonn oder owes stattfanne mussen. Si hunn den Etat des lieux gemaach, d'Stäerkten an d'Schwächten erausgeschielt an nei Objektiver an nei Prioritéite fir déi nächst dräi Joer festgeluecht, grad wéi d'Redaktioun vum PDS-Dokument, wat mer da virleien haten.

Dofir vun eiser Fraktioun aus eis Felicitatiounen an en décke Merci dem ganze Personal vun de siwe Schoulen, déi un der Ausaarbechtung vun de PDSe geschafft hunn, och der Direktioun, notamment mam Simone Gaffinet, mee spezifesch dann, grad ewéi den zwee Instituteurs spécialisés en développement scolaire, dem Linda Rippinger an dem Joël Laurent, déi de Schoule bei der Ausaarbechtung vun de PDSen zur Säit stoungen. Nun, wann een déi siwe PDSe liest, da fält engem op, dass am État des lieux vun all Schoul trotzdeem méi Stäerkte wéi Schwächte stinn. Bon, déi Schwächten, natierlech, ginn opgegraff, sinn d'Basis fir nei Objektiver ze definéieren, et muss een awer och soen, villes, wat an deene leschte PDSen 2021-2024 festgehale gouf oder ëmgesat gouf, gëtt nach ëmmer bäibehalen, ouni dass et awer elo nach an deenen eenzelne Schoul-PDSe steet.

Et sinn oft déi selwecht Theemen, déi an der Definitioun vun den Objektiver fir déi nächst dräi Joer zeréckkommen. Notamment schwätzen ech vun der Heterogenitéit, wéi kann een der Heterogenitéit vun de Schüler méi gerecht ginn? Well d'Sprooch spillt do eng ganz wichteg Roll. Et gi verschidde Pisten opgezielt, wéi eenzel Gebaier gedenken, dës Objektiver ze realiséieren, duerch méi eng enk, verstäerkten Zesummenaarbecht mat der ESEP, duerch d'Promotioun vun der Lektür, d'Fërdere vun de sproochleche Fäegkeeten, duerch de Projet Bewegte Schule an esou weider. Da wëllen sech an deem Kontext och sechs vun deene siwe Schoule scho Gedanke maache fir d'Realisatioun vun der d'Alphabetisatioun op Franséisch virzebereeden, déi jo an den nächsten zwee bis dräi Joer soll national an all Schoul fonctionéieren, eppes dat och vun der Direktioun begréisst gouf.

En anere wichtege Sujet, deen och méi oft erëmkennt an en ass jo vun de Kolleegen hei ronderëm den Dësch schonn ugeschwat ginn, dat ass dee vun der Sécherheet an de Schoulen. Mat Hëllef vum Projet PLK soll e gutt a séchert Aarbechtsklima geschaf gi fir d'Wuelbefanne vun de Kanner wéi och vum Personal. Dann dat anert Theema, wat ëmmer erëmkennt, kann ee soen, bei all d'Schoul, dat ass Zesummenaarbecht vun der Schoul mam SEA. Hei ass scho ganz villes geschitt. Ech si ganz frou doriwwer, d'Evolutioun geet also, wéi gesot, an déi richteg Richtung. D'Kommunikatioun leeft ëmmer besser an deenen enge Schoulen a scho ganz gutt an aneren, wou e reegelméissegen Austausch scho besteet. Villes gëtt zesumme gemaach, vum Fest, wat zesummen organiséiert gëtt, bis zu gemeinsame reegelméissege Concertatiounen. gemeinsam Aktivitéiten an der Schoul, Participatioun un Cyclesversammlungen oder Bilansgespréicher an an an.
Wéi gesot, dat ass an deenen enge Gebaier e bësse méi liicht, an deenen aneren ass dat e bësse méi schwéier ze realiséieren an trotzdeem huet jiddwereen sech dat op de Fändel geschriwwen, fir deen dote Volet besser auszebauen, well allgemeng erkannt ginn ass, dass d'Zesummenaarbecht mat der Maison Relais eng Plus-value fir d'Schoulklima ass, dat erëm eng positiv Inzidenz op den Encadrement huet. Dofir wëllen déi meescht Schoulen, also wéi gesot, dës Zesummenaarbecht verdéiwen.

Wat mir als Gemeng erausliesen aus de PDSen, ass effektiv, wéi et och elo gesot ginn ass, dass eenzel Saache musse materiell verbessert ginn, zum Beispill d'informatescht Material, dat muss ugepasst ginn. Do hu mer eis zwar schonn eng schéi Linn ginn, dass all Joer esou vill IPade kaf ginn, nach muss een awer och soen, wat een och an de PDSe gelies huet, dass d'Léierpersonal och Formatioune brauch, fir iwwerhaapt mat deem informatesche Material, mat deenen neien Appen eens ze ginn. Dat heescht, och do geet et jo net nëmmen duer, dat Material effektiv ze kafen an ze kafen an ze ekipéieren, mee wéi gesot, op där anerer Säit muss dann awer d'Personal Formatiounen ugebuede kréien, respektiv musse gemeet ginn.

D'Direktioun huet all PDS positiv aviséiert op eng ganz léif a perséinlech Aart a Weis, wat d'Presien appreciéiert hunn. Da kënnt jo am Hierscht dann de Finetuning, dee muss gemeet ginn, d'Sousobjectiver mussen definéiert ginn, an da kënnt dee wichtegsten Deel natierlech, dat ass d'Ëmsetzung, dee schwieregsten Deel natierlech, an deenen nächsten dräi Joer. Dee schéinste PDS um Pabeier ass näischt wäert, dat wësse mer alleguerten, wa keng Bereetschaft vun den Ekippen do ass fir en ëmzesetzen.

Deen oder déi Responsabel vum PDS muss(en) also all Acteuren erëm motivéieren, aktiv ze collaboréieren, esou dass déi gesaten Ziler erreecht kënne ginn, eng net einfach Aufgab. Besonnesch dann och, wann een dann zum Beispill un e Gebai denkt wéi un de Brill, wéi och scho gesot gouf, mat deene puer Antennen, datt deen Exercice hei natierlech nach e bësse méi erschwéiert. Bon, vun eiser Säit jiddefalls wënsche mir all de Schoule bonne chance bei der Ëmsetzung vun hire PDSen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Här Zuang fir d'Zoustëmmung. Sinn nach weider. Stellungnam hei an dëser Ronn? Ech gesinn, dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert zeréck un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, respektiv un d'Madamm Gaffinet.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci, ech wëll op déi puer Saachen nach agoen, déi hei gesot gi sinn, virun allem, d'Madamm Kayser hat gesot, d'Alphabetisatioun op Franséisch. D'Madamm Thoma huet et eigentlech scho gesot, dat heescht jo net, datt mer déi aner Alphabetisatioun ofschafen. Dann hat Dir gesot, et ass eng Erausfuerderung fir d'Gemeng, well awer duebelsproocheg gefuer gëtt. Ech muss awer soen elo, d'Erfarung um Deich, eigentlech bedeit dat net, datt mer duebel Säll mussen hunn, et ass einfach esou, datt déi eng Hallschent vun der Klass erausgeholl gëtt an da bei déi aner geet. Also si wiesselen sech do ëmmer zu zwee of. Natierlech ass et awer, an dat muss ech soen, dat ginn ech och zou, flott, wann ee méi Raimlechkeeten huet, fir erauszegoen, mee am Prinzip geet et eigentlech och duer, wann d'Klassen sech ënnereneen déi eng Hallschent deelen. Ech mengen, dat ass eppes, wat och ze soen ass.

Da war rieds vu Rouraim, Snöselraim, Jo, dat ass eppes, dat gëtt ëmmer méi wichteg. Also, et gesäit een zemools an enger Kris, wann e Kand an enger Kris ass, fir et erofzekréien dann erëm, datt et sech berouegt, dat ass e wichtege Facteur. An der Schoul Balzeng plange mer et direkt mat an, och op all Stack. Ech mengen, dat ass eppes, wat net méi ewechzedenken ass. Mir hu Gebaier, ech schwätzen elo mol hei vu Butschebuerg, wou et schwiereg ass. Wann e Kand eng Kris huet, wou gees de mat deem hin?

Dann, wat ech awer wëll soen, ech mengen, et ass oft hei ugeklongen, dat ass d'informatescht Material. Wann Dir eng Kéier kuckt, wat de Schoulen zur Verfügung steet, an dat gesitt Dir an all PDS, do fannt Dir eraus, wat de Schoulen zur Verfügung steet. Mir hunn awer säit Mee 2023 e Groupe de travail, wou den Här Mischaux selwer dra sëtzt, den Här William Martija, Educdesign, eise Laurent Hever vum Service hei uewen, de Chef de service, a mir gesinn eis all dräi Méint eng Kéier, fir ze kucken, wat feelt wou.

Dat mat den Appen ass ëmmer erëm komm. Do muss ech awer ganz kloer soen, et ka jo net sinn, datt einfach all Appen erofgeluede ginn, ouni hannendrun awer eng Iwwerleeung firwat gëtt déi App gebraucht. Wann si esou Appe wëllen, da brauchen si just do uewen unzeruffen, op eng Nummer, bei den Här Laurent Hever, da kann hien hinnen d'App fräischalten, wann dat natierlech awer och erwënscht ass. Ech mengen, et ass awer och e bëssen un der Direktioun, ze kucken, wat fir eng Appe gi gebraucht, an dofir hu mer dee Groupe de travail an do gëtt dat dann ëmmer diskutéiert.

Dann, net nëmmen d'Appen, och de private Laptop hutt Dir ugeschwat. Also, et ass ganz schwiereg, ech probéieren, et a menge Wierder ze erklären, well ech si keen Informatiker. Et ass esou, de Gemengereseau, dat ass jo en zouene Reseau, do kann net jiddwereen eran. An si hu privat jo keng Geräter vun eis. D'Schoulpersonal huet keng Geräter vun eis, dat heescht, si kënnen och net mat hire private Geräter an eise Reseau eran. Elo ass et esou, datt se amgaange sinn, en extrae Reseau ze maachen, wou si dann och kënne mat hire private Geräter eran. All Gerät, wat an der Schoul ass, dat soll an der Schoul bleiwen, well dat Zougrëff huet op de Gemengereseau. Dat heiten ass einfach vun der Sécherheet hier. Dat ass net schlechte Wëllen, mee et kann een net mat all Gerät an de Reseau vun der Gemeng eran. Ech mengen, dat ass ëmmer eng Diskussioun.

Dann hu mer d'Diskussioun mat de Kopiesmaschinnen, datt do och dat net leeft, datt si net vun hirem private Gerät kënne printen. Da mussen se et fir d'éischt op dee vun der Schoul kréien, well et ass jo een an all Klassesall, an dann einfach printen. Awer niewebäi, ech mengen, mir hunn iwwerall interaktiv Tafelen am C4. Dat ass eppes, wat geschitt ass. Jiddwereen huet iPaden, jiddwereen huet am Fong scho richteg vill informatescht Materialien. Dee Grupp ass fantastesch an déi ginn och intensiv mat deene Problemer ëm, wann der an der Schoule sinn, heiansdo oder meeschtens ass et de Reseau. Also wann ech an der Lenkeschléi hunn, hunn ech kee Reseau. Dat läit awer elo net un der schlechten Informatik, mee einfach um Gebai selwer.

De Wolkeschdall, ech wëll do just ee Wuert dozou soen. Ech mengen, mir sinn elo bei de PDSen, et ass elo net fir ze diskutéieren iwwer d'Situatioun, wéi et am Wolkeschdall ass. D'Elterevertrieder hu mir effektiv e Bréif gemaach, si kruten och eng Äntwert vun eis, d'Elterevertrieder, nach wonnert et mech, an dat fannen ech e bësse schued, d'Eltere maachen sech just Gedanken, datt elo keen Appui méi gehale ka ginn, well mer déi Dëscher ewech geholl hunn. Ech fannen awer schued, et denkt keen drun, datt d'Kanner net méi kënnen op den Dëscher sëtzen, wann se an der Maison Relais sinn. Ech mengen, dat muss een et och eng Kéier esou gesinn. Mir hunn déi ewech geholl. Mir hunn déi awer net fir näischt ewech geholl. Well mir bei der Visitt, déi lescht Kéier, vum Ministère, Oplage kruten, well si gesot hunn, kee brennbaart Material an de Bausseraim, well dat ass e Fluchtwee, do däerf näischt esou stoen.

Dann, wann ee sollt gesot hunn, zwanzeg Bicher geet duer, also ech weess keng Schoul, wou de Stockageraum, deen um Klassesall läit, eng aacht bis zéng Meterkaree huet, wou ech mengen, datt ee ganz vill Bicher ka stockéieren. Also ech fannen einfach, hei ass eng Entwécklung an deem Dossier, déi net gutt ass. Mir kënnen och einfach decidéieren, ab sofort gëtt et keng Maison Relais méi do, ech weess net, ob dann d'Leit glécklech sinn, wann hir Kanner mussen hin- an hier transportéiert ginn. Also dat sinn alles Saachen, déi kann ee maachen oder et fënnt een eppes, an ech mengen, datt souwuel d'Direktioun wéi och mir eis immens vill Méi ginn, fir do eng gutt Léisung ze fannen, fir datt jiddweree kann zefridde sinn. Dat wollt ech zum Wolkeschdall soen.

D'Madamm Thoma hat nach gesot, schwiereg Prozeduren, wann e Kand en Enfant à besoins spécifiques gëtt, Jo, effektiv, déi Prozedure si schwiereg. Wann et méi liicht fält, ech schwätzen elo mol vu liichte Fäll, da kënne mir nach intervenéieren, zum Deel hu mer awer Kanner, wou et ganz schwiereg ass, an do ass d'Prozedur extrem laang, fir do iwwerhaapt iergendwou eng Kéier weiderzekommen. Raim an de Schoulen,

ech mengen, dat ass gesot ginn, mir probéieren iwwerall Raum ze schafen, ech war do dorobber agaangen.

An dann de Projet No plastic, Jo, um Deich leeft een, mee e leeft och op der Lenkeschléi. Ech mengen, dass esou e Projet a ganz ville Schoule leeft, mee et gëtt einfach net driwwer geschwat. Also d'Lenkeschléi ass sécher ouni Plastik, dat gesinn ech ëmmer, um Deich och, ech sinn awer och iwwerzeegt, datt all aner Schoul an déi Richtung geet a ganz vill Plastik aspueren a jiddwereen seng Fläsch huet. Vläicht géif ech awer nach der Madamm Gaffinet eng Kéier kuerz d'Wuert ginn.

SIMONE GAFFINET (DIRECTRICE VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Villmools Merci. Ech mengen, ech ginn elo net méi am Detail op d'PDSen an, dat ass elo laang gemaach ginn, ech probéiere vläicht einfach, op déi puer Froen, déi opgetaucht sinn, kuerz ze reagéieren. Do ass dann eng Kéier de Projet Zesumme wuessen, Alphabetisatioun op Franséisch, wou mir natierlech immens frou sinn, dass mer de Pilotprojet hei zu Diddeleng hunn an dass mer mat där Erfarung, déi mer do elo sammelen, einfach och eis kënne preparéiere fir eng eventuell Rentrée 2026-2027, wou dat dann am C1 sollt, kéint national ufänken. Et ginn zwee Volete bei deem Projet Alphabetisatioun. Dat ass eng Kéier dee pedagogeschen, wou ech haut nach nogekuckt hunn, dass mer am Moment zéng Enseignanten hunn, déi wierklech déi ganz Formatioun vun der Alphabetisatioun op Franséisch maachen. Dat ass eng ganz grouss Formatioun. Dat ass natierlech och flott, well et och Leit aus verschiddene Gebaier sinn, déi eis herno do ganz gutt als Multiplicateure kënnen déngen an de Leit einfach zur Säit stoen, wann et da mol eng Kéier bis esou wäit ass, dass dee Projet da méi grouss opgezu gëtt.

Den zweete Volet ass en organisatoreschen, wou mer natierlech elo aus der Erfarung vum Deich kënne léieren, wat si fir Schwieregkeete begéinen, sief et vu Säll, mee et sinn net just Säll, et sinn Horairen, déi matspillen. Et ass fir si och net evident, awer aus hirer Erfarung kënne mer dann eis preparéieren, wéi et herno weidergeet, an dowéinst ware mir och immens frou als Direktiounen, dass déi meescht vun de Schoulen sech virgeholl hunn, sech einfach déi Gedanken do ze maachen, a wann se gesinn, do wësse mer net weider, datt mer mat Zäiten déi Froe kënne weiderginn a Léisunge fannen, well et ass dës Kéier eng immens Chance, dass dee Projet eis awer mat Zäiten annoncéiert gëtt a mer kënne proaktiv reagéieren a prett sinn, wann et da mol bis souwäit ass.

Et ass eng besonnesch Erausfuerderung fir kleng Gebaier, well kleng Gebaier brauche méi Plaz, well do awer d'Klasse mussen dedoubléiert ginn. Bei méi grousse Gebaier wäert dat méi einfach goen, mee déi kleng Gebaier, dat heescht, d'Lenkeschléi an der Ribeschpont sinn sech däers och bewosst a sinn och do schonn amgaangen, aktiv nozedenken, wéi dat kéint dann dee Moment stattfannen. D'Fro ass gestallt ginn zu der Evaluatioun. De Projet gëtt evaluéiert am Kader vun den Épreuves standardisées, déi jo am ganze Fondamental stattfannen an et eeben eng Ofännerung gëtt, fir eeben de Projet Alphabetisatioun ze evaluéieren. Souwäit ech informéiert sinn, gëtt et do dann och ëmmer e spezielle Rapport fir all eenzel Schoul, esou dass een dann do och misst kënnen erausliesen, wéi et da spezifesch um Deich ofleeft. Voilà.

Den zweete Volet, op deen ech dann nach eng Kéier géing kuerz agoen, dat wier de Projet Sécher Schoul, dee jo deemools, virun enger Rëtsch Joren, mam Fränk Engel ugefaangen huet um Strutzbierg, och einfach aus der Situatioun eraus, dass et eeben, wéi et jo a ville PDSen d'Doleance ass, et sinn net genuch Ressourcen do, mir wëssen net richteg, wéi mer a Problematike solle reagéieren, ass et jo an sech an enger éischter Phas drëm gaangen, déi Ressourcen, déi mer hunn, gutt ze notzen, fir dann eeben de Bedürfnisser vun de Kanner gerecht ze ginn, well do ass eeben och einfach eng immens flott Entwécklung ze gesinn, dass entretemps fënnef Schoulen de Projet hunn. Eng sechst, notamment de Ribeschpont, steet an de Startlächer fir d'nächst Joer, esou dass een awer gesäit, dass dat e grousse Succès ass. D'nächst Joer gëtt de Projet vum Kevin Nilles begleet, deen dann e bëssen d'Aufgabe vum Fränk Engel iwwerhëlt, esou dass dat dann awer och weiderleeft, och wann den Här Engel an d'Pensioun wäert goen an dee Moment d'Schoulen net méi wäert begleeden. Vun der Direktioun ass et den Här Westen, deen sech ëm de ganze Projet këmmert.

Hei war d'Fro och e bëssen opkomm vum ONE. Den ONE soll eng extra Roll kréien allgemeng an de Schoulen, och am Kader vun de CIe, vun der ESEP, mee dat heescht awer net, datt et elo onbedéngt en Ersatz ass fir eis Médecine scolaire. Ech denken, dass dat ganz komplementar ka weider funktionéieren, an si hate bis elo ëmmer eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat de Schoulen an ech ka mer net virstellen, dass dat vun haut op muar op eemol net méi soll sinn. Wéi genau déi Zesummenaarbecht mam ONE wäert ausgesinn, ass och nach e bëssen Zukunftsmusek, do muss een och elo kucken, wéi dat dann herno alles ëmgesat sollt ginn. Op jidde Fall, mir gefält et och, dass eeben d'Schoulen sech vill Gedanken drëm maachen, fir e positiivt Léierklima ze schafen, fir e séchert Ëmfeld, a mir wäerten si och weiderhin do ënnerstëtzen, fir hir Ressourcen ze optiméieren an hir Ekippen esou opzestellen.

Mir hunn eng immens Chance hei zu Diddeleng, dass mer ganz wéineg Changement am Léierpersonal hunn. Déi meescht Enseignante bleiwen an hire Schoulen, et ass wéineg Gewiessels, no lénks a riets, wat natierlech stabil fir stabil Ekippe suergt. Mir hunn och vun der ESEP hir ëmmer stabil Ekippen an der Schoulen, déi bleiwen och ëmmer konstant d'selwecht, wat natierlech fir all déi Projeten immens virdeelhaft ass, fir dass déi weider ëmgesat ginn. Voilà. Da just vläicht nach zum informatesche Material. Mir hate rieds vum pädagogesche Volet vun de Formatiounen, mir hunn och de Samy Moussaïd als eisen ICN, dat ass den Enseignant, deen zoustänneg ass fir d'Compétences numériques, an hien ënnerstëtzt grad d'Schoulen an deem ganze pädagogesche Volet, wéi ginn ech mat de Medien ëm, wéi kann ech dat un d'Schüler bréngen? Dat heescht, och do hunn si awer eng Ënnerstëtzung. An ech mengen, hien ass och Deel vun deem Aarbechtsgrupp vun

der Gemeng. Voilà, dat wär esou wäit dat, ech mer elo opgeschriwwen hat fir ze reagéieren, wann nach aner Froe sinn, kënnt Dir déi gär stellen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi doten Erklärungen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Explikatioun vum Josiane Di Bartolomeo an och vun der Madamm Gaffinet. Ech hunn nach eng zousätzlech Fro just: Ass dat effektiv esou, wann I-EBS- oder ESEP-Leit ausfalen, dass do kee Pôle des remplaçants do ass? Well dat ass och eng Doleance, déi verschiddener och an hire Pläng geschriwwen hunn.

SIMONE GAFFINET (DIRECTRICE VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Also, en IEBS ass immens schwéier ze ersetzen, well deen esou spezifesch Aufgaben huet, dass een do wierklech kee Remplaçant ka schécken. Dat heescht, den I-EBS gëtt effektiv net ersat. Bei der ESEP, mir kënnen net komplett d'ESEP ëmmer ersetzen. Do fonctionéiert et e bëssen anescht wéi beim Enseignant, wann ee vun der ESEP zum Beispill Congé de maternité huet, da ginn déi Posten ausgeschriwwen, déi ginn da wuel ersat mat engem CDD, dat heescht, dat geschitt.

Elo bei deene kuerzen Ausfält, et ass ee krank, et ass een zwee, dräi Deeg net do, do hu mir an sech esou eng Prioritéitelëscht, déi den Här Westen eis mécht, wou hien eis seet, do sinn elo Leit vun der ESEP, do muss een hin, an da ginn eis Remplaçanten do ënnerstëtzen, fir déi dann ze ersetzen, awer effektiv, et gëtt kee Pôle de Remplacement dofir, an dat ass natierlech dann och nëmme souwäit méiglech, wéi mir dann nach Remplaçanten hunn, mee mir probéieren awer, och do d'Ekippen ze ënnerstëtzen an net aleng ze loossen, mee dann déi Hëllef eranzeginn, virun allem, wann et wierklech schwiereg Fäll sinn, wou mer wëssen, den Enseignant aleng, dat kënne mer elo net verantworten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, ech mengen, dass op all Fro geäntwert gouf. Da misste mer elo nach zum Vott iwwergoen. Ass de Gemengerot mat der Approbatioun vun de Pläng, esou wéi se hei presentéiert an diskutéiert goufen, averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci. An och dem Simone Gaffinet villmools Merci fir seng Presenz haut de Mueren hei an och fir déi Erklärungen, déi si konnt ginn.

# 6. APPROBATIOUN VUN DE MODIFIKATIOUNE VUM GEMENGEREGLEMENT IWWER D'SUBSIDE FIR SECONDAIRE- A POST- SECONDAIRE-STUDIEN

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci, ech géif dann op d'Modifikatioune vum Subsidereglement agoen. Déi lescht Modifikatioun, déi mer gemaach hunn an deem Reglement, dat war 2021, do hu mer Saache geännert. Ech géif elo kuerz op all déi Detailer agoen, déi mer wëllen änneren an och vläicht, firwat mer se wëllen änneren. Deen éischten Artikel, dee mer ëmänneren, dat ass 2. Prime d'encouragement pour études universitaires. Mir hu bis elo d'Studenten, wann se 30 ECTS haten an zwee Semesteren, dann hunn se vun eis 200,00 Euro kritt, bei 15 ECTS, dat waren dann 100,00 Euro, wann se ee Semester gemaach hunn a wann se hiren Ofschloss gemaach hunn an engem Semester, Bachelor- oder Master-Aarbecht, dann hunn se och 100,00 Euro kritt. Dir wësst alleguer, datt d'Liewen an deene leschte Joren net méi bëlleg ginn ass a grad de Student och hannen a vir heiansdo net duerkënnt, dofir ass an der Kommissioun decidéiert ginn, datt mer déi Subside géifen an d'Luucht setzen, dat heescht si kréien an d'Zukunft fir 30 ECTS-Punkten 250,00 Euro, fir 15 ECTS-Punkte wären et dann 125,00 Euro an och d'Master- an d'Bachelor-Aarbecht géife mer op 125,00 Euro unhiewen.

Dann déi zweet Modifikatioun, déi mer am Reglement hunn, dat ass d'Prime d'encouragement secondaire classique, général oder professionnel. Bis elo war et esou, an deem Reglement, wat mer haten, hu mer ëmmer eigentlech een Deel vu Schüler net am Reglement acceptéiert an zwar doduerch, datt mer eigentlech gesot hunn, wann se eng Indemnité d'apprentissage kréien, da kréien se vun eis kee Subsid. An ech mengen, an dat wëll ech och, ech war an der Subsidekommissioun och derbäi, do ass d'Subsidekommissioun zesummekomm an do ass och unanime beschloss ginn, datt och een, deen eng Léier mécht, an enger Léier ass, soll encouragéiert ginn, fir weiderzemaachen, wann e gutt Resultater bréngt. Ech mengen, dat war d'Kommissioun, et war eng ganz, ganz flott Diskussioun, well virun allem hate mer och Leit vum Terrain do sëtzen an där Kommissioun, déi hëllefen engem enorm virun, well si wësse vu wat se schwätzen. Voilà.

An dat war am Fong dat, wat fir mech d'Haaptännerung an déi Prim, och wann et elo net schrecklech vill Sue sinn, ass einfach d'Encouragement, d'Encouragement fir déi Leit, an do ass et esou, dass mer och hei d'Reglement ugepasst hunn a mir soen, am Reglement, am Artikel 3.3, dat musse mer ëmänneren a mir soen, am éischte Joer Apprentissage à mention très bien 48 bis 60 mussen se do hunn. Am zweete Joer Apprentissage mention bie véierzeg bis siechzeg, am drëtte Joer Apprentissage mention bien 40 bis 60. Dir wësst, datt déi Héicht vun deem Subsid, also ech weess elo net, ob jiddwereen heibanne weess, wéi dat ëmmer esou funktionéiert. Et ass en Deel vum Bud-

get, deen am Fong reservéiert gëtt fir déi Subsiden do auszebezuelen. Dat hänkt dann ëmmer dovunner of. D'Héicht vum Subsid hänkt dann ëmmer dovunner of, wéi vill Demandë mer erakréien. Voilà, dat ass eppes, wat mer geännert hunn.

Dann, ech kommen elo zum Schluss. Also, ech hu wierklech positiv zu deem Reglement gestëmmt, well ech dat einfach awer an eiser Zäit wichteg fannen, datt hei jiddwereen sollt d'selwecht behandelt ginn. Ech wëll awer e grousse Merci éischtens un de Romain Zuang, deen d'Subsidekommissioun presidéiert, mee virun allem awer och un d'Kommissioun selwer e grousse Merci weiderginn, ech fannen, dat war wierklech eng konstruktiv Diskussioun, mengen ech, wou mer herno all zefridden erausgaange sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir do d'Erklärungen. An elo komme Stellungnamen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech wollt mech am Fong deem uschléissen, well ech hu mir och hei opgeschriwwe gehat, dass déi Diskussioun an der Kommissioun, an där mir eis och dofir agesat hunn, dass eebe grad d'Léier an d'Ausbildung zum Handwierk an d'Techniker sollten ënnerstëtzt ginn, dass dat do ee flott Zeechen ass, dass dat elo an deem Reglement steet an dass dat och eng Valorisatioun fir deen dote Beruffswee ass an dass et och weist, dass et wichteg ass, dass et Handwierker an Techniker brauch an dass et net just sech op d'Akademiker bezitt, fir do e Subsid ze kréien. Dat do begréisse mer immens, och d'Erhéijung vun de jeeweilege Subside wéinst de Liewenskäschte vun de Schüler a Studenten, ech denken, dat ass gesot ginn. Merci dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Jo, ech ka mech deene Wierder nëmmen uschléissen. Et ass effektiv, dat hunn ech och opgeschriwwen, eng Valorisatioun vum Handwierk, vun der manueller Aarbecht a virun allem fannen ech nach ëmmer gutt, dass mir awer un eisem Prinzip festhalen, dass mer de Fläiss encouragéieren, dass mer de Kanner weisen, hei mir si stolz op Iech, dass Dir gutt geschafft hutt an ech mengen och, wann een d'Remise vun de Certificater gesäit, wéi vill Leit do waren dëst Joer erëm a wéi vill Elteren doudstolz nieft hire Kanner stinn, well déi hei eng Primm kréien an ech mengen, domadder hunn ech jo och gesot, se kréien och e Certificat , dass se eligibel waren, also vun der Gemeng ausgezeechent sinn an ech soen och ëmmer zu de Studente maachen, dat kanns zum Beispill bäileeën, wann s de dech fir e Ferienjob oder sou beméis, dat ufrees, da gesäit een awer och hei, dass de ee bass, deen Endurance huet, dee bei der Saach ass an op deen ee sech ka verloossen.

Ech krut awer och eng kleng Doleance vun eise Memberen, déi Studente sinn, mat op de Wee. Déi wieren och frou, wann se vläicht och e Certificat géife kréien, well déi bewerben sech jo och heiansdo nach fir e



Ferienjob als Student, dat kéint ee vläicht maachen, ech mengen, dat kascht net vill, deenen dat einfach an d'Enveloppe ze maachen. Ech ka mech guer net méi erënneren, firwat mer deemools gesot haten, mir ginn deenen dat net, mee ech mengen dat war einfach esou verluer gaangen. Mee et huet ee vun eise Studente gesot gehat, hei, dat ass awer och fir eis net näischt, wa mer awer esou e Certificat derbäi hunn. Ech mengen, dat kann ee jo vläicht déi nächst Kéier mat an d'Diskussioun huelen. An effektiv och meng Leit an der Kommissioun soen och ëmmer, et ass esou e flotten Austausch an de Konsens war iwwer alleguerten d'Bänken. An dofir och nach eng Kéier Merci fir déi flott Kommissiounssëtzungen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Sinn nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, den Här Biancalana kuckt mech schonn esou, ech mengen, hie weess scho, wat ech soen. Fir déi, déi sech erënneren, 2021 hunn déi Lénk sech enthale bei dësem Reglement. An ech sinn awer elo richteg frou, dass ech no der Madamm Kayser schwätzen, well dann däerf ech elo nach eng Kéier ganz kuerz erkläre firwat mer eis enthalen hunn. D'Madamm Kayser huet nämlech elo gesot, mir géingen de Fläiss ënnerstëtzen. An de leschte Mount ass gesot ginn hei, mir géingen e Kaddo maache fir Jonker, déi gutt léieren. Neen, mir maachen e Kaddo, respektiv mir maachen eng Primm fir Jonker mat gudde Resultater. Déi zwou Populatiounen, déi iwwerschneiden sech vläicht, dat ass net dat selwecht, well mir wuessen, dass virun allem Jonker, déi awer aus sozioekonomesch méi schwierege Milieue kommen oder déi einfach Léierschwieregkeeten hunn, oder, oder, oder, déi sinn och immens fläisseg heiansdo, mee déi hunn einfach net déi Moyennen oder déi Resultater, déi mir eeben hei verlaange fir déi Primmen hei. An dowéinst hate mer eis deemools enthalen.

Ech fannen och, ech perséinlech géing d'Primm ëmbenennen, well mir schreiwe „Prime d'encouragement" an da steet am Reglement „Aucune prime d'encouragement n'est allouée à un élève ayant subi un échec". Déi bréichten eigentlech eng Prime d'encouragement. Dat, wat mir ausbezuelen, ass eng Prime de récompense. Mee voilà, dat just nach eng Kéier esou dotëschent. Och well mer virun engem Mount gesot hunn, et wier sozial ongerecht, en Zuchticket ze subsidiéieren, ech fannen dat heiten och da vläicht e bëssen ironesch. Mee wa mer awer elo kucken, wat mer haut änneren, dat sinn natierlech Verbesserungen.

Zwou grouss Verbesserungen, zum engen eben, dass, d'Primmen erhéicht ginn, virun allem fir Studéierend op den Unien.

Säit dem Oktober 2021, wou dat hei gestëmmt ginn ass d'lescht Kéier, si fënnef Indextranchen erfall. Dat si schonn 13 Prozent. Dat heescht, da bleift scho vun der Erhéijung, real gesinn, net méi vill iwwereg, wann een dat esou kuckt. An, wat natierlech eng ganz grouss Verbesserung ass, dat ass, dass Jonker am Apprentissage net méi ausgeschloss ginn. Dat begréisse mer och wierklech an dowéinst géinge mer dat heiten och ënnerstëtzen. Ech hu just elo e Problem, ech selwer sinn net an der Kommissioun a wann ech mech net ieren, krute mer och kee Rapport vun der Kommissioun.

Ech hunn awer gëschter nach eng Kéier mat eiser Vertriederin geschwat an déi huet mer gesot, dass eigentlech an der Kommissioun gesot gi wier, dass d'Primm fir Schülerinnen a Schüler géing plafonéiert ginn, well - d'Madamm Ries hat et schonn erkläert, wéi déi gerechent ginn - de Moment, wann einfach de Budget do ass an et sinn net vill Schüler, déi eng Primm kréien, da kéinten déi theoreetesch dräimol esou vill kréien, wéi Studenten op der Uni, wou gesot ginn ass, anscheinend, an der Kommissioun, dat wär awer vläicht dann e bëssen iwwerdriwwen an Du wier gesot ginn, et wär e Plaffong do an dee Plaffong, deen hunn ech elo net fonnt hei am Reglement, do wollt ech just nofroen, wéi dat ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Ginn et nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci fir d'Wuert. Mir hunn eis effektiv Gedanke gemeet gehat iwwer d'Plafonéiere vun der Prime d'encouragement fir de Secondaire, respektiv, elo och dann nach fir d'Schüler aus dem Régime professionnel. Firwat? Ma well mer effektiv op eng Kéier exorbitant Differenze kréie vis-à-vis vun engem Student op der Uni an dat ass och net dee Moment den Engagement vum Student, quitte dass ... dat ass awer trotzdeem vill méi héich, wa mer op eng Kéier a Paragë kommen, dass mer 180,00 Euro oder 190,00 Euro fir e Lycéesstudent hunn, dee just nëmmen dat mécht. Do hate mer 150,00 Euro als Limitt gesat, au plus. A mir hunn et och nogerechent, déi nei Tariffer elo, wéi déi sech géingen auswierken, also budgetär bleiwe mer nach ëmmer an där Limitt do vun deenen 69.000,00 Euro, déi mer am Budget hunn, also do bleift nach e bësse Rescht, mee och dann, mengen ech, wär et net dat richtegt Zeeche fir elo effektiv bei Joren, wou een net esou vill Demanden erakritt, dass op eng Kéier dann dee leschten dann 250,00 Euro kritt, grad wéi de Student.

Wat ech och nach eng Kéier wierklech wëll ënnersträichen, dat ass, dass et eng flott Kompositioun vun der Subsidekommissioun ass, dass mer wierklech vill Leit vum Terrain hunn an dat mécht d'Saach wierklech flott, well een dann effektiv gesäit oder gewuer gëtt, wéi d'Limitte leien an dofir och vläit nach eng kleng Erklärung zum neien Artikel 3.3, firwat do op eng Kéier déi Mention bien zweemol do steet mat ënnerschiddlech Punkten. Effektiv ass do d'Argument gewiescht vun engem Enseignant aus dem Régime professionnel, dass déi Leit da véiermol an der Woch um Terrain sinn, aacht Stonne schaffe ginn, an dann eng Kéier an der Woch an d'Schoul ginn, dat heescht, deene bleift prinzipiell manner Zäit fir sech dann och nach schoulesch ganz gutt virzebereeden an dofir hu mer där Saach do dann och Rechnung gedroen, dass mer dann net déi selwecht Mentiounen huelen, mee mir si bei der Terminologie bliwwen, mat de Mentiounen, sou wéi se och definéiert si beim Secondaire, mee mir hu just eeben de Bien nach eng Kéier ënnerdeelt. Voilà, dat war et dozou. De Budget hat ech jo gesot, dat hu mer nogerechent, dass ass keen Theema. Jo, wéi gesot, Merci fir d'Appreciatiounen an da soen ech och Merci fir d'Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir dës Interventioun.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech mengen, et ass alles Wichteges gesot ginn. Ech, wollt dann awer och just nach eng Kéier matdeelen, dass ech dat nëmme ganz gutt fannen, dass déi Primmen no uewen ugepasst gi sinn an dass och dorauser virgeet, wat fir eng grouss Valeur awer d'Handwierk fir eis huet, besonnesch an dësen Zäiten, wou et iwwerall un Handwierker och feelt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Sinn nach weider Stellungnamen?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, am Fong just ganz kuerz. Ech mengen, den Här Zuang huet scho ganz vill Saache beäntwert. Ech wollt just nach eventuell soen, d'Certificat fir Studenten, firwat net? Also, et ass elo näischt, wat iergendee géif stéieren. Ech mengen, dat kënne mer och maachen. Et huet ee jo awer nach ëmmer Studenten, déi iergendwou schaffe ginn an de Vakanzen, do kënnt dat vläicht dann awer gutt, dat ass fir mech an der Rei. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, d'Madamm Thoma huet d'Wuert.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Also, dat Plafonnement, dat heescht, dat muss dann net am Reglement stoen, dat gëtt dann einfach just ugewannt.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ganz genau kann ee jo de Montant awer trotzdeem net festleeën, mee mir kucken och emol eng Kéier an den nächste Jore, wéi dat sech entwéckelt, da kënne mer nach ëmmer soen, hei, mir setzen déi Limitt do fest. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da géife mer zum Vott iwwergoen. Wien ass hei mat deem modifizéierte Subsidereglement, averstanen? ***Dat ass dann unanime.*** Merci.

# 7. KOMMISSIOUNE

**Approbatioun vun de Modifikatiounen, déi un der Zesummesetzung vun de konsultative Kommissioune virzehuele sinn**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm d'Modifikatiounen an de konsultative Kommissiounen. Do hu mer e Courrier kritt vun der DP, dass d'Madamm Anne Leser an de Pôle des remplaçants soll kommen an och e Courrier vun der CSV, fir Leit aus dem Pôle des remplaçants erauszehuelen, respektiv an de Pôle des remplaçants bäizesetzen. Erauszehuelen aus dem Pôle des remplaçants wären d'Madamm Martine Deprez, d'Madamm Nicole Strock-Karrenbauer, den Här Nicolas Soares da Costa an den Här Pascal Virgili. A bäizesetze wieren den Här Georges Brandenburger an den Här Luka Campos an den Här Christopher Sirres. Voilà. Vun deene Gréngen hu mer och e Courrier kritt, an do ass dann d'Madamm Carmen Nilles an de Pôle des remplaçants bäizesetzen. Da si mer komplett a kënnen zum Vott iwwergoen. Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen do averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech och do villmools Merci. Da gi mer op d'Personalfroen eriwwer.

# 8. PERSONALFROE

**8.1. Kreatioun vun zwee Salariésposten, Botzagent, Carrière A3 (Agent polyvalent) mat enger Aarbechtszäit vu 36 Stonne pro Woch, geméiss deBestëmmunge vum Kollektivvertrag fir d'Aarbechter vun de Südgemengen (Service des Sports)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): A bei deem Punkt vun de Personalfroe komme mer op de Strutzbierg an do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, genau. Merci Här Buergermeeschter. Léif alleguerten. Hei geet et drëm, fir zwéi Posten ze kreéieren am Kader vum Salarié, Agent de nettoyage. An et ass, wéi de Buergermeeschter et ugedeit huet, déi ginn affektéiert am Service des sports, mee et ass fir d'Ekipp um Strutzbierg ze renforcéieren. Dir wësst et, dass mer do amgaange sinn, nei opzebauen an eng Rei vu méi Aufgaben, bezéiungsweis méi Aktivitéite wäerten do stattfannen. Déi Situatioun hate mer hei schonn am Kader vun der Conciergerie an dofir musse mer eeben hei och eis Ekipp am Nettoyage oprüsten.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, si Remarken oder Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech hat et scho gefrot gehat, och wéi mer vun de Portiere rieds haten, éischtens mol hat ech nach keng Äntwert kritt op meng Fro, wéivill Portieren hu mer dann an der Ekipp, am Service des sports? Déi selwecht Fro ass hei och beim Personal vum Nettoyage. En plus fannen ech dee Saz a bëssen ongléckIech,



„il s'avère nécessaire d'y affecter", dat heescht, op de Complexe sportif Strutzbierg, et ass ëmmer gesot ginn, mir hunn eng Equipe Sport, an dann, mer hu jo och déi aner Equipe Nettoyage, esou ass et och wéi bei den Equipe Portiers, dass déi net un ee Gebai géifen affektéiert ginn an dofir fannen ech dee Saz e bëssen ongléckIech, dass deen hei nach ëmmer drasteet.

Ech géif mengen, et géif einfach duergoen, wa ee seet, mer erhéijen eise Pool vun dem Personal, oder gesinn ech do iergendeppes falsch? An et wär vläicht och flott, dee leschten Organigramm vun all eise Mataarbechter op der Gemeng ze kréien, dat ass scho laang hier. Ech mengen, dat war 2020, do hate mer dee kritt gehat, dat wär vläicht och flott, wann een do mol erëm eng Kéier géif en Update gemaach kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Soss nach weider Stellungnamen? Neen, dat ass net de Fall.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, also ech kann dat nëmme confirméieren, bezéiungsweis huet d'Madamm Kayser confirméiert, wat ech gesot hunn, et gëtt de Service des sports, an déi maachen den Dispatching jee no Besoin, quitte, dass et hei fir eis alleguerte kloer ass, wou déi Persounen hikommen, mee ech ginn lech awer do Recht, et soll och esou kloer formuléiert sinn, dass dat an de Gesamt-Pool kënnt vun eiser Equipe Nettoyage.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mir mussen awer och ëmmer kloer äusseren, firwat dass mer déi Leit engagéieren, an et ass jo fir de Strutzbierg. Ech mengen, dat ass jo den ausschlaggebende Punkt, d'Argumentatioun, firwat dass mer de Poste schafen, dat ass dann och eng Saach vun der interner Organisatioun vum Service des Sports.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo am Endeffekt, herno an deem Kontrakt gëtt de Strutzbierg jo net erwäänt. Jo. Do, hale mer déi Flexibilitéit, dass ee sech do nach kann en cours de route upassen. Par rapport zur Diskussioun vum Organigramm, do kann ee ganz gär, dat hu mer jo scho mol déi eng oder déi aner Kéier gemeet, oder en informelle Gemengerot, wou en do e bëssen en Update mécht. Mir kucken dat zesumme mat eisem Service du personnel.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat där dote Kreatioun averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

**8.2. Kreatiounvun engem Vollzäitposte fir e Gemengenemployé, Salärsgrupp B1, Verwaltung (Service culturel)**

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Do wëlle mer eis, och verstäerken. An do siche mer e B1 am Kader vun eiser administrativer Ekipp am Centre Culturel. Do huet een och mengen ech déi lescht Jore matkritt, wéi d'Evolutioun an deem Service eebe war an deementspriechend ass och hei eng gewësse Komplexitéit un den Dag geluet, well déi Persoun muss nieft dem administrative Volet och am Ticketing hëllefen, muss awer och bei der Produktioun eng Hand mat upaken, beim Accueil vun den Artisten, Catering, an änleches awer och an der Ekipp Promo eng Hand mat upaken, Statistike féieren, bei Centre-d'Arte matschaffen, voilà. Dofir si mer der Meenung, dass een hei där Komplexitéit vum Poste sollt gerecht ginn an dofir och en Employé communal à tâche complète hei kreéieren, wannechgelift.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Si Froen dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Net onbedéngt Froen. Dir wësst warscheinlech och schonns, wourop ech eraus wëll. Ech hat nämlech déi selwecht Diskussioun eréischt mat deem selwechte Schäffe virun engem Mount, wou ech mech einfach gefrot hunn, dat war en anere Posten, firwat mer elo schonn nees en Employé communal sichen, obwuel mer nach guer kee Fonctionnaire gesicht hunn. Et geet ëm kulturell Programmatioun, also dat ass elo net esou spezifesch, dass een do ka scho vu virera soen, dass een do kee Fonctionnaire géing fannen.

Ech wollt einfach nach eng Kéier erënneren, dass awer eigentlech dat just an Ausnamefäll soll gemaach ginn, wou ee kee Fonctionnaire sicht, mee en Employé communal, do geet et zum engen ëm de Statut vum Fonctionnaire an et geet zum aneren ëm de Pensiounssystem vun de Fonctionnairen, wou mer spéitstens am Dezember nees wäerten eis selwer bedaueren, wa mer gesinn, wat mer als Gemeng do musse bezuelen, well dee Pensiounssystem net méi nohalteg ass ënner anerem, well einfach net méi genuch Fonctionnairë gesicht ginn.

Ech mengen, op anere Plazen, dat gesi mer nach méi spéit, do gi Fonctionnairë gesicht, da kann emol virkommen, dass ee kee fënnt, mee ech géing et wierklech gutt fannen, wann d'Gemeng géing awer op de Wee goen, fir esou Tâchen zumindest emol ze kucken, ob een da géing e Fonctionnaire fannen, éier een direkt dann sech et einfach mécht an en Employé kommt in Aussicht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Neen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, mir huelen déi Bemierkung erëm mat, nichtsdestotrotz hunn ech probéiert ze soen, firwat mer dat eeben hei erëm esou gemaach hunn. Also, mir kennen de Secteur an de Milieu jo, wat do, soen ech emol, um Terrain sech ergëtt a well mer hei e bëssen den Iwwerschlag gemaach hunn an de Profil zesummen ausgeschafft hunn, si mer der Meenung, dass dat doten awer total Sënn mécht, fir eeben där Komplexitéit an deem heite Service gerecht ze ginn, an et ass wierklech eng Komplexitéit, an ech hunn elo probéiert, e bëssen iwwerflächlech drop anzegoen, awer all Plaz ass spezifesch, dat kann ee sécherlech behaapten, an déi heiten ass extra spezifesch. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mir proposéieren dass mer zum Vote iwwer ginn. ***Wat dës Kreatiounen ugeet, ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun Déi Gréng, LSAP, CSV, DP, ADR. Wien enthält sech? Dat sinn déi Lénk.***

**8.3. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengebeamten, Salärsgrupp B1, Technik (ëffentlech Aarbechten)**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dann dee leschte Posten ass fir eis Travaux publics. Jo, do komme mer erëm bei de Fonctionnairesposten zeréck an zwar e B1 bei eisem Groupe technique. Mir sichen hei en techneschen Zeechner. Déi, wou méi laang dobäi sinn, déi kënne sech vläicht erënneren, datt mer Enn 2016 eng siwe Leit vun der ArcelorMittal iwwerholl haten, als Prêt de main d'oeuvre, wéi dat esou schéin hei heescht, an déi Persoun hei, dat ass elo déi lescht vun deenen, wou an d'Pensioun geet, op den 1. Januar. Si huet allerdéngs nach Congé, Dir wësst jo, wéi dat ass. Dat heescht, et ass een, laang fort, éier een an d'Pensioun geet. Mir wënschen hir natierlech eng schéin an eng laang Pensioun. Trotzdeem musse mer awer hei en neien techneschen Zeechner hunn an dofir musse mer dann dee Posten elo kreéieren. Wéi gesot, et ass e Fonctionnairesposten, B1, Sous-groupe technique an et ass natierlech eng Tâche complète. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Si Froen derzou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Technesch Zeechner sinn extreem gesicht, dat ass eng ganz spezifesch Tâche. Dowéinst, villmools Merci dann dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, fir Är Bemierkung- Soss nach weider Bemierkungen? Kënne mer dann hei déi Kreatioun guttheeschen an op de Vott iwwergoen? Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.

# 9. VUN DER DP-FRAKTIOUN AGEREECHT MOTIOUN

**Sensibilisatioun géint de Alkoholkonsum wärend der Schwangerschaft**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op deen nächste Punkt, an dat sinn d'Motiounen. Et sinn dräi Motiounen, déi mer haut hei um Ordre du jour hunn. Dofir wéilt ech nach eng Kéier, wat ech och schonn am leschte Gemengerot gemeet hunn, hei ganz kloer de Kader rappeléiere vun eisem Règlement d'ordre interne, wat d'Motiounen ugeet. Den Auteur, respektiv d'Autrice vun der Motioun kritt d'Wuert fir op d'Motioun anzegoen, de Prinzip wär am Fong deen, dass mer iwwer eng Motioun mussen ofstëmmen, ob se op den Ordre du jour kënnt oder net. De Fait, dass mer se ouni Ofstëmmung schonn op den Ordre du jour gesat hunn, heescht, dass mer se effektiv dann och beschwätzen, wat ee jo och soll maachen, well se dann och dem Droit d'initiative vum Conseiller communal Rechnung dréit. Dat ass mol dat éischt.

Dat zweet ass, wéi gesot, d'Prozedur ass follgend an eisem am Règlement d'ordre interne, den Auteur respektiv d'Autrice kritt d'Wuert fir op d'Motioun anzegoen. Dann hëlt de Schäfferot oder e Member aus dem Schäfferot Stellung dozou. Da ka vun all politesch Partei een d'Wuert kréien, kann, mee muss natierlech net, mee een, an da kann och nach eng Kéier de Schäfferot, respektiv den Auteur oder d'Autrice d'Wuert kréien an da gëtt de Vott gemeet. Dofir sinn zéng Minutte virgesinn, zéng Minutte fir den Auteur, fënnef Minutte fir déi aner, wéi gesot Memberen oder esou wéi mer et am Règlement d'ordre interne, dee mer guttgeheescht, hei festgehalen hunn.

An ech wäert dann dofir suergen, dass dat dann och esou verleeft. Aus den Erfarungswäerter vun de viregten Diskussiounen hei am Gemengerot. Mir hunn eng éischt, also et sinn zwou Motiounen, déi d'DP eragereecht huet, an eng Motioun, déi d'CSV eragereecht huet, an hei ass déi éischt Motioun, déi erakomm ass, dat war déi vun der DP iwwert d'Sensibilisatioun géint de Konsum vun Alkohol wärend der Schwangerschaft. An den Auteur dovunner ass den Här Meyer. An dofir géif ech him dann och d'Wuert ginn.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dat ass richteg. hei geet et ëm d'Sensibilisatioun, et geet ëm de Konsum vun Alkohol wärend der Schwangerschaft. An ech muss soen, dass mer leider hu misse feststellen, dass de Konsum vun Alkohol wärend der Schwangerschaft déi heefegst Ursaach fir eng net-geneetesch geeschteg Behënnerung ass. Dass och haut nach all véiert Fra wärend der Schwangerschaft Alkohol konsuméiert. An, dass all Joer 120 Kanner mat enger fötaler Alkoholsspektrumsstéierung hei am Land gebuer ginn. Mir hunn och misse feststellen, dass d'Follge vun och nëmme geréngem Alkoholkonsum wärend der Schwangerschaft villfälteg an irreversibel sinn a vun Opmierksamsstéierunge bis zu Organfeelbildunge goe kënnen. Hei hunn och schonn 12 Gemengen déi Charte, déi ech bäigeluecht hunn,



ënnerschriwwen. Ech wëll se net alleguerten opzielen, et sinn awer hei aus dem Süde Suessem, Péiteng a Käl dobäi, awer och Stied wéi Miersch, Ettelbréck an Iechternach.

A mir invitéieren dann de Schäfferot, d'Charte vum Quai 57 ze ënnerschreiwen an domadder en Zeechen ze setzen, dass eeben d'Gemeng Diddeleng fir de Schutz vun eise Kanner steet an dass zukünfteg déi 4 an der Charte genannte Punkten eeben och ze respektéiere sinn, an dës sinn, dass d'Personal vun der Gemeng Diddeleng drop higewise gëtt, wat fir Schied et uriichte kann, wann een Alkohol wärend der Schwangerschaft konsuméiert. Ech hat gemengt, dat géif all Mënsch wëssen, mee scheinbar ass dat net de Fall. D'Informatiouns- an d'Sensibiliséierungsmaterial, dat d'Gemeng am Kader, vu „Géint den Alkohol wärend der Schwangerschaft" vun den Autoritéiten, unerkannten Experten, kritt, dann eeben och verdeelt, an dem ganze Gemengepersonal matgedeelt gëtt, zu wat déi Diddelenger Gemeng sech mat dem Ënnerschreiwe vun dëser Charte verflicht huet an eeben och gegeebenefalls aner Gemengen ze encouragéieren, sech fir déi ëffentlech Gesondheetsfërderung an dësem Beräich anzesetzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Meyer, fir d'Erklärung zu Ärer Motioun. Ech géif da kuerz Stellung dozou huelen. Wéi gesot, Merci fir d'Motioun. Ech fannen am Fong, dass déi Charte hei vum Quai 57 vun der Suchtberodung Sënn ergëtt. Ech fannen se och gutt, wëll awer och generell soen, dass mer als Gemeng, wat d'Preventioun, wat den Alkoholkonsum ugeet, och als Employeur generell ganz aktiv sinn. Op där anerer Säit, mengen ech, dass mer wat dee méi breede Scope ugeet, iwwer eise Gesondheetsbeoptraagten och schonn eng Rei Initiative geholl hunn am Kader och vun der Matinée Santé, wat d'Preventioun insgesamt, wat den Alkoholkonsum eeben halt ugeet. Dat ass e bësse fir de Kader ze setzen. Well ech hunn effektiv jo Är Motioun gelies an och d'Charte gelies. Also, de Prinzip ass deen, éier een eng Charte ënnerschreift, misst een, oder fannen ech, an déi Geleeënheet hate mer nach net als Schäfferot, mat deem zoustännege Service mol eng Kéier kënnen zesumme kommen, fir mol mat deem ze schwätzen, wat d'Ausriichtung vun der Charte ass, respektiv vu senger Aarbecht ass.

Déi Méiglechkeet hate mer nach net, well wann ech och déi Charte liesen, do sinn awer - Dir hutt an Ärer Motioun op Lëtzebuergesch déi Charte, déi mer ënnerschreiwe sollen, also ech mengen, dat ass zwar déi

offiziell Charte - do sinn awer fir mech am Fong eng Rei Formulatiounen dran, déi vläit bewosst oder onbewosst, ech weess et net, zimmlech vag gehale sinn a wou fir mech nach eng ganz Rei Froen sech stellen. Ech mengen, do steet engersäits „sensibiliser ses collaborateurs ou la société civile concernant les méfaits d'une consommation d'alcool pendant la grossesse", dat ass OK. Zweetens „diffuser des outils d'information et de sensibilisation délivrés par les experts soutenus et reconnus par les autorités publiques", do froen ech mech natierlech, wéi eng Experte sinn dat? Wéi eng Autorités publiques sinn dat? Ass dat de Gesondheetsministère, ass dat de Familljeministère, ech weess et net.

Dann „communiquer à l'ensemble des parties prenantes de l'institution des engagements pris", „l'ensemble des parties prenantes", wie sinn d'Parties prenantes? Ech weess et net. Och „encourager l'ensemble des partenaires, également œuvrer en faveur de la promotion de la santé publique à ce sujet", wie sinn „l'ensemble des partenaires", also, et ass vläit bewosst vag Formulatiounen, fir deenen, déi et ënnerschreiwen, d'Méiglechkeet sinn, ze definéieren, wien déi Partner sinn. Ech weess et awer net. Dofir mengen ech, d'Propos, déi ech Iech hei wollt maachen, dass mer déi heite Motioun haut hei, wann Dir wëllt, mat Ärem Accord, net zur Ofstëmmung bréngen, mee éischter d'Engagement vun eiser Säit aus, se op den Ordre du jour ze setze vum Gemengerot vum 4. Oktober, an dat gëtt eis als Schäfferot d'Méiglechkeet, de Service Quai 57 Suchtberodung mol eng Kéier ze treffen a fir mat hinnen iwwer déi véier Tirete vun der Charte ze diskutéieren an ze verstoen, wat dorënner ze verstoen ass. Well fir mech, wéi gesot, ech hunn Iech elo probéiert dat ze erklären, ech hunn nach eng ganz Rei Froen, wou ech nach keng Erklärung hunn, wou awer deen zoustännege Service, deen d'Charte am Fong opgesat huet, mir Erklärunge ka ginn, respektiv dem Schäfferot Erklärunge ka ginn, an da komme mer och mat ganz aneren Informatiounen, mat engem ganz anere Bagage och an dëse Gemengerot, ausser Dir hätt d'Äntwert op déi verschidden Tireten.

Ech hunn dat awer elo haut net an deem Sënn eraushéieren, an ech mengen, dass eng Entrevue mat dem zoustännege Service sécherlech méi Kloerheet bréngt par rapport zu den Engagementer, déi mer an där Charte aginn. Dofir hei d'Propos, wann Dir domat averstane sidd, se haut net ze stëmmen,se op den Ordre du jour d'office ze setze vum 4. Oktober, dann hu mir nach Zäit, mam Service Kontakt opzehuelen a wéi gesot dann natierlech och déi néideg Informatiounen eranzehuelen an dann hei effektiv dann d'Motioun ze stëmmen. Dat ass déi Propos, déi ech wollt maachen, dat ass d'Stellungnam vum Chef geholl an elo kann natierlech ee Member vun all politescher Partei nach eng Kéier dozou Stellung huelen, wann e wëll. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Merci fir d'Motioun, déi den Här Meyer gestallt huet. Dat ass e ganz wichtege Sujet. Mir haten eis e bëssen och d'Fro gestallt, änlech wéi den Här Buergermeeschter, wien déi verschidden Acteure solle sinn an och e bësse wéi eng Populatioun ganz geziilt ass, just nëmmen d'Gemengepersonal oder ob mer iwwer d'Gemengepersonal erausginn an effektiv d'Bierger alleguerten domadder wäerte konfrontéieren. Ech hat dee Sujet schonn eng Kéier ugeschwat, wou mer vun der Botzaktioun geschwat haten, dass eng massiv Zuel vun Alkoholsfläschen an de Stroosse leien an dass mer mussen an dëser Gesellschaft e massiven Alkoholproblem hunn, dee vläicht awer op eng gewëssen Aart a Weis negligéiert gëtt.

Wann een am Gesondheetssecteur schafft, da gesäit een och, wéi grouss den Alkoholproblem an der Gesellschaft ass an net méi spéit wéi gëschter hunn ech am Radio, bei engem däitsche Sender héieren, dass driwwer diskutéiert gëtt, ob een Alkohol bei de Mineuren an Däitschland net awer soll eropsetzen, well do däerf een nämlech ab siechzéng Joer mat der Famill mol e Béierchen um Dësch drénken. An do ass am Fong de Problem vum Alkohol ugeschwat ginn, wéi verharmloost dass e gëtt, wéi verharmloost dass e gëtt vu jonkem Alter un, an dass et zu eisem alldeeglechen normalen Dag dozou gehéiert, fir mol e Pättchen hei ze drénken an e Pättchen do ze drénken.

Dat geet herno bis an d'Schwangerschaft eran, well et zur Normalitéit gehéiert an ech denken, dass et ganz richteg ass, fir déi Saach do méi déifgräifend unzepaken an net elo haut schnell eng Motioun ze stëmmen, mee effektiv, wäit driwwer ze diskutéieren an e proppere Plang doriwwer auszeschaffen, well de Problem ass do an ech mengen, de Problem ass méi grouss, wéi mer eis alleguerte bewosst sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Martini, fir Är Stellungnam.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert an och der DP Merci fir déi Motioun, well mer och der Meenung sinn, dass den Alkoholproblem net just an der Schwangerschaft present ass, mee virun allem an der Schwangerschaft, wou en zu fötalen Alkoholspektrumsstéierunge ka féieren, ass all Fall, deen iergendwéi duerch eng preventiv Moossnam ka verhënnert ginn, schonn derwäert et ze maachen. Et ass eis awer d'selwecht gaangen, wou mer gekuckt hunn, e bësse méi Informatiounen zu där Charte do erauszefannen. Do engagéiert een sech am Fong zu Saachen an et weess een net genau ... also, ech hat Schwieregkeeten, der Saach op de Fong ze goen. Ech hat de Flyer, deen an der Annex hannendru war, ech hu probéiert iwwert hire Site, ech hu probéiert iwwer d'Fondation André Losch an ech sinn net richteg schlau ginn, wat et elo heescht, respektiv vu wou se u verschidden Zuelen och komme bei deem Ganzen.

Ech vertrauen hinnen, ech gleewen hinnen, et ass eng Fondatioun, alles ganz seriö, also um Gotteswëllen, et ass eebe just, dat war ganz schwéier gräifbar an och, wéi de Buergermeeschter elo just gesot huet, et weess een net genau, op wat een sech aléisst. Dat heescht, ech war elo e bësse frou ze héieren, dass déi dote Géigepropos komm ass, fir eng Kéier d'Chance ze ginn, vläicht och, de Quai 57 einfach eng Kéier ze héieren an ze kucken, wat genau dat heescht. Mee sämtlech Schrëtt an déi dote Richtung vun Opklärungsaar-

becht a Preventioun, do zéie mer natierlech voll mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Steffen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Merci och der DP fir d'Motioun, déi natierlech e ganz wichtege Sujet opgräift an, esou wéi all Acteur ka mat Sécherheet och d'Gemeng nach zu enger besserer Sensibiliséierung bäidroen, souwuel wat d'Alkoholpreventioun am Allgemengen an och an der Schwangerschaft ugeet. Ech hunn och meng Hausaufgabe gemaach an ech war iwwerrascht, dass ech et wierklech mol net fäerdegbruecht hunn, déi Charte iergendwéi ze fannen um Internet. Also, do war ech ganz frou, dass se wéinstens annexéiert war an där Motioun, well ech hu se net fonnt. Ech hunn awer och dann all d'Kommunikatioune vun deenen anere Gemenge gelies, déi dann effektiv alleguerten eng Entrevue awer hate mat där Suchtberodungsstell. Dat erschéngt mer scho logesch, dass een op dee Wee geet.

Mir hunn eis och gefrot, firwat d'Motioun sech elo konzentréiert op d'Gemengepersonal, well och an der Charte steet „sensibiliser ses collaborateurs ou la société civile, en tout ou en partie", an ech menge schonn, dass als Gemeng do ee ka méi eng grouss ëffentlech Sensibilisatiounscampagne maachen. Ech hunn och mat Leit geschwat, déi gesot hunn, also, wann ech nach géing op der Gemeng schaffen, an ech géing just vun der Gemeng gesot kréien, ech dierft elo … also, ech géing dat e bësse komesch fannen als Kommunikatioun, wann dat elo op d'Gemengepersonal konzentréiert wier. Ech hunn och gelies, dass Quai 57 zum Beispill e Rezeptbuch mat alkoholfräie Cocktailer diffuséiert, domat kann ee bestëmmt eppes maachen, sachant awer, dass zum Beispill op Festivallen ëmmer schonn d'Jugendhaus alkoholfräi Cocktaile mécht, dat heescht, do ginn et jo schonn och Saachen, mee dowéinst géinge mir dat eigentlech och flott fannen, wann de Schäfferot da géing déi Initiativ huelen an déi Entrevue maachen a vläicht kéint een dann déi Motioun am Oktober stëmmen a mir géinge proposéieren, se dann opzemaachen op d'ganz Zivilgesellschaft an net just op d'Gemengepersonal, an da géinge mir dat awer op alle Fall ënnerstëtzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach en anere Member? Neen, dat ass net de Fall, da ginn ech dem Auteur vun der Motioun d'Wuert zeréck.

MARC MEYER (DP): Nach emol Merci fir d'Wuert. Ech hat effektiv och schonn am Virfeld mat hinnen en Telefonat gefouert, wou ech och divers Froe gestallt hunn. Ech muss awer elo soen, dass ech net op all déi Froen, déi Dir elo, Här Buergermeeschter, hei hutt, elo d'Äntwert hunn. Dofir fannen ech Är Propos, fir et d'office dann de 4. Oktober op den Ordre du jour ze setzen, ganz sënnvoll. Esou huet de Schäfferot dann och Zäit, fir déi néideg Äntwerten, déi eis elo nach feelen, erbäizekréien an ech hoffen dann, dass mer dann am Oktober dann hei déi néideg Zoustëmmung kréien, fir dat dann och duerchzesetzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Majo villmools Merci fir Är Stellungnam. Et geet jo, wann een sech un de Modus hält. Voilà, villmools Merci och fir Är Stellungnamen. Merci dann och, dass den Auteur vun der Motioun op déi Propos hei ageet. Ech mengen, mir hunn awer hei parteiiwwergräifend e bëssen déi selwecht, Bedenke gedeelt, wat déi verschidden Engagementer vun der Charte ugeet. Ech hunn awer och erausgehéieren, par rapport zu der Charte, wéi se agefouert gouf, dass awer hei och d'Iddi ass, dass een se awer méi grouss opmécht, dass se méi e generelle Charakter soll hunn, wat natierlech d'Schwangerschaft net ausschléisst, dat ass jo dann och en Deel dovunner, dass een awer och dann, wann een de 4. Oktober doriwwer diskutéiert, och e puer Passagen ëm géif formuléieren.

Do wier vläicht och en Appell, wann deen een oder deen aneren hei interesséiert ass, déi eng oder déi aner Formulatioun eranzereeche bis dohinner, kann en dat och ganz gär maachen. Ech halen dann einfach haut hei zeréck, dass déi Propos, déi mer maachen, fir et dann d'office fir de 4. Oktober op den Ordre du jour ze setzen, dass déi hei effektiv zeréckbehale gëtt vun all de d'Parteien, dass mer dat dann effektiv esou dann och wäerten an d'Weeër leeden an eis dann och wäerten dozou verflichten, mat Quai 57 Kontakt opzehuelen an dann och eng Entrevue mat hinnen ze organiséieren. Dat wier et dann zu dëser Motioun an, bon, ech weess net, ob mer elo formell missten e Vott huelen. Ech mengen, mir sinn eis jo eens, dass mer se op de 4. Oktober setzen, pour la forme, mee bon, ech mengen, mir sinn eis eens. Da géife mer op déi nächst Motioun iwwergoen.



# 10. VUN DER DP-FRAKTIOUN AGEREECHT MOTIOUN

**Participatioun vun der Gemeng Diddeleng um Projet „Mol nach emol"**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dës Motioun ass och vun der DP. An do geet et ëm de Projet „Mol nach emol" an do géif ech dem Marc Meyer d'Wuert ginn.

MARC MEYER (DP): Merci nach emol fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Et geet hei ëm eng, hoffentlech, Participatioun vun der Gemeng Diddeleng um Projet „Mol nach emol", deen och duerch d'Oeuvre nationale de secours Grand-Duchesse Charlotte ënnerstëtzt gëtt. Hei geet et drëms, all Zort vun alem Schoulmaterial ze sammelen an erëm astandzesetzen, mam Zil eeben, dass d'Saachen erëm benotzt kënne ginn. Dës Aarbechte geschéien an den Ateliere vum Kräizbierg hei zu Diddeleng, et ass eng immens wäertvoll Aarbecht, déi do gemaach gëtt. Mëttlerweil hu mer och scho fënnef Gemengen, déi do matmaachen, ënner anerem Esch, Monnerech, Reckeng op der Mess, Suessem a Schëffleng an awer och verschidde Schoulklassen aus anere Gemenge sinn hei op deem Projet aktiv. Et sinn och scho Schoule vun Diddeleng, déi sech do gemellt hunn, fir Saachen och ze kréien. Vill Schüler, besonnesch aus Famille mat manner finanzielle Mëttelen, kënne vun dësem Schoulmaterial profitéieren, wat eng ganz gutt Saach ass. De Recyclage an d'Weidernotze vu Schoulmaterial passt menger Meenung no och ganz gutt an d'Philosophie vun der Gemeng Diddeleng.

Dofir invitéieren ech dann och de Schäfferot, eebe Kontakt mam Zoustännege vum Projet, de Patrick Falkenstein, opzehuelen - de Patrick Falkenstein ass, niewebäi gemierkt, och en Diddelenger - an d'Demarchen unzegoen, fir eebe Member vum Projet „Mol nach emol" ze ginn. Et wier dann och gutt, wa mer géife Sammelpunkten an der Gemeng Diddeleng installéieren, wou d'Bierger Schoulmaterial, dat net méi benotzt gëtt, eebe kënnen ofginn. Hei géif ech soen, zum Beispill an der Gemeng oder an der Sportshal oder op anere gëeegente Plazen, dat wier eng ganz gutt Iddi. Et kritt een dann och vun hinne Këschten, wou op der Këscht selwer Explikatioune zum Projet drop stinn, fir dohinner ze setzen. An alles, wat dann do gesammelt gëtt, kann een da mat Tuten och direkt op de Kräizbierg féieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Elo ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci dem Här Meyer fir d'Motioun. Wéi ech d'Motioun gelies hunn, ech mengen, Dir hutt et eigentlech selwer iergendwou gesot, datt dat ganz gutt an d'Gemeng Diddeleng géif passen, well mer vill esou Projeten hunn. Ech selwer wosst net direkt, em wat fir ee Projet et géif goen, well mir dat net ugebuede kruten. Ech erkläre mech awer: Déi éischt dräi Punkten, ech mengen, do sot Dir jo, voilà, mir sammelen d'Schoulmaterial, et gëtt rëm opgebessert. Dee véierte Punkt, an do wëll ech drop agoen, do steet mëttlerweil scho fënnef Gemengen. Ech kann awer elo erkläre firwat déi fënnef Gemengen, et ass elo net sou, wéi wann hei einfach, ah, déi an déi Gemengen hunn sech gemellt, Diddeleng huet net matgemaach, dat ass de SIVEC, dat ass de Syndikat vun deene Gemengen an et ass e Projet vum SIVEC, deen si gemaach hunn an deen si hire Partnerstied dann eeben ugebueden hunn an dofir sinn hei dann och déi fënnef Gemengen derbäi erauskomm.

Wéi Dir sot, d'Material gëtt op de Kräizbierg geféiert an do erëm opgewäert an da kënnen d'Schoulen dat siche goen oder och d'Leit kënnen op hirem Fest déi Saache kafen, dat sinn esou Täschen. Wat ech awer wëll soen, um Kräizbierg, mir hu schonn am Fong eng Sammelplaz hei zu Diddeleng, dat ass um Kräizbierg selwer. Si hunn och eng Sammelplaz, dat ass och eppes, wat ganz flott ass. An da schreift Dir, Dir invitéiert de Schäfferot, Kontakt mat der zoustänneger Persoun opzehuelen, fir déi néideg Demarchen ze maachen. Ech hunn dat gemaach, ech hu mech do mol informéiert iwwer de Projet. Et ass esou, dass, wéi Dir sot, d'Schoule maachen do scho mat. Also, d'Schoule vun eis an d'Maison Relaise vun eis, déi ginn zwar bei de SIVEC, mee si ginn op de Recycling-Zenter. Déi ginn do Material sichen.

Dat sinn zweeërlee Projeten. Dat heescht, dat eent ass am Fong Material siche goe fir de Recycling, also fir Bastelaktivitéiten, an dat anert ass „Mol nach emol". Bon, wéi ech gesot hunn, ech mengen, mir sinn net Member vum SIVEC, leider kënne mer dann och net vun deem Projet do profitéieren. Wat mer eis hei awer iwwerluecht hunn, ech hu mech och mam Här Manderscheid hei ofgeschwat, well mer et awer e ganz flotte Projet fannen a wierklech derwäert fannen, esou eppes ze maachen, esou eng Sammelplaz oder d'Opwäertung oder och derbäi ze si bei deem Projet, géife mer proposéieren, dat doten am Büro vum STEP ze diskutéieren. Ech mengen, d'STEP-Gemengen, et ass och hei, wou de SIVEC ass, et gehéiert deenen anere Gemengen. Mir hunn de STEP, ech mengen, si mussen dat an deem Büro diskutéieren, datt mir och Sammelplazen hei kréien, datt si déi Saachen och siche kommen an datt si dat och op de Kräizbierg féieren.

Bon, ech kann natierlech net fir de Büro vum STEP schwätzen. Vläit kann den Här Manderscheid do e puer Wuert soen. Mee ech géif elo proposéieren, ech fannen d'Motioun gutt, awer esou telle quelle kënne mer se

net iwwerhuelen, well mir jo net am SIVEC sinn. Dat heescht, mir géifen en änleche Projet maachen, mam STEP zesummen, souguer eventuell mat de Gemengen, déi am STEP sinn, an dat wär am Fong dat, wat ech dozou ze soen hätt, also d'Engagement vum Schäfferot, absolut, dee Projet hei ëmzesetzen. Ech hunn och schonn eng Schoul gefrot, déi wier bereet, eng Sammelplaz ze maachen. Dat heescht, ech engagéiere mech perséinlech, fir datt dee Projet hei zesummen ëmgesat gëtt. Just fir de STEP kann ech mech leider net engagéieren. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi dote Stellungnam, elo kann och all Partei eng Kéier Stellung huelen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, mir hunn am Fong d'Iddi begréisst vun deem Upcycling a ressourcëschounende Modell, deen do propagéiert gëtt. Effektiv ass et eis och esou gaangen, dass mer d'Membergemenge vum SIVEC eeben erëmfonnt hunn an der Lëscht vun deene Gemengen, déi et gemaach hunn. An eis Propos vun der Lokalsektioun war am Fong eng ganz änlech, ob et net machbar wier, dass dat do och vum STEP kéint an d'Liewe geruff ginn an einfach kéint gekuckt ginn, zesumme mat de Schoulen an och mam SEA, wéi een dat och nach kéint méi present eeben och bei den Eltere maachen, iergendwéi, fir déi mat an d'Boot ze kréien, dass een déi Sammelplaze wierklech kéint geziilt op déi Plaz stellen, wou se och herno ukommen, well, bon, d'Gemeng war elo als Beispill genannt ginn, ech ka mer virstellen, datt e méi beschwéierlech ass fir Elteren oder esou, al Stëfter oder aalt Material dann iergendwéi op eng Gemeng ze bréngen, wéi einfach dem Kand an de Rucksak ze ginn an ze soen, hei, da gëss de dat do of. Dat heescht, déi Detailer, déi do ze kläre wieren, do hate mer elo geduecht, dass dat mat deene jeeweilege Stakeholder vun där Saach dann ze kläre wieren, an dass mer dat awer géinge flott fannen a wierklech begréisse géinge wann eng Léisung kéint fonnt ginn, fir esou e Projet oder en änleche Projet hei zu Diddeleng ze hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Nach aner Stellungnamen?

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Wéi gesot, ech hunn nach gëschter Moien eng Visite gemaach beim SIVEC, wou ech dann och alleguer déi Këschte gesinn hunn, wou och Diddelenger Schoule vu Schoulmaterial profitéieren. Dat ass ganz richteg. Dat sinn zwee verschidde Voleten, mee och Diddelenger Schoulen hunn do schonn ugeklappt, fir och Bläistëfter an esou ze kréien. De Responsabele vum Projet huet mer och gesot, dass och Diddelenger Schoulen an aner Associatioune vun Diddeleng, obschonn Diddeleng an deem SIVEC do dran ass, just brauchen unzeruffen an da géifen déi dat néidegt Schoulmaterial awer kréien. Also, hie gesäit elo selwer do absolut guer kee Problem. Wa mir dat natierlech elo um STEP maachen, eng zweet Variant vun deem Projet, ech weess elo net, wat do besser ass, well hei besteet alles, d'Strukture bestinn, fir d'Material ofzehuele besteet, do huet de Schäfferot vläit méi Erfarung, wéi een dat da besser kann ëmsetzen. Mir geet et eebe just drëms, dass Material do ass, och fir Leit, déi sech net all Faarf ëmmer erëm kënnen nei kafe goen, an dat ass eebe fir mech dee wichtegste Punkt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Och wann ech President vum STEP sinn, kann ech awer net haut soen, datt mer dee Projet maachen. Mee awer trotzdeem hu mer jo schonn a véierzéng Deeg déi nächst Bürossitzung, wou ech dat mat op den Ordre du jour huelen, an ech sinn iwwerzeegt, dass mir als fënnef Gemengen do awer eppes op d'Bee setzen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, René Manderscheid.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech wëll am Fong just nach e ganz kuerze Saz soen. Ech fannen et richteg, wat Dir sot. D'Diddelenger Schoule wëllen och dovunner profitéieren. Mir wëlle jo net, datt se all bei de SIVEC fueren. Mir wäre frou, wa mer dat hei an der Gemeng kéinten ëmsetzen an och an eise Schoulen esou Këschten opriichten, wou d'Kanner et dann direkt drageheien, och wann si elo scho vum Projet profitéieren. De SIVEC seet jo net, Dir däerft net vum Projet profitéieren, mee de SIVEC seet, mir kommen d'Saachen net op Diddeleng sichen a mir féieren se net hin an hier. Hei muss jo dann awer eng ganz Opstellung vu Leit hannendru sinn,wie geet déi Saache sichen, wie féiert se op de Kräizbierg, wéi kommen se erëm dohinner. Duerfir d'Propos vum René Manderscheid fannen ech ganz gutt an natierlech ënnerstëtze mer de Projet och.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dofir muss ech elo fir zur Conclusioun ze kommen, d'Fro stellen: Wëllt Dir Är Motioun mat der Diskussioun, déi mer hei haten, mat den Erklärungen, wou awer e puer Punkte sinn, wou mer net kënnen direkt erfëllen, well mer net Member vun deem Syndikat sinn, an där doter Form oprechterhalen, dass se zum Vott gemeet gëtt oder éischter zeréckzezéien, mam selwechten Engagement, dass dat beschwat gëtt, dass mer awer - mir kënnen och nach eng aner Motioun oder effektiv kucken, wéi de Projet, evoluéiert - dass mer dat mam STEP maachen. Also wéi gesot, d'Iddi ass jo kee Problem, gell, also, oder och kucken, fir de 4. Oktober och, wéi bei där anerer Propos, mat op den Ordre du jour ze setzen an do kucken, effektiv eppes ze hunn, wat mer dann och kënne mat deenen anere STEP-Gemengen zesummen organiséieren an eis och verpflichten, e Projet ze maachen.

MARC MEYER (DP): Also, wéi gesot, mir geet et hei ëm d'Saach. A wann een dat natierlech hei zu Diddeleng kann ëmsetzen, ëmsou besser. Ech mengen, mir sinn hei zu Diddeleng, mir schaffe fir Diddeleng an d'Diddelenger sinn eis wichteg. Den Här Manderscheid huet proposéiert, dat dann an zwou Woche mat op den Ordre du jour beim STEP ze huelen. Ech begréissen dat immens. Dofir scho mol e grousse Merci. An, wann dat

SOURRIRE
Soutien entre résidents et réfugiés

natierlech dann de 4. Oktober och d'office op den Ordre du jour gesat gëtt mat Ärer Propositioun, da géif mech dat nëmme freeën. Merci gesot.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ma Merci dann och, dass Dir op déi dote Propositioun agitt a mir suergen dann dofir, effektiv, dass Dir dann och déi néideg Nofolleg kritt, déi et brauch. Villmools Merci.

## II. VUN DER CSV-FRAKTIOUN AGEREECHT MOTIOUN

**Resiliatioun vun engem Contrat de bail commercial mat der Associatioun SOURRIRE a.s.b.l. an Annulatioun vun engem Changement de destination vun engem Gemengenhaus op Nummer 43, rue Ribeschpont.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dës Motioun ass vun der CSV, an do geet et ëm de Contrat de bail commercial vun der Associatioun Sourrire, an do ginn ech dann der Autrice d'Wuert, oder ech ginn der CSV d'Wuert, well ech weess net, wien d'Wuert wäert ergräifen, mee ech ginn op alle Fall dann hei mol bei der CSV-Fraktioun d'Wuert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Am Numm vun der CSV ergräifen ech dann d'Wuert als Autrice vun der preliminärer Fassung vun der Motioun. Am Numm vun der CSV biede mer de Schäfferot, follgend Motioun op d'Dagesuerdnung ze setzen. Et geet drëm, d'Theema vun der Motioun ass d'Resiliatioun vun engem Contrat de bail commercial mat der Associatioun Sourrire asbl an d'Annulatioun vun engem Changement de destination vun engem Gemengenhaus op Nummer 43 Rue Ribeschpont. De Gemengerot stellt fest, éischtens, dass e Contrat de bail commercial de 24. Februar 2023 tëscht dem Schäfferot an der Associatioun Sourrire asbl ënnerschriwwe gouf, ouni dass eng Autorisation de changement d'affectation vum Objet du contrat vun der Maison unifamiliale virlouch. D'Autorisatioun, respektiv d'Erlabnes fir e Changement de destination, gouf eréischt de 27. Mäerz dräianzwanzeg vum Här Buergermeeschter ginn.

D'Association Sourrire asbl huet d'Gebai awer schonn ab dem 1. Januar 2023 konnte benotzen. De Contrat de bail commercial fir den Objet hätt also dem Gemengerot net däerfen de 24. Mäerz 2023 zum Vott virgeluecht ginn. Et gouf och vum Schäfferot bestätegt an enger schrëftlecher Äntwert vun enger Fro vun der CSV, dass dës Autorisatioun, fir dat Eefamilljenhaus, dat e Gemengegebai ass, duerch e Changement de destination ëmzewandelen an e Cabinet thérapeutique, effektiv eréischt an der Form vun enger Baugeneemegung, den 23. Mäerz 2023 gesprach gouf. Dowéinst stellt sech dann elo d'Fro, ob hei just eng Baugeneemegung ausgesprach ginn ass, fir déi néideg Transformatiounen um Haus ze maachen, oder gouf och e Changement de destination dee Moment gesprach?
Sollt dat de Fall sinn, ass de Contrat de bail commercial mat der Associatioun Sourrire asbl zum Zäitpunkt vun der Signatur de 24. Februar 2023 net an der Legalitéit ënnerschriwwe ginn, well wann et nach zu deem Zäitpunkt vun der Ënnerschrëft een Eefamilljenhaus war, da konnt hei keng Aktivitéit stattfannen, déi e Contrat de bail commercial néideg gemaach hätt. De Gemengerot stellt weiderhi fest, dass d'Association Sourrire asbl a ville Punkten de Contrat de bail commercial net agehalen huet.

Éischtens koum et net zur annoncéierter Kollaboratioun tëschent der Stad Diddeleng an der Associatioun, fir de Projet JuMa-House zu Diddeleng ze developpéieren, festgehal an den Observations préliminaires vum Contrat de bail commercial, ech zitéieren „constatant la volonté de la ville de Dudelange et de l'association de collaborer pour le développement du projet JuMa-House à Dudelange", e puer Zeilen uewendriwwer, ech zitéieren „vu le projet de l'association Sourrire asbl pour développer une maison de thérapie psychologique offrant le suivi des groupes de thérapie et des groupes de prévention contre le stress pour des patients disposant de possibilités financières pour des entreprises, mais aussi et surtout pour des patients qui sont dépourvus de possibilités de pouvoir se payer un tel suivi avec concentration sur des personnes réfugiées". Da kommen ech op deen nächste Punkt, den zweete Punkt, wou en net agehale gouf. Eng geplangten a vum Schäfferot ugekënnegt enk Zesummenaarbecht mat de Schoulen an dem SEA huet zu kengem Moment stattfonnt. Dat krut ech bestätegt op meng Nofro beim Schäfferot.

Drëtte Punkt: Den Artikel 2 vum Contrat de bail commercial „Destination des des lieux loués", gouf net erfëllt. Souguer gouf d'Ausriichtung vun den Aktivitéite komplett changéiert. Aus enger geplangter Maison de thérapie psychologique, geleet vun zwou Psychologinnen, gouf e Lieu de rencontre interculturel, wat absolut net am Contrat de bail festgehale gouf. Laut Äntwert vum Schäfferot huet de Projet sech entwéckelt an eng Initiatorin huet och de Projet verlooss. De Projet huet bei der Signatur vum Contrat de bail explizitt „Projet JuMa-House" geheescht, elo heescht de Projet Maison Sourrire. Laut Explikatioune vum Schäfferot ass déi Destinatioun vum Therapiehaus eng anescht ginn. Virgesi war eng Prise en charge duerch zwou Psychologinne vu Clienten, „le suivi des groupes" an esou weider, ech soen et net nach eng Kéier, well soss ass meng Zäit geschwënn eriwwer. Elo schwätze mer vun engem oppenen Haus fir all Kulturen, Nationalitéiten a Generatiounen, dat sech konzentréiert op d'Entwécklung vum Zesummeliewen an den Deve-

loppement vun den néidege Kompetenze fir kënnen um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. Keng psychologesch Prise en charge, keng therapeutesch Aarbecht, also ass et laut Schäfferot e Projet vum interkulturellen Zesummeliewen.

Da kommen ech op de véierte Punkt. Am Enoncé zum Contrat de bail an och an den Explikatioune vum Schäfferot gouf an Aussiicht gestallt, dass d'Associatioun hir Convention de collaboration mam Ministère de la Famille, Ministère de la Santé a Ministère des Affaires étrangères géif ofschléissen, dat ass awer net geschitt. An de Projet ass net vun de Ministèren zeréckbehale ginn, dat ass eng Feststellung, déi mer och gesot kritt hu vum Schäfferot. Am Fong wonnert dat jo net, well jo déi initial Ausriichtung vum Haus jo och net zeréckbehale gouf. Just eng kleng Ajoute. Mir hunn natierlech am Registre de commerces et des sociétés nogekuckt, do gouf den 3. Mee 2024, also dat war virun zwee Méint ganz genau, festgehalen an enger Assemblée générale vu Sourrire asbl, dass den Artikel 2 vun de Statute modifizéiert gouf vun dëser asbl, ech zitéieren „Article 2, entretiens psychologiques, animations de groupe, de parole et thérapeutique pour enfants et adultes". Dofir brauch een awer en Agrement vum Ministère de la Famille oder vum Ministère de l'Educatioun, dat just als Annex.

Da kommen ech op den nächste Punkt, dat ass de Punkt 5. Am Haus zirkuléieren, laut Ausso vum Schäfferot, an der Moyenne 150 Persoune pro Woch. Kachatelieren an de Mëttesdësch ginn ënner anerem ugebueden, d'Leit kréien au besoin d'Méiglechkeet, fir ze duschen, ouni dass awer deementspriechend Adaptatiounen am Haus gemaach goufen. Klammer: professionell Kichen, adaptéiert Unzuel vun Toiletten, Vestiären, zousätzlech Duschen. Wat leeft dann elo an deem Haus? Laut Ausso vum Schäfferot ginn 20 integrativ Atelieren op lëtzebuergesch a franséisch ugebueden, fir Demandeurs de protection internationale, fir hir Chancen op Integratioun ze erhéijen. Froe stelle sech natierlech vill. Wien hält déi Atelieren, wou ginn déi gehalen, gëtt déi Participatioun zertifizéiert a bréngt dat den Demandeuren e Virdeel, vergläichbar mat den Informatik- a Sproochecoursen, déi eis Gemeng ubitt? Laut Ausso vum Schäfferot gi vun der Maison Sourrire 20 Ateliere mat Sproochecoursen, Kachcoursen, Sport, Informatik an esou weider ugebueden. Falls all dës Course bei engem Passage vun circa 150 Leit an der Woch am Haus an der Ribeschponter Strooss ofgehale ginn, wou och Persoune mat hire Kanner empfaange ginn, wou e Mëttesdësch ugebuede gëtt, e Coiffer seng Déngschter ubitt, wou mëttellos Famille kënnen e Bad huelen, respektiv dusche goen, stellt sech d'Fro, just eng Klammer, ech zitéieren hei just aus der schrëftlecher Äntwert vum Schäfferot op eis Fro. Et stellen sech vill Froen.

Dat heescht, dat hei ass ee Familljenhaus mat 120 Meterkaree Wunnfläch ouni PMR-Accès. Ass dat Haus konform, respektiv huet et en Agrement fir dës Aktivitéiten? Brauche mer eng professionell Kichen? Hu mer adequat Vestiären, Toiletten?. D'Bautereglement gesäit nämlech vir, dass wann esou vill Leit zirkuléieren an engem Haus, dass ee separat Toiletten, geschlechtsseparat Toiletten an och eng PMR-Toilette muss hunn. Goufen dës Projete vun der ITM ofgeseent? Hunn déi 15 benevole Acteuren, déi hei apparemment täteg sinn, hunn déi och e korrekte Kontrakt?

Punkt 6. Den Artikel 4 gouf net agehale vum Contrat de bail. Et gouf nämlech festgehal, eng Reduktioun vum Loyer gouf accordéiert, wann entre autres, wéi explizitt am Contrat de bail festgehal, eng Installation d'accès pour PMR géif vun de Bailleuren installéiert ginn, dat ass net geschitt. Dat äntwert de Schäfferot schrëftlech op meng Fro, déi ech gestallt hat. De Projet huet nämlech explizitt eng Reduktioun - dat wëll ech nach eng Kéier hei betounen - eng explizitt Dispens vum Loyer fir dat ganzt Joer 2023 ausgesprach an an deem Contrat de bail steet ënner anerem explizitt „Installation d'un accès pour personnes à mobilité réduite". Voilà.

Conclusioun, dat ass elo zu menger Interventioun: Mir invitéieren de Schäfferot, de Contrat de bail commercial mat der Association Sourrire asbl ze annuléieren, respektiv fréizäiteg ze resiliéieren, andeems hien den Artikel 9 vum Contrat de bail applizéiert: „La ville est autorisée à dénoncer le contrat à tout moment et sans observation de délais pour le cas où l'association ne remplit pas les obligations nées du présent contrat de bail". Zweetens, an dat ass eis dat Allerallerwichtegst, schnellstméiglechst eng Annulatioun vun engem Changement de destination virzehuelen, respektiv e Rechangement d'affectatioun virzehuelen, fir d'Haus op 43 Ribeschpont kënnen als Wunnraum ze affektéieren an ze notzen, fir et enger Famill als abordabele Logement zur Verfügung ze stellen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, fir op d'Motioun agaangen ze sinn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci fir d'Wuert. Ech wëll elo op déi Motioun agoen, déi Dir mer erageschéckt hutt. Ech hu viru knapps véierzéng Deeg iwwer dräi Säite Froe beäntwert. Elo läit erëm eng Motioun vir, mee ech maachen dat awer virun, et kéint ee seng Zäit och besser investéieren oder méi energievoll investéiere wéi dauernd am Krich hei ze sinn. Dofir géif ech op déi eenzel Saachen agoen, déi Dir hei schreift am Contrat de bail. Fir d'éischt sot Dir, de Contrat de bail, d'Autorisatioun, de Changement d'affectation louch net vir a mir hätten de Contrat de bail eigentlech guer net zum Vott am Gemengerot hätt däerfe bréngen. Bon, dat ass schonn deen éischte Punkt, wou ech soen, dat do ass esou net richteg. Éischtens, d'Demande fir de Changement d'affectation ass déi éischt Kéier am Service ukomm, dat war den 16. Dezember 2022, wou awer keng Piécen am Dossier waren, wou einfach en Dossier ugeluecht ginn ass, mee weider näischt geschitt ass.

De 6. Februar 2023 huet den Här Joel Freitas de Changement d'affectation an de Service geschéckt, an dëst dräi Wochen éier iwwerhaapt de Kontrakt ënnerschriwwe ginn ass. Wann een e Changement d'affectation mécht vun engem Haus, vun engem Wunnhaus, da brauch een natierlech och en Avis vum CGDIS. Och dës Autorisatioun hu mer missen ofwaarden. D'Autor-

isatioun vum CGDIS ass de 16. Mäerz 2023 erakomm an de Buergermeeschter konnt dunn d'Autorisatioun ausstellen. Wann Dir elo sot, jo, déi ass awer eréischt dono ënnerschriwwe ginn, also dat ass einfach just wéi d'Prozeduren, déi lafen. Ech muss awer soen, datt den Dossier komplett war an datt näischt gefeelt huet, keen Avis vun engem CGDIS, iwwerhaapt guer näischt. An dann, wëll ech soen, a wann Dir de Kontrakt liest - Dir hutt e jo wierklech auserneegeholl, et leeft jo dorobber eraus - Aktivitéiten, an dat steet am Kontrakt dran, hunn net däerfe stattfanne bis den 1. Mee 2023. Dat steet am Artikel 3, dat kënnt Dir noliesen.

Den nächste Punkt. Et koum net zur Kollaboratioun tëschent der Associatioun an der Stad Diddeleng, fir de Projet ze developpéieren. Bon, ech weess elo net, wat Dir ënner Kollaboratioun verstitt, mee ech muss Iech awer soen, datt ech säit engem Joer mat där Associatioun zesummen a permanent Reunioune sëtzen an och ëmmer bei all Mail, bei all Echange mam Ministère informéiert ginn an och d'Maile kréien. Si haten och Kontakter mat eiser Psychologin, déi virdrun hei geschafft huet. Virun allem schaffen se awer zu Diddeleng net nëmme mat der Gemeng, mam Office Social schaffen se, si schaffen awer och mat der ARIS, si sinn och amgaang e Projet fir d'Europäesch Kommissioun zesumme mat hinnen auszeschaffen. Weider Zesummenaarbechten - elo kënnt Dir soen, et ass net nëmme reng Diddeleng - weider Zesummenaarbechte si mam ONIS, ech mengen, wann Dir eng Kéier kucke gitt an d'Haus, de Moment schaffen do schonn aacht TUCen, déi vun hinne betreit ginn.

Ech schwätze vun der Zesummenaarbecht mam SCASS, wou och zwee Leit intervenéieren am Haus, d'Zesummenaarbecht mam Office Social vu Beetebuerg, vun Esch, ech mengen, si schécken eis och Leit an déi integrativ Atelieren, fir do deelzehuelen an och d'Entreprisen do lafen, do lafe Kontakter, well ech muss soen, wann d'Entreprisen se net géife finanziell ënnerstëtzen, da wär dat dote guer net méiglech op där Plaz. Bon, da sot Dir, eng geplangten Zesummenaarbecht mat de Schoulen a mam SEA. Jo, do kann ech Iech Recht ginn, dat ass bis elo net geschitt. Dat seet awer net, well et bis elo net geschitt ass, datt et net nach ka gemaach ginn. Ech mengen, et muss een awer d'Entwéckelung, ech weess net, wéi vill Dir an engem Joer schafft, et si Saachen, déi entwéckelen sech, natierlech steet hei näischt am Wee, fir esou eppes ze maachen.

Da fueren ech weider am Punkt 3. „Destination des lieux", do sot Dir, datt d'Ausriichtung komplett changéiert hätt an aus enger Maison de thérapie psychologique mat zwou Psychologinne wier e Lieu de rencontres interculturelles ginn. Bon, ech fannen och hei, hei sollte mer och dee Saz da bis zum Enn liesen an net einfach nëmmen iergendeppes eraushuelen. Fir d'éischt, an do hu mir jo keen Afloss drop, ass eng Persoun aus dem Projet fortgaangen. An dat aus private Grënn, wou ech keen Afloss drop hunn an ech mengen, och Sourrire asbl keen Afloss drop hat. Jo, de Projet huet sech verännert, et sinn aner Saache bäikomm, mee an sech d'Iddi dohannert, fir awer therapeutesch Atelieren ze maachen an och d'Begleedung vun der Psychologin, fir d'Familljen ze ënnerstëtzen, fir Fraen, déi en Trauma erlieft hunn, och do, fir si ze begleeden an hinnen eng Hëllef ze bidden, well se anescht op anere Plaze keng Hëllef géife kréien, well se och finanziell d'Méiglechkeeten net hunn.

An dann, Dir hutt et zwar virdru selwer virgelies, mee dat hutt Dir elo net an der Motioun dran, wann een de Saz viru liest vun deem Artikel, wou ech gesot hunn, do steet „avec concentration sur des personnes réfugiées", also huet jiddwereen, et steet am Kontrakt näischt anescht wéi dat, wat och elo geschitt, dat heescht et huet jiddwereen d'Recht dohinner ze kommen. Entweeder e ganz normale Bierger, e Refugié, jiddwereen huet d'Recht, an dat Haus ze kommen, dat eent schléisst dat anert net aus. Voilà. Also, wann ech hei soen, de Projet huet komplett changéiert, well den Numm vun der Aktivitéit changéiert huet, mengen ech, datt dat net esou richteg ass.

Bon, da komme mer zu de Konventioune mam Familljeministère, mat dem Ministère des Affaires étrangères, mat der Santé, déi sinn net ofgeschloss ginn. Dir sot et jo selwer, ech mengen, do läit de Moment keng Konventioun vir. Ech streiden dat och guer net of. Ech wëll awer trotzdeem e puer Erklärungen dozou ginn, firwat verschidde Saachen net ofgeschloss sinn an eventuell nach kënnen ofgeschloss sinn. D'ASBL huet 2022 scho Kontakt mat de Ministèren opgeholl. Fir d'éischt mam Ministère des Affaires étrangères, déi hunn hinnen dann och am Laf vun der Zäit e Bréif geschéckt, se felicitéiert fir de Projet an se weidergeleet un den ONA. D'Santé huet ganz kloer gesot, mir sinn hei net zoustänneg an si hunn se weidergeleet un de Familljeministère. De Familljeministère, deen huet se empfaangen an d'Madamm, déi um Dossier war, huet an Aussiicht gestallt, fir 2025 eng Konventioun ze kréien, well 2024 wier et ze spéit, do wär de Budget schonn ofgeschloss, dofir kéinten se 2024 näischt méi maachen. Dunn ass d'Madamm an d'Pensioun gaangen, déi um Dossier war, an et huet bis no de Walen, bis den 18. Januar 2024 gedauert, iwwerhaapt éier se erëm e Rendez-vous kruten um Ministère.

Ech mengen, dat muss een sech mol einfach eng Kéier iwwerleeën, wéi laang d'Prozeduren daueren. Am Abrëll 2024 huet de Familljeministère mat där neier Kontaktpersoun hinne matgedeelt, dass si kéinte profitéiere vum Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen, op deen d'Gemeng jo duerch dat neit Gesetz kann zeréckgräifen. Si hunn awer der ASBL ugeroden, dass se hire Projet beim Office national de l'accueil sollten eraschécken, well do ass en Appel à projets, dee genau an deen dote Beräich erageet, wat och geschitt ass.
Bon, da bleift ze bemierken, an dat muss een och eng Kéier soen, ech mengen, déi Leit, déi mam Office social ze dinn hunn, si hunn de Moment aacht TUCen do, déi do schaffen, déi do betreit ginn, déi encadréiert ginn, leider, zum Encadrant fir déi Leit ass et nach net komm.

Da sot Dir, am Punkt 5, am Haus zirkuléieren 150 Leit pro Woch, ouni dass si deementspriechend Adaptatioune gemaach hunn. Bon, ech muss zwar soen, also et sinn ni 150 Leit mateneen do, gell, also, dat si mer

eis mol ganz kloer, mir hu geschriwwen an der Woch an net pro Dag. Voilà. Déi Aktivitéiten, déi fannen éischtens a verschiddene Raim statt, do sinn Atelieren, Mol-Atelieren, do sinn awer och Jardinage-Atelieren, dat heescht, déi fannen dobaussen an dobanne statt. Dat heescht, et ass net elo, datt do iergendwou eng riseg Bedrängnis wier. An dann, a wann Dir sot, jo, ass dat alles richteg, wat déi do maachen, am Contrat de bail steet och „Visite des lieux: La société devra laisser la ville pénétrer à tout moment dans l'immeuble pour visiter l'immeuble". Dat heescht, mir ginn dohinner kontrolléieren, mir ginn och kucken, ob alles an der Rei ass. Dat ass geschitt am Juni, do war eise Service d'entretien am Haus an eise Service sécurité war am Haus. Si hunn dat kontrolléiert a si hunn och bestätegt, datt ni méi wéi 35 Leit zur selwechter Zäit am Haus wieren.

Da kommen ech zum Punkt 6, den Artikel Installation PMR ass net agehale ginn. Jo, ech streiden dat net of, et ass net agehale ginn, well, ech erkläre mech awer, hei déi Aarbechten, do ass eng Firma, déi huet e Budget vu 36.000 Euro zur Verfügung gestallt. Si hunn all d'Renovatiounen, déi mer ugekënnegt haten, gemaach, ausgefouert, an dat alles op hir eege Käschten. Wann se den Accès PMR nach gemaach hätten, hätt dat absolut de Kader gesprengt, wat awer net wëll soen, datt den Accès PMR net an enger zweeter Phas gemaach ka ginn. Also och dat ass eppes, wat net esou ass, datt dat elo net gemaach gëtt. Voilà.

Éischtens waren dat d'Äntwerten op d'Motioun. Ech mengen, datt ech bal alles gesot hunn. Mir haten et jo och scho schrëftlech ginn. Ech wëll awer trotzdeem soen, wann een esou eng Motioun erakritt, da schockéiert dat mech. Ech wëll dat awer elo mol einfach hei esou an de Raum stellen. Ech stelle fest, dass mat däser Motioun d'CSV géint e Lieu de rencontres interculturelles ass, wou Leit, déi an der Nout sinn, gehollef kréien a psychologesch Hëllef kënne kréien, déi se sech soss net leeschte kënnen. Zweetens stellen ech fest, datt d'CSV ganz kloer dergéint ass, datt hei bis zu 150 Leit Hëllef ugebuede kréien, sief dat duerch e gemeinsaamt Frühstück, e Mëttegiessen, dat mat der Hëllef vun der Banque alimentaire kann zur Verfügung gestallt ginn, an d'Leit kënnen u Sproochecoursen deelhuelen an un therapeuteschen Atelieren deelhuele kënnen, zweemol an der Woch vun engem solidaresche Vestiär profitéieren an och d'Ënnerstëtzung am familiäre Beräich ass gewährleescht an och psychologesch Hëllef. Drëttens, stellen ech fest, dass dës Motioun d'Opfuerderung vun der Resiliatioun vum Contrat de bail ass, an dat wëll ech lech och ganz kloer soen, fir deen direkt opzeléisen, et lech egal ass, wat mat deenen aacht Leit, mat deenen aacht TUCe geschitt, déi do an deem Haus betreit ginn.

Dat ass dat éischt. Da stellen ech fest, Dir haalt ëmmer de Benevolat ganz héich, awer wierklech ganz héich. D'CSV verpasst keng Geleeënheet, fir dat an den Himmel ze luewen, an Dir zéckt hei net, fir mat där Résiliation de bail déi 15 Leit, déi Benevollen, déi do schaffen, einfach deenen ze soen, wësst Dir, Är Hëllef ass hei net erwënscht. Bleift do, wou Dir sidd. An dann, an dat ass wierklech dat, wat mech e bësse schockéiert an där Motioun, als lescht stellen ech fest, dass eng chrëschtlech-sozial Partei géint e soziale Projet ass an datt mat däser Motioun probéiert gëtt, hei Aarm géint Aarm auszespillen. Jo, Dir kënnt laachen. Also, wann ech engem dat do ze liese ginn, da kann ech nëmme kräischen. Voilà. Dofir, an dat soen ech lech ganz kloer, wäerte mir géint déi Motioun stëmmen, net mol mir enthalen eis, mir stëmmen einfach carrement dergéint. Ech mengen, datt mer an deene leschte Gemengeréit ganz, ganz vill Projete vu soziale Wunnengen hei an den Himmel gelueft hunn, wat mer dach alles hei zu Diddeleng maachen. Ech mengen, de Minister, den Här Meisch, huet eis dat och bestätegt, datt mer ganz vill maachen an deem Sënn. Dat dozou.

Da mengen ech awer och, an dat ass dat, wat ech och wichteg fannen, Dir sot hei, jo, mir brauche méi sozial Wunnengen, dat ass richteg, mee et geet net nëmmen duer, de Leit eng Wunneng ze ginn an se da sëtzen ze loossen am Rescht mat hire Problemer. Ech mengen, datt et och wichteg ass, datt et Saache ginn, aner Problemer wéi Wunnenge ginn, d'Leit mussen och heiansdo betreit ginn. Voilà. A grad dofir mir, als LSAP wéinstens, mir ënnerstëtzen déi ASBL, déi schaffen de Moment an engem komplette Benevolat, ech wëll dat hei eng Kéier soen, hei kritt kee Suen. An ech kann och nach eng Kéier erklären, wat eng ASBL heescht. Dat heescht, si hunn och net wëlles, Suen domadder ze maachen, si hunn hei wierklech wëlles, e flotte Projet draus ze maachen. Hier eenzeg Recetten, dat hunn ech gesot, sinn Donen. A mir wäerten dee Kontrakt och zu Enn lafe loossen. Mir hunn hinne jo en Delai gesat. Mir hu gesot, voilà, an zwee Joer. De Kontrakt leeft zwee Joer a mir wäerten dëse Kontrakt respektéieren an och bei der Echeance dann de Bilan maachen an eis dann dozou äusseren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane Di Bartolomeo-Ries, fir déi dote Stellungnam. Elo kann ee Member pro Partei, wéi virdrun och, Stellung huelen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech sinn nei an der Geschicht, da geheien ech mech dran. Dat hei ass jo e Projet, deen eng gewësse Geschicht huet a wou virun engem gudde Joer dat alles gestëmmt gouf, do war och déi Lénk net immens frou, net iwwert de Projet, mee iwwert den Oflaf. Soe mer elo mol esou, aus gewëssene Grënn, zum engem, well en Haus, wat jo eigentlech virgesi war, fir abordabele Wunnraum dran ze schafen, ass ëmfonctionéiert ginn. De Projet war an der Press, éier de Gemengerot Bescheed wosst. Et war och, ech mengen am Nachhinein stellt een dat vläicht nach éischter fest, schonn am Ufank war vläicht net ganz kloer, virun allem net fir jiddereen, a wéi eng Richtung de Projet sollt goen, Entreprisen, Schoulen, Refugiéen, et war esou ... voilà. Ech mengen, et war net jidderengem ganz bewosst.

Déi Diskussioun deemools, déi hunn ech mer mol nach eng Kéier ugelauschtert, an och d'Kommunikatioun dono war elo net onbedéngt ëmmer extreem respektvoll vis-à-vis vun der Oppositioun an dowéinst hunn ech och gëschter, wou ech dat nogelauschtert hunn, nach eng Kéier verstanen, dass do eng gewësse Roserei ge-

herrscht huet, virun allem an de Reie vun der Oppositioun. Ech hunn d'Gefill, dass déi dote Roserei nach ëmmer e bësse ronderëm schwieft an an där Roserei och déi Motioun hei gestëmmt ginn ass. Voilà. Dat zu der Geschicht. Elo si mer awer an enger anerer Situatioun. Zum enge sëtzen hei aner Leit a virun allem, mir sinn elo an där Situatioun, wou mer sinn, nämlech dee Projet ass do, déi ASBL ass do, déi huet elo hire Sëtz do a fir eis ass et schonn eppes aneres ze soen, OK, mir sinn eigentlech net dofir, dass dat Haus do ëmfonctionéiert gëtt, mir hätte gären do soziale Wunnraum geschaf, mee wann awer elo déi ASBL do ass an déi mécht e Projet an esou wéi ech dat verstanen hunn, huet deen awer Succès, dann ass dat och wichteg Aarbecht, déi do gemaach gëtt, do si mir awer och net der Meenung, dass mer do elo einfach kënnen deenen de Kontrakt resiliéieren an déi do erausgeheien.

Ech selwer, ech sinn net wierklech aus deem Secteur. Ech hu mech och gefrot, ob den Term Therapiehaus, dass dat immens large ass. Ech hunn aus der Äntwert vum Schäfferot op d'Froe vun der CSV erausgelies, et ginn effektiv esou Aktivitéite gemaach wéi therapeutesch Fotografiesatelieren, therapeutesch Mol- a Schreifaktivitéiten, mee ech hunn awer d'Gefill, dass de Gros vun den Aktivitéiten elo éischter Froe vu sozialem interkulturellem Zesummeliewe sinn, esou dass dat kann awer och u mengem Verständnis leien, dass de Fokus net onbedéngt op deenen Therapiefroen ass, esou dass mer eis einfach gefrot hunn, wann dat doten elo weiderleeft, wier et net awer vläicht un der Zäit, ech weess net, en Avenant zu deem Kontrakt ze maachen, fir verschidde Saache méi kloer ze formuléieren, virun allem wann och elo dat am Projet schéngt méi kloer ze ginn, a wéi eng Richtung de Projet geet.

Wann ech richteg verstan hunn, dann ass déi Fro vun der Konventioun, da kënnt dat jo och nach an dann ass dat jo vläicht alles méi kloer, da kéint een do vläicht d'Saachen e bëssen ëmformuléieren, dass et net méi esou zweedeiteg Saache sinn. De Punkt fënnef an der Motioun vun der CSV, deen huet eis och interpelléiert, wou mer eis einfach gefrot hunn, sinn déi Raimlechkeeten all adaptéiert, well dat ass jo och einfach eng Fro vun der Responsabilitéit vun der Gemeng, falls do soll eppes geschéien. Do erëm d'Fro, mussen do vläicht Saachen einfach regulariséiert ginn a jee nodeem vläicht en Avenant gemaach ginn, sachant, dass de Kontrakt jo d'nächst Joer dann eigentlech op en Enn kënnt, soen ech elo mol, an da muss jo gekuckt gi, wéi et weidergeet. Wann et soll drop erauslafen, dass de Projet soll weiderlafen, da kann ee vläicht awer dee Moment dann d'Saache méi kloer formuléieren.

Dir hutt eraushéieren, ech hunn elo probéiert, hei ganz fair a sachlech ze argumentéieren, connaissant, dass vill Emotiounen an deem ganzen Dossier dra sinn. Mir wäerten dës Motioun net matstëmmen a mir hoffen einfach, dass mer elo kënnen e bësse méi positiv do weidergoen, dass awer dee Projet dann einfach esou regulariséiert gëtt, wéi e leeft, an et ass jo och e wichtege Projet. Ech mengen, do si mer eis jo eigentlech alleguerten eens. A wann deen elo ka positiv viru lafen, ech mengen, dann huet jidderee gewonnen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Natierlech kënne mer eis der Madamm Thoma ganz uschléissen. Et ass effektiv e ganz emotionale Projet, mat deem wat do ugebuede gëtt, déi Aktivitéiten, déi do gemaach ginn, dat ass natierlech immens sënnvoll, immens interessant an immens wichteg, datt esou Saachen iwwerhaapt, datt et esou Saache ginn, datt esou Saachen ugebuede gi, wéi gesot. Ech erënneren drun, mir haten am leschte Gemengerot, wou mer de Sujet haten, effektiv dogéint gestëmmt, mee et ass ëmmer wierklech kloer ze betounen, mir stëmmen net géint e Projet, mir haten dee Moment géint einfach de Principe gestëmmt, datt mer an engem Wunnquartier sinn, et ass eng Maison unifamiliale, einfach déi do Saachen, déi och haut esou thematiséiert goufen an déi awer nach ëmmer schéngen net ganz kloer ze sinn.

Dofir, ech widderhuelen net nach eng Kéier all déi Saachen, déi gesot goufen. Wéi gesot, mir schléissen eis wierklech lech alleguerten un, well déi eng hu Recht, déi aner hu Recht, eis ass et wichteg, an ech mengen, lech allegeurten och, datt mer do definitiv Kloerheet an deem Projet kréien, well, ech mengen och eng CSV ass natierlech vill fir déi Aktiounen, wéi se do oflafen, dass einfach prinzipiell verschidde Saachen net ganz, ganz propper sinn, also net ganz kloer sinn. Ech muss och soen, genau esou wéi d'Madamm Thoma, ech si guer net aus deem Beräich an esou wéi mir den Dossier gelies hunn, schéngen do och zwou Aktivitéiten ze sinn. Engersäits natierlech déi Aarbecht, déi geleescht gëtt mat den DPIen, etcetera, mee anersäits ginn awer och Therapien ugebueden a wéi gesot, do si mir ganz wäit ewech. Ech mengen, den Här Steffen och. An do hate mir eis einfach déi Fro gestallt, wéi gesäit de Collège médical dat Ganzt, mat deenen zwou Aktivitéiten a mat de Psychotherapien? Et ass wierklech eng Fro, fir dat Ganzt besser ze verstoen.

An déi Propos, déi mir hätten, dat wier, firwat huele mer den Dossier do net an eiser Kommissioun op, also d'Commission des actions sociales, a wou vläit och déi Leit kënnen eng Kéier sur place komme fir dat eng Kéier am Detail ze erklären. Vläit kann ee jo gewësse Saache klären. Wat eis och intresséiert hätt, ass, wéi finanzéiert sech déi ganz ASBL. Vläit och do déi Konten ze gesinn, à huis clos, oder ech weess et net, mee dat sinn awer Saachen, déi awer interessant wieren. An, voilà, dat gesot bräichte mir vläit méi Transparenz an eis feelen am Moment nach wichteg Informatiounen awer fir déi Motioun ganz mat oder dogéint ze stëmmen, dat ass awer en heikelt Theema. Et sinn och vill Saachen elo wierklech op de Moment gesot ginn a wou et schwéier ass, an deem Sënn, elo direkt esou ze tranchéieren, an dofir géing ech einfach am Numm vun eis Grénge soen, datt mer eis géifen elo enthalen. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, fir Är Stellungnam.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Wéi gesot, wéi dat deemools hei am Ge-

mengerot gestëmmt gouf, do war ech selwer nach net Member vum Gemengerot, ech war awer hei als Visiteur, an ech muss soen, ech war deemools e bëssen erstaunt, dass dat effektiv schonn an de Medien ze liese war, bevir et hei gestëmmt war. Nichtsdestotrotz hat d'Madamm Di Bartolomeo-Ries deemools gesot, dass dat hei en Häerzensprojet vun hir wär, an ech hu gesot, da gi mer deem mol d'Chance, fir ze kucken, wat dat gëtt a jidderee vun eis weess, dass d'Projeten sech entwéckelen. Ech hu gelies, dass 150 Leit wéchentlech an dat besoten Haus do ginn, déi gi jo net dohinner, well se soss näischt anescht ze dinn hunn, mee déi ginn dohinner, well se et dann och brauchen. An ech sinn ëmmer do, wa Leit Hëllef néideg hunn an se sollen déi dann natierlech och kréien.

E weidert Haus fir abordabele Wunnraum wär natierlech super, mee et ass jo net, dass déi Diddelenger Gemeng näischt mécht, fir esou Haiser erbäizekréien, respektiv ëmzebauen. Wat natierlech interessant wär, dat wär, wann een e Rapport d'activités eng Kéier kënnt liesen, wat alles do gemaach gëtt. Ech mengen, dat ass och fir eis als Gemengerot ganz wichteg. Ech mengen, et si jo och Bierger, déi op eis duerkommen an eventuell Besoinen hunn an da kéint een se dee Moment dann un d'JuMa-House, also respektiv elo Sourrire weiderleeden. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Sinn nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, ganz kuerz, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet alles gesot, wéi et ass. Ech kann nëmme soen, dass mir als Office social och eng Visite do gemeet hunn. Mir schaffen och als Office social mat hinnen deelweis zesummen. Et ass impressionant, wat déi Dame, déi hannert Iech sëtzt, mat hirer Frëndin oder déi Fra, déi och nach dobäi ass, wat déi do leeschten. Dat ass Wansinn. Eis Leit waren impressionéiert, dass e Mënsch esou engagéiert ka schaffen, an och nach fir näischt. An ech muss éierlech soen, dat ass wierklech en Häerzensprojet, also och bei eis, wierklech, wann ee gesäit, déi Leit do, déi do zirkuléieren, wéi gesot, do gëtt da geschwat vu Massenauflauf. Neen, dat ass effektiv opgedeelt, mee wéi déi do schaffen, dat ass awer alles an den Normen.

Ech mengen, mir haten effektiv nach eng Kéier elo mat eisem Sécherheetsmann, mat dem CGDIS an esou weider an esou fort nach eng Kéier nogehakt, dat ass alles OK, also wat d'Infrastruktur do ubelaangt. An ech denken, loosst där doter Damm mat hirer Frëndin eng Chance, fir dass se elo an deem nächste Joer dat wat nach bleift ka beweisen, an ech sinn iwwerzeegt, dass dee Rapport d'activités, deen Dir elo grad ugeschwat hutt, Säite wäert fëllen. Dir kënnt Iech och, firwat net, mol eng Kéier vläicht eng Kéier um Terrain selwer iwwerzeegen, wat do geleescht gëtt. Dann hu mer awer och elo nach, wéi gesot, e Projet, dee mer mat eise Leit um Office social ausgeschafft hunn, dee mer an a fir sech sollte selwer maachen, mee do awer Schwieregkeeten hunn, fir do och eng ASBL draus ze grënnen. Mee mir hunn effektiv elo wëlles, dann der Sourrire asbl dëse Projet ze ginn, deen dann och viséiert, fir dann d'TUCen, notamment dann och e bësse méi vläicht hei vun Diddeleng, méi spezifesch do ze placéieren. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Zuang.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also, mir enthalen eis bei dëser Motioun vun der CSV, well d'Associatioun Sourrire mécht an hirem Haus Betreiung fir Leit an Nout a mir sinn och der Meenung, datt dës Struktur soll bäibehale ginn. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Spagnuolo.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Jo, Merci fir d'Wuert. Betreiung vu Leit a Leit an Nout an de Benevolat. Ech mengen, do brauch ee kee Bashing vun der CSV ze maachen, fir ze soen, dass dat Saache sinn, déi mir gutt fannen, mee wat mir hei eeben net gutt fannen, dofir hu mer déi Motioun hei gemaach, hei ass eng Regularisatioun vun engem Projet a posteriori, dat heescht, im Nachhinein, an dat fanne mir einfach net gutt. A mir stinn nach ëmmer derhannert, dass et net ideal ass oder iwwerhaapt net richteg war, fir e grousst Eefamilljenhaus ëmzewidmen an en Therapiehaus oder wéi och ëmmer, an ech fannen déi Excusen, déi do gesot gi si, wéini da elo wat, also, wann ech héieren, de 16. Dezember 2022 gouf eng Demande eragereecht, do ass d'Fro, wien huet konnten eng Demande maache fir e Changement d'affectation vun engem Eefamilljenhaus fir e Projet social, wéi och ëmmer.

Also wéi gesot, ech verbidde mer awer och bëssen, ze soen hei, mir hei, ech wéisst net wat Benevolat wier, ech mengen, solle mer ufänken, President vun der Croix Rouge Diddeleng, President vun der Fondation Pro Familia, Engagement, also, sidd net domm elo, gell, also dat fannen ech elo wierklech e bësse perséinlech.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Also Neen, Madame Kayser, bis elo ass nach alles gutt gelaf...

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : ... jo, neen, ech soen, ech soen et just, ech soen et just, neen, ech soen, ech soen et just, ech hu elo just gesot, basht eis hei elo net, well ech mengen, do kéinten och aner ... Also, wéi gesot, wat mir just hei net gutt fannen an dofir hu mer déi Motioun eraginn an dat war déi Äntwert, déi schrëftlech Äntwert op eis Froen, dat war eng Steilvorlage fir déi Motioun hei. Do war ganz kloer erauskomm, dass d'Ënnerschreiwe vun den Akten, déi waren eréischt gi ginn, wéi schonn eng Aktivitéit, net eng Aktivitéit vu psychologescher Betreiung, mee en Usufruit war awer schonn do, well fir ab 1. Januar steet am Kontrakt, hat déi Firma schonn, da hat déi ASBL en Usufruit an dat, Dir kënnt et elo dréinen a kéieren, wéi Dir wëllt, dat ass eng a Régularisation a posteriori vun engem Projet, dee vläicht ganz valabel ass, ech kann dat net soen, well mir hu jo keng Donnéeë näischt.

An, wéi gesot, wat mer absolut net an der Rei fannen, dat ass, dass mer einfach en Eefamilljenhaus, dat fir Logementer virgesi war, ëmgewidmet hunn, an do sinn ech och e bëssen erstaunt, dass den Här Zuang dat elo einfach esou hinhëlt, mee bon, dat ass eng aner Saach. Hie war iwwregens bei deem Vote de leschte Kéier net hei, dat wollt ech och just soen, dat hu mer eis nämlech och e bësse gefrot, firwat. Mee bon, also mir halen un eiser Motioun op jidde Fall fest a mir si frou, mir si frou, mir si frou, dass mir e Suivi kréien. Ech däerf mer awer nach eng Fro erlaben: Wann déi Konventioun zu Enn leeft, gedenkt de Schäfferot, do hätt ech gär eng kloer Ausso, dëse Projet an deem Lokal weider ze finanzéieren, a wéi vill Fraise kommen dann do op eis duer? Well dat ass och ugeklongen an der Äntwert hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Da géif ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn an da ginn ech och elo e puer Punkten an.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Also, ech mengen, datt ech alles gesot hunn. Just vläicht Demande, Dossier, hei huet keen eng Demande eraginn, mee den Dossier ass opgemaach ginn am Bauteservice, ob ech elo Demande oder Dossier gesot hunn ...

[ONVERSTÄNDLECH TËSCHEFRO] ... Wien huet dann déi Demande ...

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo. Mee mir sinn eropgaangen a mir hu gefrot, wou läit dat Haus, a wat fir enger Zon läit dat Haus?

[ONVERSTÄNDLECH TËSCHEFRO] ... Wien...?
JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech. Ass dat ok? Däerf ech dat, ass dat erlaabt? Ok. Dat ass gutt, da sinn ech frou. Bon, just nach ee Wuert, mir soen hei, jo, mir maachen eng Wunneng, soziale Wunnengsbau, dat ass richteg. Wa weider de Portier dra gewunnt hätt, dann hätt kee Mënsch en Hoer an der Zopp fonnt. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane Di Bartolomeo-Ries. Ech wëll hei op e puer Punkten, agoen. Ech stelle fest, dass d'Diskussioun, déi mer hei gefouert hunn, ronderëm déi dote Motioun, bis elo zum Schluss nach ganz korrekt war an dass hei awer e ganz staarken Ecart ass, deen ass, fannen ech, zimmlech respektlos. Ech mengen, et kann ee mam Fong vun deenen Iddien net d'accord sinn, hei Membere vum Gemengerot als domm duerzestellen, also dass se sech net als domm solle stellen, ech mengen, léif CSV, Dir hutt jo eraushéieren, unhand vun de Stellungnamen awer, déi hei am Gemengerot waren, dass Dir awer par rapport zu Ärer Positioun zimmlech isoléiert do stitt. Dat ass emol e Fakt. An dat wäerte mer och herno am Kader vum Vott gesinn, dofir, Enthalung respektiv dogéint. Wat déi Modifikatioun vun der oder respektiv d'Ausstellung vun der Baugeneemegung ugeet, et ass alles selon les règles de l'art geschitt, Dir insinuéiert hei, wéi wann dat net de Fall gewiescht wier, well wär de Projet ab inizio net autorisabel gewiescht, wäre jo am Fong déi insgesamt Demarchen iwwerhaapt guer net gemeet ginn, fir e Changement d'affectation ze maachen. Dat ass mol dat éischt.

An zweetens, wat mer wierklech ganz sauer opstéisst, mee vläit ass dat deen neien Tenor vun der CSV, Dir frot hei, dass dee Kontrakt opgeléist gëtt. Zu kengem Moment hunn ech an där Motioun héieren, wat da mat deene Leit, dat ass jo déi eng oder aner Kéier ugeklongen, wat da mat deene Leit, sief et déi TUCen oder déi 150 Leit, déi iwwer déi ganz Woch dohinner ginn, wat mat deene Leit geschitt, wat mat deene Mënsche geschitt, wat mat deenen Individue geschitt, dat ass Iech anscheinend net wichteg, ma dem Gros, dem Gros hei am Gemengerot ass et wichteg, mee Iech schéngt et net wichteg ze sinn, an dat weist, wéi wäit Dir als CSV mat Äre chrëschtlech soziale Valeure komm sidd, mee vläit ass dat déi nei CSV, déi sech hei ganz kloer weist, och hei zu Diddeleng. Ech mengen, et ass dat, wat ech hei kloer wëll soen an, wéi et weidergeet, mir loossen eis hei net vun der CSV dreiwen. Hei hu mer e Kontrakt, dee geet weider bis zum Schluss, mir hunn hei e legaalt Engagement, si mer agaangen, a mir wäerten natierlech mat der ASBL Sourrire, le moment venu, e Bilan zéien a kucken, ob et weidergeet oder net weidergeet oder an enger anerer Form weidergeet, mir loossen eis hei vun Iech net dreiwen. Punkt.

Dëst gesot, géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. ***A wéi dat klassesch bei enger Motioun ass, wien ass fir dës Motioun? Fir dës Motioun, et ass ëmgekéiert dës Kéier. Dat ass d'CSV. Wien enthält sech bei dëser Motioun? Den ADR an déi Gréng. Wien ass géint dës Motioun? D'LSAP, d'DP an och déi Lénk.***

# 12. FROEN UN DE BUERGER-MEESCHTER A SCHÄFFEROT



DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dëst ass eng Fro vun deene Gréngen. An hei geet et ëm „Commune sans tabac". An do géif ech dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Voilà. Déi Gréng hunn der e follgend Fro gestallt, déi se gären an den nächste Gemengerot setzen. Wëssend, dass Fëmmen aktiv wéi passiv ongesond ass fir d'Biergerinnen an d'Bierger an d'Gesetzer vum 11. August 2006, 18. Juli 2013 an 13. Juli 2017 d'lëtzebuergesch Gesetzgeebung zur Bekämpfung vum Tubakskonsum duerstellen, sou ginn et ëmmer nach vill Leit, déi trotz de Risiken, déi et fir ee selwer a seng Matmënsche bedeit, fëmmen, ob ee fëmmt oder net, ass Privatsaach, bis zum Moment, wou et fir Drëtter kann zum Probleem ginn. Esou stelle mer fest, dass d'Preventioun de Kanner an de Jonken hëlleft, se virun der Gefor vum Fëmmen ze schützen a verhënnert, dass si aktiv domat ufänken. Et ass esou, datt d'Gemenge Suessem Réiser, Déifferdeng, Esch, Mamer a Schëffleng rezent de Bronze-Label vun der Aktioun Génération sans tabac vun der Fondation Cancer kritt hunn, d'Gemeng Diddeleng huet schonn éischt Schrëtt ënnerholl a sech mat der Fondation Cancer zesummegesat.

Dozou hu mer follgend Froen. Strieft Diddeleng d'Erreeche vum Label Génération sans tabac un? Am Fall wou, wéini ass mam Bronze-Label ze rechnen. Wëllt d'Gemeng Diddeleng op de Wee vun enger Goldzertifizéierung kommen, wa jo, wéini ass heimat ze rechnen, a wann Neen, wisou net? Ech kann déi Froe ganz kuerz beäntwerten. Strieft Diddeleng d'Erreeche vum Label Génération sans tabac un, respektiv, ass och mam Bronze-Label ze rechnen, also jo, mer wëlle gär Bronze, wéini, dat weess ech net, Gold, jo, dat wëlle mer, wéini, weess ech och net. Firwat soen ech dat, weess ech net, well et hei net drëm geet, fir bei Olympesche Spiller méi schnell, méi héich a méi wäit, hei geet et drëms, eng Campagne ze maachen, wou mer d'Biergerinnen an d'Bierger mat an d'Boot wëllen huelen an si informéieren a sensibiliséieren an net hei Mordikus esou schnell e Label ze kréien. Dat ass eng Fro, déi sech fir mech net stellt, an déi fënneft Fro souwisou net.

Trotz Megot-Poubellen a Littering-Verbuet ginn nach ëmmer vill Zigarettestëmp op de Buedem gehäit, wou se zu der Buedem- a Waasserverschmotzung bäidroen. Och ass d'Ewechgeheie vun Zigaretten e Risiko fir Wunnengs- an Hausbränn, ewéi och virun allem am Summer fir d'Bëschbränn an awer och fir Verbrennunge vun Drëtten op Manifestatiounen. Dozou hu mir follgend Froen: Ass domat ze rechnen, dass d'Gemengecampagne Zéro mégot vum 7. Juni 2020 ausgedeent gëtt? Gi weider Piktogrammer bei d'Kanalisatioun och an de Wunnquartieren op strategesche Plaze gesprayt, wou drop higewise gëtt, dass d'Zigarettestëmp net sollen an de Gulli gehäit ginn? Gëtt dru geduecht, weider Poubellen opzestellen, fir d'Zigarettestëmp eventuell mat Erkennungstafelen un dëse Poubellen op d'Waasserverschmotzung an d'Problemer hinzeweisen, do äntweren ech dräi Mol mat Jo. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Wann eng Fro net beäntwert gouf, kënnt Dir nach eng Kéier op déi Fro agoen, mee net nei Froen, gell? Ech mengen, dat ass de Kader vun de Froen, déi mer hei hunn. Wann elo eng Fro net beäntwert gouf, kënnt Dir nach eng Kéier nohaken, et ass awer net dee Moment fir nei Froen ze stellen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech wëll just kloerstellen, all Froe goufe beäntwert, dofir wierklech e grousse Merci. Ech wollt just kloerstellen, dat mir da bei där Aktioun do matmaachen, Génération sans tabac. Well, ech erklären Iech vläicht just de Kontext, ech hu keng weider Froen, also keng nei Froen an deem Sënn. Mir wollten u sech eng Motioun virbereeden, fir d'Gemeng am Fong opzefuerderen, dat ze maachen, do dobäi ze sinn, an ënnert anerem déi Saachen, déi elo gesot goufen, mat de Megoten, mat klenge Pancarten a mat klenge Grafiken um Buedem „Ici commence l'océan" oder „la mer", wéi een och wëll, fir einfach déi Sensibilisatioun ze maachen,

An dunn, muss ech awer och soen, hu mir méindes um 14 Auer, well et huet een eng gewëssen Zäit, fir eng Motioun eranzereechen, hu mer bei der Fondation Cancer ugeruff an si hunn eis informéiert, datt d'Gemeng scho Kontakt opgeholl hat mat hinnen, virun dräi Wochen, mengen ech, an datt déi amgaange sinn, ze kucken, mee en attendant si net wousste genau, wou mer dru wieren. Voilà, an dofir hu mir u sech eis Motioun a Froen ëmgewandelt, well mir fannen dat immens wichteg an et ass immens gutt, dat ass scho proaktiv, wat Dir gemaach hutt, mee dat war eis ursprénglech Iddi, fir eng Motioun ze maachen, fir opzefuerderen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, fir nach eng Kéier Är Grënn duergeluecht dann ze hunn, fir dann eng Fro gestallt ze hunn amplaz eng Motioun. Merci. Da wäre mer zum Schluss ukomm vun der Séance publique an da géife mer an de Huis clos iwwergoen. •



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 25. JULI 2024

## 1. URBANISMUS

**Approbatioun vum Projet de modification ponctuelle vum PAG – Plan d'Aménagement Général – Parties écrite et graphique, betreffend 5 Modifications ponctuelles vun der Partie graphique an der Zone verte a vum Artikel 4 vun der Partie écrite (DOSSIER 4) a vum Projet de modification ponctuelle vum Plan d'Aménagement particulier « quartier existant » (PAP QE) – Partie écrite a Plan de repérage, betreffend 5 Modifications ponctuelles vum Plan de Repérage vun der Partie écrite (DOSSIER 4), dee Folgendes ëmfaasst: PAG – Decisioun iwwert d'Parties écrite et graphique PAP QE – Decisioun betreffend de Plan de repérage an d'Partie écrite**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif lech ganz häerzlech haut begréissen. Ech géif mat de Formalien ufänken, wat d'Kompositioun vum Gemengerot ugeet. Do hunn eng Rei vu Memberen eng Procuratioun ginn. An do hu mer d'Procuratioun virleie vum Claudia Dall'Agnol, dat dem René Manderscheid eng Procuratioun gëtt. De Marc Meyer, dee mir selwer, also dem Dan Biancalana eng Procuratioun gëtt an d'Martine Bodry-Kohn, dat dem Romain Zuang eng Procuratioun gëtt.

Ma mir hunn de Gemengerot hei aberuff, well am Kader vun der leschter Gemengerotssitzung den 12. Juli e formelle Feeler, also e Fong-Feeler opgefall ass, deen am Fong d'Ofstëmme vun engem Punkt, also vun engem Deel vum Punkt 4.4., also am Kader vum Urbanismus, am Kader vum PAG, dann och de Vott ongülteg gemeet huet, well an deem Kontext en Interêt bestanen huet vum Här Gangler par rapport zu engem Vott. Wou hien zwar physesch net am Raum war, mee wou hien awer eng Procuratioun ofginn huet. A mir sinn effektiv dorobber opmierksam gemeet ginn, dofir och och nach eng Kéier Merci der Madame Thoma, fir dann deementspriechend och haut dee Vott nach eng Kier virzehuelen a fir och do dat en bonne et due forme ze maachen.

Ech wollt nach eng Kéier op de Punkt agoen. Dat ass jo dann am Fong den Dossier 4, ëm deen et jo dann hei geet am Kader vun der Modification ponctuelle vum PAG. De Site Wolser, Zone d'activité économique nationale, an dann de Bau vum CGDIS ass hei net betraff. Betraff ass effektiv 23, Rue Dr Orphée Bernard, dat ass um Niveau vun der Waldschoul, dat ass NeiSchmelz an dat ass am Fong deementspriechend Rue du Nord. An dat sinn déi 4 Punkten, wou mer e formelle Vott hei mussen dofir huelen, fir dat Ganzt och auszebijelen, a virun allem, ech mengen dofir hu mer och sou schnell wéi méiglech dëse Gemengerot aberuff, well jo d'Modification ponctuelle vum PAG an der Prozedur ass, fir och deementspriechend dësen Dossier hei net ze blockéieren a fir och déi néideg Regularitéit ze hunn. Dat fir nach eng Kéier kuerz de Kader ze erklären, firwat mer haut just dee Punkt um Ordre du jour hunn an och dee Vott widderhuelen. An dofir géif ech nieft den Erklärungen, déi ech hei ginn hunn, direkt zum Vott iwwergoe wat den Dossier 4 ubetrëfft, respektiv déi 4 Voleten, a géif da proposéieren, hei ofzestëmmen.

***Wien ass mat deene 4 Volete vun deem doten Dossier averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci fir deen dote Vott.***

Mir wäerten dat elo effektiv an d'Prozedur schécken, vu dass elo hei keng Irregularitéit ass an d'Regularitéit ganz kloer besteet, sou dass dann och deemnächst déi néideg Prozedure kënnen ageleet ginn ronderëm d'Modifications ponctuelles vum PAG. Dat war et fir de Mueren. Ech soen lech villmools Merci fir Är kuerz Presenz mee wichteg Presenz. An, wéi gesot, nach e puer schéi Vakanzewochen a -méint. Merci. •

# CITY APP DUDELANGE

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

NEW VERSION




DOWNLOAD

App Store

Google Play

## LA CITY APP DE LA VILLE DE DUDELANGE FAIT PEAU NEUVE

Maintenant encore plus rapide, plus informative et plus conviviale.

## DIE CITY APP DER STADT DÜDELINGEN IM NEUEN LOOK

Jetzt noch schneller, informativer und benutzerfreundlicher.